ass vis-à-vis vun engem Problem. De Problem ass jo d'Aarmut an net déi Arem.

Mä anerersäits ass et och nach en Instrument, wat relativ geféierlech kéint ginn, well et kéint jo nach ausgeweit ginn, fir sous aucune forme de procès, ouni Protokoll kënnen, deemno wéi, Leit oder Gruppe vu Leit vun enger Plaz op déi aner ze bewegen. An ech mengen, och déi leschte Kéier, wou mer doriwwer geschwat haten, hat den Här Kartheiser jo och schonn drop opmierksam gemaach, datt een dat vläicht kéint nach ausdeenen. An ech weess net wou: vläicht fir Manifestatiounen, oder deemno wéi, wou Indésirabeler wieren?

Ech mengen, dat wier eng ganz geféierlech Saach. D'autant plus, datt et net protokolléiert gëtt an datt et schwéier gëtt fir déi Leit, déi betraff gi vun esou engem Platzverweis, fir iwwerhaapt dergéintzegoen oder dat ze kontestéieren.

Aus all deene Grënn wäerte mir selbstverständlech och géint dës Motioun stëmmen. Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun iwwert d'Motioun ukomm. D'Wuert huet de Minister fir déi bannenzeg Sécherheet, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir et ganz kloer ze soen, fir op d'Argument vum Här Kartheiser emol ze äntwerten, wat déi organiséiert Heeschebanden ugeet: Do ass dat Mendicité en réunion an dat ass e Fait pénal, dat ass eng penal Infraktioun. A géint déi hu mer e Gesetz, fir dergéint virzegoen.

Mir schwätzen hei oder d'CSV schwätzt hei zënter Woche vun deenen normalen, einfachen Heescherten, déi hei duerch d'Stad oder an anere Stied sëtzen a géint déi mer musse virgoen.

An ech soen Iech et: Mir hunn dräi Artikelen, déi ech Iech hei nach eng Kéier wëll rappeléieren, fir wann déi Heescherten aus der Roll falen. Et gëtt nun emol den Artikel 37: Wa se géint den Ordre public sinn oder géint d'Sécurité publique sech behuelen, da kann d'Police agräifen an da kann d'Police se bis zu zwielef Stonnen aspären.

Et ass och esou, dass mer den Artikel 29 vum Kabaretsgesetz hunn. Dat erlaabt bei Leit, déi op der Strooss pöbelen, déi doduerch, dass se Alkohol consomméiert hunn, fir Onuerdnung oder fir Gefor suergen, sief et fir sech oder fir anerer, dass d'Police do och kann agräifen.

Da gëtt et den Artikel 5 vum Transportgesetz vun 2009, deen der Police erlaabt, d'Leit, déi sech am ëffentlechen Transport, am Zuch donieftbehuelen, fir déi erauszesetze respektiv se souguer aus de Garen ze verweisen.

Dee Platzverweis hei, deen elo gefuerdert gëtt, dee gëtt et jo an Däitschland. Elo nenn ee mir hei eng Stad an Däitschland, déi doduerjer elo kee Problem méi mat Clocharden huet! Dat gëtt et net! Dat ass ee falsche Moyen. Deen hëlleft net.

An ech soen et nach eng Kéier, a meng Virriednerinnen hunn et gesot: Et ass e soziale Problem, an deem soll ee sozial begéinen an net anescht.

An ech warne virdrun, dee Platzverweis einfach esou aus populistesche Grënn aféieren ze wëllen, well Dir dierft eppes net vergiessen: Dee gëllt net nëmme géint Clocharden! Dee gëllt herno fir jiddwereen. An deen erlaabt herno all Polizist, jiddwerengem e Platzverweis ze ginn, vun deem hie mengt, dee géif net dohigehéieren, wou e grad steet.

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Ech fannen déi Qualifikatioun vun „populistesch" hei inakzeptabel, wann Der se hei bréngt.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Lauschtert mer no, Här Wiseler, Dir kënnt gären herno soen, wat Der wëllt!

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Ech hunn dat elo gesot, fir datt et kloer ass.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ech soen Iech: De Platzverweis, wann e gëllt, da gëllt e fir jiddwereen an net just fir d'Clocharden.

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Majo selbstverständlech!

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Net just fir d'Clocharden, däers soll jiddweree sech bewosst sinn. An dofir soen ech nach eng Kéier: Kommt, mir ginn net hin, fir aus populistesche Grënn Stéck fir Stéck eis Biergerrechter hei opzeginn! Mir gesinn an Europa…

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Also Är Äntwert ass populistesch, net dat, wat mir proposéieren. Är Äntwert ass et!

(Brouhaha général)

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ech soen Iech, Här Wiseler, d'CSV, déi Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei soll sech schummen dofir…

(Protestations)

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Dir sollt Iech schumme fir déi Aart a Weis, wéi Der hei Äntwerte gitt!

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* …soll sech schummen…

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).-* Populistesch wéi eng Sau!

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Dir sollt Iech mam Sujet a mat de Problemer dobausse beschäftegen, an net mat deem doten…

Une voix.- Dir hutt de Monopol vun der Sozialpolitik!

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Här Wiseler, mat mir a mat där heiter Regierung gëtt net un de Biergerrechter geschnëppelt, an och net un deene vun deenen Ärmsten hei am Land.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Léist Dir, wann ech gelift, d'Problemer dobaussen, anstatt hei esou ze schwätzen!

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Stellt Iech emol d'Fro, Här Wiseler - well mir hate jo eng interessant Diskussioun an der Chamberskommissioun, den Här Mosar huet gesot: „Elo schwätze mir schonn 20 Joer doriwwer" -, da stellt Iech emol d'Fro, firwat Äre Virgänger dat doten ni wollt! Da stellt Iech emol d'Fro, firwat deen dat ni agefouert huet! Dat huet jo awer Grënn!

An ech weess och d'Äntwert, firwat Dir et elo wëllt:…

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).-* Ech weess genau, firwat…

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* …aus reng populistesche Grënn!

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).-* Neen, neen, neen!

(Exclamations et brouhaha général)

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ech soen Iech, ech soen Iech, mir hunn an dëser Regierung vill Diskussiounen iwwert d'Sécherheet vum Land gefouert am Kader vum internationalen Terrorismus. Mir hu vill Gesetzer geännert, fir der Police all déi Moyenen ze ginn, déi se brauch, fir géint den Terrorismus virzegoen. An ech mengen, wa mer elo higinn, oder wann d'CSV elo higeet a mécht, wéi wann déi puer Clocharden, déi duerch d'Stied bei eis sëtzen,…

M. Claude Wiseler *(CSV).-* …mat de Leit schwätzen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* …déi gréisste Gefor vu Lëtzebuerg…

(Interruption)

…wären, da muss ech soen, da muss ech soen, dann ass dat eppes, wat mech och beschäämt, wéi d'Madamm Loschetter gesot huet.

Mir hunn den Artikel 37.

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Dat ass populistesch a lächerlech, wat Der do sot.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.-* D'Juridictiounen hunn deen Artikel ausgeluecht, d'Police huet nei Richtlinne kritt, wat se domadder ka maachen. Loosst dat emol wierken! A pour le reste nach eng Kéier: Eng Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei…

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Kuckt emol, wat d'Polizei seet!

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.* …sollt sech vläicht e bëssen anescht verhalen an esou enger Diskussioun.

Merci.

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Dat ass populistesch a lächerlech, dat do.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Elo weess ech emol, wat Populismus ass!

(Hilarité et interruptions diverses)

Une voix.- Dat seet zwar elo dee Falschen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Sou, ech mengen, mir kommen elo zur Ofstëmmung, fir dass d'Gemidder sech erëm berouegen!

Vote sur la motion

Ech géif d'Ofstëmmung elo lancéieren.

Déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

26-mol Jo a 34-mol Neen. Domat ass d'Motioun net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass eng gemeinsam Diskussioun vum Projet de loi 6977 iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit an dem Projet de loi 6974 iwwert d'Apatriden. Mir féieren déi Diskussioun zesummen nom Modell 2. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice, d'Madamm Viviane Loschetter. Madamm Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

3. 6977 - Projet de loi sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de:

1. la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise;

2. la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et prénoms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise

6974 - Projet de loi portant approbation de

1. la Convention sur la réduction des cas d'apatridie, conclue à New York le 30 août 1961;

2. la Convention européenne sur la nationalité, conclue à Strasbourg le 6 novembre 1997;

3. la Convention du Conseil de l'Europe sur la prévention des cas d'apatridie en relation avec la succession d'États, conclue à Strasbourg le 19 mai 2006

Rapports de la Commission juridique

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.-* Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, steet d'Acquisitioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit am Ufank vum Integratiounsprozess vun enger Persoun, déi Lëtzebuerger gëtt, oder ass d'Recht op e Lëtzebuerger Pass eng lescht Etapp vun dëser Integratioun an d'Gemeinschaft vun de Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger? Oder muss ech net éischter soen: eng lescht Etapp vun dëser Integratioun an d'Gemeinschaft vum Lëtzebuerger Land?

Well wat stellt haut d'Gemeinschaft vum Lëtzebuerger Land duer? D'Gemeinschaft vum Lëtzebuerger Land stellt haut 53,3% Lëtzebuerger Bierger a Biergerinnen duer. Ënnert deene 46,7% net Lëtzebuerger Matbierger fanne mer 170 verschidden Nationalitéiten erëm. 86% vun hinnen all kommen aus aneren europäesche Länner. An der Haaptstad liewen haut 69,85% net Lëtzebuerger Résidenten. An dëse Prozentsaz fanne mer och an de Spillschoulen a Primärschoulen erëm, Tendenz kontinuéierlech steigend.

Just fir e Verglach hierzestelle mat onsen Nopeschlänner: A Frankräich liewe plus ou moins 8% auslännesch Matbierger. An der Belsch sinn et der ongeféier 10%. Mir liewen an engem klenge Land vu knapp 2.600 km² zu e bësse méi eléi 576.000 Awunner. A virun allem si mer e Land, wou säit 2010 all Joers eng knapp 10.000 Leit nei an d'Land wunne kommen: wunne kommen meeschtens, fir hei ze liewen, fir eng Famill ze grënnen oder déi mat der Famill heihinnerkommen.

Insgesamt ass onst Land e gutt Beispill vun engem grousse Mateneeliewen. Esou gi mer op jiddwer Fall vun anere Länner wouergeholl. Op Franséisch nennt sech dat „vivre ensemble" oder „cohésion sociale". An dës zwee Terme sinn de Corollaire vun onser Multikulturalitéit oder vun onser Pluralitéit vun onser Gesellschaft zu Lëtzebuerg. Dat friddlecht Zesummeliewen an enger Gesellschaft, déi dobäi esou villfälteg ass, ass dat wäertvollst Gutt, wat mer hei am Land hunn.

An Zäiten, wou et näämlech drëms geet, onst Land zesumme weiderzëentwéckelen, nei Richtungen ze definéieren, ass et wichteg, jo, souguer onëmgänglech, datt all Bierger a Biergerin an dësem Land sech concernéiert fillt, wéi mir ons fir d'Zukunft, fir déi nächst Generatiounen opstellen. A sech concernéiert fillen, heescht matschwätzen, et heescht awer och matdécidéieren.

D'Lëtzebuerger Nationalitéit gëtt engem dat Recht, fir matzedécidéieren. D'Lëtzebuerger Nationalitéit gëtt engem souguer d'Flicht matzedécidéieren. Dat Recht, um nationalen Niveau wielen ze goen oder sech enger Wahl ze stellen, ass säit dem Referendum aus dem Joer 2014 en Thema, wat onst Land beschäftegt. Fir also um nationalen Niveau aktiv oder passiv bei politeschen Entscheedungen derbäi ze sinn, muss ee weiderhin déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, respektiv och hunn.

Dat ass e kloert Signal vun 80% vun der Lëtzebuerger Wielerschaft, déi am Juni 2014 op dës Fro vum Referendum geäntwert huet, eng kloer Äntwert vu ronn 40% vun de Résidents vun dësem Land. An dës zwee Prozentsätz hunn ons, d'Volleksvertrieder aus der Chamber, praktesch dozou verflicht, fir déi demokratesch Participatioun un déi demografesch Realitéit vum Land unzepassen.

Déi gréisst Erausfuerderung war, fir dës Upassung ze garantéieren am Respekt vun der Suerg ëm d'Lëtzebuerger Identitéit engersäits, mä och an der Unerkennung vun den Integratiounsbeméiunge vun den net Lëtzebuerger Bierger anerersäits.

Ech menge kënnen ze soen haut an hei, datt eis dësen Exercice gelongen ass. De Wee vun dësem Projet de loi ass a mengen Aen dës Kéier bal gradesou wichteg eléi säin Inhalt.

Dës Regierung, vertrueden duerch de Justizminister Braz, huet de Wee uginn, andeems net direkt e Projet de loi déposéiert ginn ass, mä en Avant-projet de loi proposéiert ginn ass. All Parteien, déi am Parlament vertruede sinn, sinn invitéiert ginn, sech aktiv an d'Gestaltung vun dësem Projet de loi matanzebannen.

D'Zil vun onser Démarche war et, e gréisstméigleche Konsens ze fannen, well erkannt ginn ass, datt et wichteg ass, datt mer dat friddlecht Zesummeliewe weiderhi bewaache mussen, mä och well erkannt ginn ass, datt mer net méi laang kënnen an enger Gesellschaft liewen, wou geschwënn eng Minoritéit iwwer eng Majoritéit entscheede kann. A schlussendlech och, well mer wëllen, datt déi Leit, déi hei am Land liewen a schaffen an och zum Räichtum vum Land bäidroen, och solle matbestëmme kënnen, wat mat deem erschaffte Räichtum geschitt.

Ech war scho ganz fréi an der Gestaltungsphas matagebonnen, an haut als Rapportrice vun dësem Projet de loi wëll ech ënnersträichen, datt ech net wéineg houfreg dorop sinn, wéi mer alleguerte konnten zesummen dat Zil erreechen. Mir kënnen, denken ech, haut vun engem gemeinsame Projet schwätzen.

Kloer, et goufen Differenzen am Kontext vun dësem Sujet, mä mir hunn et fäerdegbruecht, all zesummen e gemeinsamen Nenner ze fannen, e gemeinsamen Nenner, deen eng kloer Avancée duerstellt, fir dem net Lëtzebuerger Bierger entgéintzekommen a sengem Integratiounsprozess. E gemeinsamen Nenner, fir eng gréisser demokratesch Participatioun ze garantéieren. Dat stäerkt ons demokratesch Prinzipien an dat stäerkt och onse Rechtsstat. An dat stäerkt d'Chancëgläichheet.

Erlaabt mer dofir, all deene Parteien, déi aktiv um Konsens matgeschafft hunn, Merci ze soe fir dës Zesummenaarbecht, an dee gréisste Merci un den Initiator vun dëser Zesummenaarbecht: de Justizminister selwer.

Dëse Projet de loi ass de 24. Mäerz 2016 an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säin éischten Avis den 21. Juni 2016 ofginn an d'Commission juridique huet hir parlamenta-

resch Aarbecht de 24. Juni ugefaangen. An ech sinn och op deem Datum als Rapportrice genannt ginn.

Duerno hu mir weider un dësem Projet geschafft an notamment eng Rei Amendementer éischter technescher Natur redigéiert, déi den 3. Oktober dunn ugeholl gi sinn an de 27. Oktober vum Statsrot aviséiert gi sinn. De 16. November 2016 si weider technesch Amendementer an der Kommissioun guttgeheescht ginn, déi den 29. November 2016 vum Statsrot nach eemol aviséiert gi sinn.

Dunn, den 18. Januar 2017, huet d'Kommissioun nach eng Rei Amendementer guttgeheescht, déi op d'Suggestioune vum UNHCR redigéiert gi sinn. D'Commission juridique huet de Projet de rapport an hirer Majoritéit ugeholl, ënnert dem Virbehalt, datt de Statsrot déi lescht parlamentaresch Amendementer positiv aviséiert. De Statsrot huet dës Amendementer de 7. Februar positiv aviséiert. Den 8. Februar 2017, dat heescht gëschter Moien, ass e Projet de rapport complémentaire vun der Commission juridique majoritairement ugeholl ginn.

Mir hunn och den 19. Abrëll 2016 en Avis vun der Commission consultative des droits de l'homme kritt. Mir hunn den 9. Juni 2016 en Avis vun der Chambre des Salariés kritt, den 22. Juni en Avis vun der Chambre des Métiers, den 11. Juli en Avis vun der Chambre de Commerce an och den 11. Juli en Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics.

De 14. Oktober 2016 hu mer en Avis vun der Dateschutzkommissioun kritt an den 20. Dezember 2016 den Avis vum UNHCR. Et ass och précisément wéinst deem Avis vum Haut-Commissariat des Nations Unies pour les réfugiés betreffend d'Apatridie a méi prezis d'Rechter vun de Mineurs apatrides, datt d'Kommissioun d'Décisioun geholl huet, de Vott an der Chamber ëm eng dräi Wochen no hannen ze verleeën an nach eemol Amendementer dem Statsrot zoukommen ze loossen. Dir fannt all Detail betreffend d'Avisen a mengem schréftleche Rapport.

Den honorabelen Deputéiere Claude Wiseler hat de 24. Februar 2015 eng Proposition de loi iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit déposéiert, déi hien den 22. Dezember 2016 zréckgezunn huet, en accord mat onsem Konsens. Den honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser huet den 20. Mee 2015 och eng Proposition de loi déposéiert, déi hien den 18. Januar 2017 zréckgezunn huet, well de Contenu vu senger Proposition de loi an dëse Projet de loi matagefloss ass, näämlech an der Procédure d'option fir fräiwëlleg Zaldoten no engem Joer Déngscht.

Dëse Projet de loi, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, rektifizéiert eng Rei Dispositiounen, déi agefouert gi waren am Nationalitéitegesetz vun 2008, a reforméiert d'Nationalitéitegesetz mat neie Moossname respektiv mat adaptéierte Moossnamen, déi et schonns virun 2008 goufen: Den Délai de résidence geet erëm vu siwe Joer op fënnef Joer zréck. D'Procédures d'option, déi am Gesetz vun 2008 ofgeschaaft gi waren, ginn erëm agefouert - eelef am Ganzen. D'Konditiounen, fir de Sproochentest ze packen, ginn duerch e Kompensatiounsmechanissem méi locker reglementéiert. De Cours «Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg» geet vu 6 op 24 Stonnen erop an et gëtt d'Méiglechkeet agefouert, fir entweder an d'Coursen ze goen oder sech engem Examen ze stellen. Et huet een also de Choix.

Mir ënnerscheeden an dësem Projet de loi zwou Grondlinnen: den éischte Cas de figure, wou een automatesch d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt, an den zweete Cas de figure, wou ee muss en Acte volontaire maachen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien.

Déi Fäll, wou een automatesch déi Lëtzebuerger Nationalitéit kritt, fanne mer am éischte Chapitre «De l'attribution de la nationalité luxembourgeoise par le seul effet de la loi» an de Sektiounen 1 bis 4 erëm.

Ass oder gëtt Lëtzebuerger: éischtens e Mineur, vun deem ee vun den Eltere Lëtzebuerger ass;

zweetens e Mineur, vun deem ee vun den Eltere Lëtzebuerger gëtt - dat zielt och fir d'Adoptioun oder am Fall vun enger Apatridie;

drëttens e Mineur, deen zu Lëtzebuerg op d'Welt komm ass a vun deem ee vun den Elteren och zu Lëtzebuerg op d'Welt komm ass, awer net Lëtzebuerger Bierger ass. Dat ass de sougenannten «double droit du sol» oder «droit du sol de la deuxième génération».

An dëse grad genannte Fäll zielt dat Recht op d'Lëtzebuerger Nationalitéit och am Fall vun enger Adoptioun oder enger Apatridie. An an dëse genannte Fäll ass d'Gesetz réckwierkend gülteg fir jiddwereen, deen nach Mineur ass beim Akraafttriede vum Gesetz, geplangt den 1. Abrëll 2017.

Den Artikel 6 vun dësem éischte Chapitre befaasst sech mat deem neien Droit du sol de la première génération. Gëtt automatesch Lëtzebuerger bei der Majoritéit all Persoun, déi zu Lëtzebuerg gebuer ass, wa si, éischtens, fënnef Joer direkt an onënnerbrach virun hirer Volljäregkeet zu Lëtzebuerg gewunnt an och zu Lëtzebuerg gelieft huet, an, zweetens, vun där op d'mannst ee vun hiren Elteren oder Adoptivelteren zu Lëtzebuerg gewunnt an op d'mannst zwielef Méint onënnerbrach virun der Gebuert zu Lëtzebuerg gelieft huet.

Dës duebel Konditioun ass schlussendlech zréckbehale ginn, fir dat, wat gären „tourisme de naissance" genannt gëtt, ze ënnerbannen. Allerdéngs zielt dës zweet Bedéngung eréischt fir all déi Mineurs, déi nom 1. Juli 2013 gebuer sinn. Dat, well onst Land iwwer keng Date vu virdru verfüügt a wëssend, datt de Registre national des personnes physiques eréischt mam Gesetz vum Juni 2013 den 1. Juli 2013 en vigueur getratt ass.

Schlussendlech fanne mer am Chapitre 1 och nach déi méi rar Fäll vun enger Possession d'état erëm. Mir kënnen, denken ech, dovun ausgoen, datt déi Mineurs, déi am Chapitre 1 beschriwwe ginn, de Gros vun deene jonke Leit wäerten ausmaachen, déi hei op d'Welt kommen an hei grouss ginn a wahrscheinlech hei hiert Liewe wäerte maachen. Dës jonk Leit ginn an Zukunft automatesch Lëtzebuerger respektiv och Lëtzebuerger. Si kréien domadder déi Rechter a Flichten, déi hinnen et erlaben, sech an d'demokratescht Liewen aktiv a passiv anzebréngen.

Am Chapitre 2 «De l'attribution de la nationalité luxembourgeoise à la suite d'un acte de volonté» fanne mer all déi Cas-de-figuren erëm, wou een net automatesch déi Lëtzebuerger Nationalitéit kritt, mä wou ee sech fräiwëlleg dorëm beméie muss. Dozou gehéieren d'Naturalisatioun, déi verschidden Optiounen an de Recouvrement.

De Chapitre 2 befaasst sech och mat de Konditiounen a Prozedure vun dëse Méiglechkeeten. Dorop wäert ech elo net agoen a verweisen éischter op mäi schréftleche Rapport. Et sief awer ënnerstrach, datt dës Mesuren net réckwierkend wierken.

Ier ech op déi verschidde Mesuren aginn, erlaabt mer nach, op de Sproochentest an de Cours «Vivre ensemble», déi an dësem Chapitre 2 definéiert sinn, anzegoen. De Sproochentest besteet aus zwee verschiddenen Tester, déi allen zwee obligatoresch sinn. Déi zwee Tester bleiwe beim selwechte Schwieregkeetsgrad ewéi bis elo: den Niveau A2 fir d'Schwätzen an den Niveau B1 fir d'Verständnis vun der Sprooch.

Nei ass d'Kompensatiounsmesure. Mir gi bei dëser Iwwerleeung dovun aus, datt eng Persoun ëmmer besser eng Sprooch versteet wéi si se kann aktiv schwätzen. An dofir préconiséiert dëse Projet de loi, datt de Sproochentest gepackt ass, wann een den Test an der Expression orale A2, dat heescht am aktive Schwätzen, gepackt huet. Sollt ee beim Test am Schwätzen net d'Halschent vun de Punkten hunn, sou kann een déi feelend Punkten am Verständnistext kompenséieren. Et huet een de Sproochentest schlussendlech gepackt, wann een op d'mannst d'Halschent vun de Punkten huet. Et gëtt och no uewen opgeronnt. Et ass e bësse wéi an der Schoul. Den Institut national des langues ass zoustänneg fir alles, wat a Relatioun mam Test steet an domat ze dinn huet.

De Cours «Vivre ensemble» huet eng besonnesch Bedeitung a gëtt substanziell adaptéiert an dësem Projet de loi. D'Stonnenzuel geet näämlech vu 6 op 24 erop. De Cours besteet aus dräi Modullen: éischtens, e Module iwwert d'Grondrechter vun de Bierger a Biergerinnen, mat sechs Stonnen; zweetens e Module iwwert d'Gemengen an d'staatlech Institutiounen, mat zwielef Stonnen; an e leschte Module iwwert d'Geschicht vum Land an d'europäesch Integratioun, mat sechs Stonnen.

Et gëtt an dësem Projet de loi vill Wäert op d'Vermëttlung vun der Geschicht vum Land an op d'Organisatioun vun der Gemeinschaft zu Lëtzebuerg geluecht. Et muss een entweder un de Coursë participéieren oder, wann ee wëllt dës Zäit spueren, da muss ee sech engem Test stellen an deen och packen. Et huet een also de Choix. De Service de la formation des adultes ass fir d'Organisatioun vun de Coursen a vum Examen zoustänneg.

Et ass nach ze bemierken, datt de Minister kann op Demande d'Leit vun dem Cours an dem Examen dispenséieren. De Cours «Vivre ensemble» a säin Exame si gratis. De Minister kann op Demande a bis e gewëssene Plaffong d'Aschreiwungsfraise vum Sproochecours a vum Sproochentest rembourséieren. D'Bedéngungen dofir ginn an engem Règlement grand-ducal definéiert.

Fir eng Naturalisatioun unzefroen, muss eng Persoun éischtens Majeur sinn, zweetens wärend fënnef Joer am Land gewunnt a gelieft hunn, dovunner ee Joer direkt virun der Demande onënnerbrach am Land gewunnt hunn. Et muss een de Sproochentest gepackt hunn an de Cours «Vivre ensemble» matgemaach hunn oder den Exame gepackt hunn.

D'Naturalisatioun gëtt bannent aacht Méint per Arrêté ministériel accordéiert. Haut si mer ongeféier bei der Prozedur an enger Moyenne vu véier bis fënnef Méint. De Minister kann d'Naturalisatioun refuséieren, wann eng vun de genannte Konditiounen net erfëllt ass, wa falsch Aussoe gemaach gi sinn oder verschidde Fakten net ernimmt gi sinn oder wann eng Fraude an der Prozedur virläit. Oder wa beim Kandidat zu Lëtzebuerg oder am Ausland eng Prisongsstrof vu mindestens engem Joer oder mindestens zwee Joer mat Sursis virläit an d'Enn vun der Strof op manner ewéi 15 Joer zréckzeféieren ass. De Minister kann net nëmmen, mä e muss se da refuséieren.

Mir féiere mat dësem Projet de loi erëm eelef verschidde Mesuren an, fir iwwert d'Optioun d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze froen. D'Optioun ass eng Procédure simplifiée et accélérée, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. D'Prozedur vun der Optioun leeft iwwert den Officier de l'état civil a wéckelt sech a maximal véier Méint of. D'Notifikatioun vun der Déclaration d'option gëtt vum Officier de l'état civil iwwerginn. De Minister muss d'Déclaration d'option annulléieren, wann déi gesetzlech Konditioune vun der Optioun net erfëllt sinn oder wann eng Fraude virläit. D'Annullatioun gëtt och vum Officier de l'état civil weiderginn. Wann eng Annulation d'option virläit, gëtt de Minister direkt dobäi och e Verbuet weider, fir eng Demande en naturalisation, de recouvrement oder eng nei Optioun unzefroen, an dëst wärend 15 Joer. De Minister ka gegebenenfalls och zousätzlech Informatioune froen.

Eng Persoun, déi eng Demande d'option gemaach huet, kann net aus dem Land verwise ginn, bis d'Annullatioun definitiv ass. D'Optioun ass méiglech an eelef verschiddene Fäll:

- éischtens, fir eng erwuesse Persoun, wann en Elterendeel Lëtzebuerger ass oder war an d'Nationalitéit net weidergeleet ginn ass;

- zweetens, wann e Grousselterendeel Lëtzebuerger war a se net un d'Eltere weidergeleet gi war;

- drëttens, fir en Elterendeel vun engem Lëtzebuerger Mineur, wann e fënnef Joer am Land gewunnt a gelieft huet, dovunner dat lescht Joer virun der Demande onënnerbrach, an de Sproochentest gepackt huet an de Cours «Vivre ensemble» matgemaach huet oder gepackt huet (veuillez lire: oder den Exame gepackt huet);

- véiertens, fir eng Persoun, déi e Lëtzebuerger bestit oder eng Lëtzebuergerin bestit, wa se de Sproochentest gepackt huet an de Cours «Vivre ensemble» matgemaach huet oder den Exame gepackt huet. A wann d'Koppel net zu Lëtzebuerg wunnt a lieft, zielt eng Klausel vun dräi Joer Mariage. Dës Klausel zielt allerdéngs net, wann de Conjoint oder d'Conjointe am Ausland eng Fonctioun ausüübt fir d'Land oder fir eng international Organisatioun;

- fënneftens, vun zwielef Joer un, wann een am Land gebuer ass a wann ee fënnef Joer am Land gewunnt a gelieft huet, dovunner dat lescht Joer virun der Demande onënnerbrach, a wann ee vun den Elteren oder Adoptivelteren op d'mannst zwielef Méint virun der Gebuert onënnerbrach am Land gelieft a gewunnt huet.

Hei wëll ech preziséieren, datt mir och hei eng Disposition transitoire aféieren, déiselwecht wéi beim Droit du sol de première génération bei der Naturalisatioun. Och hei zielt déi zweet Bedéngung net fir all déi, déi virum 1. Juli 2013 gebuer sinn.

- Sechste Fall, fir eng erwuesse Persoun, déi op d'mannst siwe Schouljoer duerchgaangen ass an enger ëffentlecher Schoul oder an enger privater Schoul, déi d'Programmer vun der ëffentlecher Schoul enseignéiert, a wa se op d'mannst zwielef Méint onënnerbrach am Land wunnt a lieft direkt virun der Demande;

- siwente Fall, wann eng erwuesse Persoun, déi op d'mannst 20 Joer am Land wunnt a lieft, an dovunner dat lescht Joer virun der Demande onënnerbrach, 24 Stonne Sproochecoursë matgemaach huet;

- aachte Fall, fir eng Persoun, déi all hir Engagementer vun engem Contrat d'accueil et d'intégration vollzunn huet, a wa se fënnef Joer am Land gewunnt a gelieft huet, dovunner dat lescht Joer virun der Demande onënnerbrach, an de Sproochentest gepackt huet an de Cours «Vivre ensemble» entweder matgemaach huet oder den Test gepackt huet. An dësem prezise Fall vum Contrat d'accueil et d'intégration brauch de Module iwwert d'Geschicht vum Land, deen dës Persoun schonns an hirer Prozedur vum Contrat d'accueil gemaach huet, net nach eng Kéier widderholl ze ginn.

- Den néngte Fall ass fir eng Persoun, eng erwuesse Persoun, déi virun hirer Majoritéit op Lëtzebuerg wunnen a liewe komm ass, wa se fënnef Joer am Land wunnt a gelieft huet, dovunner dat lescht Joer virun der Demande onënnerbrach, an de Sproochentest gepackt huet an de Cours entweder matgemaach huet oder den Exame gepackt huet.

- Den zéngte Fall ass fir eng erwuesse Persoun, déi Apatride ass oder déi de Statut vum Demandeur de protection internationale kritt huet, wa se fënnef Joer am Land gewunnt a gelieft huet, dovunner dat lescht Joer virun der Demande onënnerbrach, an de Sproochentest gepackt huet an de Cours entweder matgemaach huet oder den Exame gepackt huet.

- An den eeleften a leschte Fall ass fir en Zaldot, deen op d'mannst ee Joer am gudden Déngscht wor.

Schlussendlech beschreift d'Sektioun 4 aus dem Chapitre 2 d'Bedéngungen, fir d'Nationalitéit par recouvrement ze kréien. Am Artikel 39 gëtt de Recouvrement esou definéiert: «Le recouvrement de la nationalité luxembourgeoise est ouvert au majeur ayant perdu la qualité de Luxembourgeois.» D'Prozedure sinn äänlech wéi bei der Optioun.

De Projet de loi erweidert awer d'Rechter op de Recouvrement. Et wäert och méiglech ginn, e Recouvrement wierken ze loosse fir all Persoun, déi d'Nationalitéit verluer huet, dat heescht, och wa si hir Nationalitéit iwwer Naturalisatioun, Optioun oder selwer Recouvrement kritt hat.

De Chapitre 3 befaasst sech mat den Nimm, Virnimm, der Transpositioun an de Prozeduren dovun. De Chapitre 4 beschreift d'Dispositiounen, d'Konditiounen an d'Prozedure vun der Perte a vun der Déchéance vun der Lëtzebuerger Nationalitéit. De Chapitre 5 beschreift d'Kompetenze vum Officier de l'état civil. De Chapitre 6 befaasst sech mat der Preuve vun der Lëtzebuerger Nationalitéit. De Chapitre 7 befaasst sech mam Contentieux. De Chapitre 8 befaasst sech mat méigleche Konflikter mam Gesetz.

De Chapitre 9 beschreift d'Dispositions particulières. An dësem Chapitre fanne mer och an den Artikele 85 a 86 déi Dispositiounen, déi d'Mesure-transitoiren definéieren, applikabel bei Gebuerte virum 1. Juli 2013.

De Chapitre 10 befaasst sech mam Traitement des données, e Chapitre, dee méi spezifesch vun der Dateschutzkommissioun analyséiert ginn ass. De Chapitre 11 beschreift d'Dispositions abrogatoires an transitoires. An de Chapitre 12 beschreift d'Dispositions finales an notamment d'Entrée en vigueur fir den 1. Abrëll 2017.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen awer och haut - an da kommen ech zum zweete Projet de loi, Här President - iwwer…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Loschetter, Dir sidd elo bei 30 Minutten, 31 Minutten.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.*- Här President, mir hunn hei zwee Projet-de-loien an ech maachen de Rapport vun deenen zwee zesummen.

Mir stëmmen haut of iwwert de Projet…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, bon…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.*- Jo, ech hunn nach zéng Minutten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass awer net esou festgeluecht gewiescht an der Conférence des Présidents. Wann d'Chamber domat d'accord ass,…

(Brouhaha général)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.*- Här President, ech maachen hei…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- … well da misste mer näämlech och alle Riedner,…

(Brouhaha)

…da misste mer sämtlechen anere Riedner och déi duebel Riedezäit ginn. Also, ech wollt just…

Une voix.- Et ass jo décidéiert!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.*- Här President, ech maachen hei de Rapport vun zwee Projet-de-loien. An ech sinn elo beim zweete Projet de loi...

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, mir hunn eng Rallonge,…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.-* …an ech brauch dofir…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* …et si schonn zéng Minutte Rallonge, Här Kox.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.-* Jo, ech brauch och nach zwou Minutten, Här President,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Okay.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.-* …ausser ech géif de Rapport vun deem zweete Projet de loi net maachen!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Also,...

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Dat kann net sinn!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.-* Dat kann net sinn!

Sou! Mir stëmmen haut och of, war ech amgaangen ze zielen, iwwert de Projet de loi 6974,…

(Brouhaha)

…e Projet de loi, deen ons erlaabt, d'Convention sur la réduction des cas d'apatridie, och „Convention de New York" genannt, vun 1961 ze ratifizéieren, mä och d'Convention européenne sur la nationalité vun 1997 an d'Convention du Conseil de l'Europe sur la prévention des cas d'apatridie en relation avec la succession d'États vun 2006 ze ratifizéieren.

Dëse Projet de loi ass den 23. Mäerz 2016 an der Chamber déposéiert ginn. Den 12. Abrëll 2016 ass en Avis vun der Commission consultative des droits de l'homme komm. De Statsrot huet dëse Projet de loi de 24. Mee 2016 aviséiert. Ech sinn de 14. September Rapportrice vun dësem Projet de loi genannt ginn. Den 3. Oktober 2016 huet d'Commission juridique eng Rei Amendementer adoptéiert, déi den 11. Oktober 2016 vum Statsrot aviséiert gi sinn.

Den 20. Dezember 2016 ass dunn den Avis vum Haut-Commissariat des Nations Unies pour les réfugiés komm, an de Rapport ass de 25. Januar 2017 ugeholl ginn. Dëse Projet de loi fënnt seng Retombée am Projet de loi iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit a méi prezis, andeems mer d'Rechter vun den apatridë Persounen a virun allem d'Rechter vun den apatridë Mineurë besser gesetzlech ancréieren.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir Äert Nolauschteren. Et war e bësse méi e laange Rapport. Mä ech mengen, Här President, datt mer net all Dag an der Chamber en neit Nationalitéitegesetz stëmmen, an dofir soen ech Iech Merci fir Är Gedold, Är Toleranz an Äert Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Ech soe selbstverständlech och der ganzer Chamber Merci fir déi Toleranz. Mä ech hätt awer gär, dass déi nächste Kéier an deem dote Fall ganz kloer d'Riedezäit fixéiert gëtt. Ech mengen, hei war d'Chamber duerch d'Wichtegkeet d'accord, mä hei war net ofgemaach, wëll ech awer nach eng Kéier soen, dass et eng Riedezäit fir dat Duebelt vun engem Modell 2 wier. De Modell 2 ass festgehale ginn, well mer hei zwee Projete matenee behandelen. D'Chamber war bereet, eng Rallonge ze ginn. Mä déi Rallonge soll sech awer an de Limitten halen. An dofir insistéieren ech, dass bei där nächste Kéier ganz kloer eng Riedezäit festgeluecht gëtt a wéi laang déi Rallonge soll sinn.

Merci.

An da géife mer zum éischte Riedner kommen, deen de Claude Wiseler ass vun der CSV. An ech wäert och déiselwecht Indulgence mat alle Riedner hei an dëser Diskussioun hunn.

Plusieurs voix.- Ah!

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Dat ass léif, Här President. Mä ech soen Iech elo schonn, datt ech sécherlech meng Zäit net wäert alleguer gebrauchen zu dësem Sujet, well och elo all technesch Detailer gesot gi sinn an ech net nach eng Kéier wollt dorop zréckkommen.

Fir eis ass dat hei e ganz wichtege Sujet, well, wat mécht enger Persoun hir Identitéit en fin de compte aus? Et ass eng schwiereg Fro. Eng schwiereg Fro, op déi d'Äntwert genausou schwiereg ass an haaptsächlech och net ëmmer d'selwecht ass, well se an der Zäit heiansdo evoluéiert. Wann een et reng erofbrécht op eng administrativ Gepflogenheet, wat ass engem seng Identitéit? Wann Der dat ausfëlle musst op deene ville Formulairen, déi mer all esou dagdeeglech kréien: den Numm, de Virnumm, de Gebuertsdatum, de Gebuertsuert a schlussendlech d'Nationalitéit. Ob Der da Lëtzebuerger, Portugis, Fransous, Brasilianer, wat och ëmmer dohinnerschreift, et ass en Deel vun der Definitioun, wéi Der Iech gesitt respektiv wéi Der Iech no baussen duerstellt.

An haut - haaptsächlech zwësche Leit, déi eng europäesch Nationalitéit hunn - mécht et am Fong juristesch net méi vill Ënnerscheed, ob een elo Lëtzebuerger oder Fransous oder Italiener oder Portugis ass, an et lieft een hei zu Lëtzebuerg. Deen eenzegen Ënnerscheed ass d'nationaalt Wahlrecht a vläicht d'Méiglechkeet, an enger nationaler Équipe ze spillen, fir déi, déi da sportlech begaabt sinn. Ansonsten ass juristesch keen Ënnerscheed méi do.

An trotzdeem, och wann net vill Ënnerscheed do ass, da gesäit een awer, zum Beispill wann een op Facebook kuckt, vill Leit, déi dee léiwe Bréif, deen de Justizminister, den Här Braz, hinnen da schreift, wa se d'Nationalitéit kréien, déi deen dann huelen, eng Foto dovunner maachen a soen: „Juppi, elo sinn ech endlech Lëtzebuerger!", an dann Honnerte vu Congratulatiounen, Félicitatiounen, „Super!" a wat och ëmmer do hannendru kréien.

Juristesch bréngt et net vill méi oder wëllt et net méi vill méi heeschen. An trotzdeem, schonn eleng un deene klenge Saache gesäit een awer, wéi d'Leit dru gebonne sinn, wéi wichteg et fir si ass, datt se dee Pabeier hunn an datt se op déi Fro: „Wat ass Är Identitéit?" kënnen elo „Lëtzebuerger" äntwerten. A si si stolz drop, déi Äntwert kënnen ze ginn.

Wat a mengen Aen och signifikativ war, dat waren déi Zuelen, déi mer gesinn hunn, wéi 2008 déi Gesetzesännerung komm ass, wéi d'duebel Nationalitéit agefouert ginn ass, wou mer 2008 1.129 Fäll haten, wou d'Lëtzebuerger Nationalitéit gi ginn ass. An dat ass vun engem Joer op dat anert vun 1.100 op 4.000 an op 5.308 am Joer 2015 eropgaangen. Dat heescht, et vervéier- a verfënneffacht sech, well d'Leit d'Méiglechkeet haten, andeem se d'Lëtzebuerger Nationalitéit geholl hunn, hir Nationalitéit, un där se gehaangen hunn, déi se net wollten opginn, bäizebehalen an am Fong déi zwou Nationalitéiten ze hunn, wat hir Identitéit war. Well si waren net nëmmen eng, si waren der zwou, an et war wichteg, dat och esou bäizebehalen, hir Geschicht, hir Familljen, hir Traditiounen.

A vill Leit hunn d'Lëtzebuerger Nationalitéit net ugeholl, well se domat hätte missen hir Nationalité d'origine ofginn an den 70er, 80er, 90er Joren. Wann s de Lëtzebuerger wollts ginn - a mir hu Fäll heibannen -, wann s de Lëtzebuerger wollts ginn, da konnts de dat natierlech maachen, mä du hues awer missen, well mer d'duebel Nationalitéit net haten, déi Nationalité d'origine ofginn. A fir Verschiddener, notamment a Portugal, war et esou, datt, wann s de eng Kéier Portugis waars, datt s de déi portugisesch Nationalitéit net konnts verléieren.

Dat heescht, déizäit - ganz komesch Situatioun - hues de missen ënnerschreiwen zu Lëtzebuerg, datt s de elo Lëtzebuerger gëss, mä vu datt s de Portugis awer hues misse bleiwen an dat mam Lëtzebuerger Gesetz net méiglech war, datt s de deng portugisesch Nationalitéit ni méi géifs gebrauchen. A wann s de se géifs gebrauchen, da bass de drop opmierksam gemaach ginn, datt s de vun deem Moment un automatesch deng Lëtzebuerger Nationalitéit erëm géifs verléieren.

Woubäi ech mech ëmmer gefrot hunn, well déizäit ass d'Nationalitéit jo nach accordéiert ginn iwwert d'Chamber heibannen, iwwer eng Décisioun, déi dës Chamber geholl huet, wéi duerno eng Administratioun kéint dann eng Décisioun vun der Chamber einfach esou annulléieren. Mä gutt, dat ass vergaangen Zäit. Déi Décisioun ass eriwwer - oder déi Situatioun ass eriwwer. Mä et weist awer och, notamment déi Zuelen, dat Eropgoe vun den Zuelen, wéi wäit et wichteg war, datt d'Leit hir Realitéit och konnten iwwert d'Nationalitéit an iwwert d'duebel Nationalitéit benotzen.

An dann, vläicht eng aner Geschicht, déi och signifikativ an där doter Saach ass, well et eng Saach vu Gefiller jo awer ganz oft ass: Ech weess net, ob Der Iech erënnere kënnt, wéi an de 70er Joren, nodeem d'Diktatur a Portugal gefall war, 1974, vill Leit vun där Nationalitéit, déi zu Lëtzebuerg waren, geduecht hunn, et wär de Moment, d'Wallissen erëm all ze paken an an e Land zréckzegoen, wat fräi wär, wou d'Situatioun anescht wär, wou et sech besser géif liewen.

Vill hunn dat gemaach. An eng ganz Rei och sinn duerno erëm zréck op Lëtzebuerg komm, no enger Rei Méint, no een, zwee Joer, well se gemierkt hunn, datt mat all deene Joren, déi se schonn zu Lëtzebuerg virdru waren, Lëtzebuerg hir Heemecht gi war an datt se gär géifen hei liewen an datt am Fong hir Identitéit sécherlech dat war, wat se an der Jugend erlieft hunn, gesinn hunn, gespiert hunn, mä awer schlussendlech och ganz kloer an däitlech dat, wat déi Jore waren, wou se hei zu Lëtzebuerg waren, an datt se sech hei doheem géife spieren, hei géife gutt spieren, integréiert waren an och wollte Lëtzebuerger ginn. An dat sinn all déi, déi zu engem groussen Deel vum 2008er Gesetz profitéiert hunn, respektiv vun der Klausel, Lëtzebuerger kënnen ze ginn ouni Sproochentester a -konditiounen, wann ee virun 1984 schonn hei war.

A fir déi Leit war dat extrem wichteg, am Fong hir Realitéit, hir duebel Realitéit, dat, wat se sinn, dat, wat se gespiert hunn, dat, wat hir Geschicht war, och kënne ganz an der Realitéit ëmzesetzen: Frou, dat ze sinn, wat s de vum Origine waars, wat s de bass, wat s de net reniéiere kanns, a frou, dat ze ginn, wat deng nei Realitéit ass, an déi zwou Saache mateneen zesumme kënnen ze liewen an deng Zukunft dann domadder, duerch de Fait, datt s de Lëtzebuerger och konnts ginn, definitiv op Lëtzebuerg anzeschreiwen.

2015 hu mer d'Fro am Referendum gestallt iwwert d'Nationalitéit an d'nationaalt Wahlrecht fir Netlëtzebuerger. Déizäit hu mir gesot, datt mer et keng gutt Diskussioun géife fannen, well se géif riskéieren, dëst Land ze splécken. Ech kommen och net dorobber zréck. Mir sinn nach ëmmer bei därselwechter Meenung a mir fannen, datt dat och deelweis agetrueden ass. An d'Lëtzebuerger hu ganz kloer an däitlech Neen zu där Propositioun geäntwert.

A mir hunn zur selwechter Zäit als CSV-Fraktioun eng Proposition de loi déposéiert, baséiert op engem Projet de loi, deen de viregte Justizminister, de François Biltgen, abruecht huet, déi eng Rei vun deene fundamentale Punkten, déi fir eis wichteg waren, och schonn déizäit virum Referendum kloer gesot huet.

Mir hätten déizäit an haut och nach ëmmer gär de Prinzip vum Droit du sol agefouert, mat e puer Konditiounen, well mer einfach gesot hunn, datt d'Realitéit déi wär, datt jonk Kanner, déi hei op d'Welt komm sinn, wat fir eng Nationalitéit se och ëmmer hunn, déi hir Schoulen hei gemaach hunn, déi an de Veräiner hei waren, déi eis Sprooch schwätzen als zweet Mammesprooch, déi am Liewen total integréiert sinn, datt déi net bräichten déi Fro mat 18 Joer ze beäntwerten, ob se dann elo wéilte Lëtzebuerger ginn oder net, mä datt mer einfach solle soen: „Dir sidd Lëtzebuerger." Well en fin de compte se et och sinn, no deenen 18 Joer, déi se hei verbruecht hunn, an no deem Liewen, wat einfach e Liewen zu Lëtzebuerg war, wou d'Integratioun en Automatismus war. Si sinn einfach Lëtzebuerger. An eise Gedanke war ganz einfach: „Ma da kommt, mir soen et ganz einfach!" An een, deen et net wëllt, kann et jo nach ëmmer refuséieren.

Mir waren och der Meenung sengerzäit, datt ee kéint vu siwen op fënnef Joer erofgoen. Nodeem datt mer déi Experienz mat siwe Joer zwëschen 2008 an 2013 gemaach hunn an dat net vill Ënnerscheed war, ware mer där Meenung. Mir haten dat och schonn duerch de Gilles Roth am Numm vun der CSV 2012 an dem Débat d'orientation kloer an däitlech gesot.

Mir waren och sengerzäit fir eng Vereinfachung vun de Prozedure beim Mariage, an haaptsächlech fir d'Entbanne vun der Residenzklausel fir déi Netlëtzebuerger, déi sech mat enger Lëtzebuergerin oder engem Lëtzebuerger géife bestueden, aus engem Grond, deen an eisen Aen och kloer war: Well mer et normal fonnt hunn, datt ee géif Spezialklauselen aféiere fir Familljen, déi zesumme wären an déi et och normal empfannen, datt se alleguer deeselwechte Pass hunn, datt d'Mamm oder de Papp déiselwecht Nationalitéit, deeselwechte Pass wéi d'Kanner kann hunn, an datt een dat vläicht anescht kéint considéréieren, wéi dat am Gesetz vun 2008 de Fall war.

Mir waren och fir d'Bäibehale vum Prinzip vun de Lëtzebuergeschkenntnisser, obwuel mer an där Proposition de loi, déi mer gemaach hunn, eng Facilitatioun virgeschloen hunn, well mer einfach gesot hunn, mir wéilten dat der Realitéit, der reeller Situatioun upassen.

A mir hunn an där Propositioun och gesot, datt mer gär eng Klausel dran hätte fir déi Leit, déi 20 Joer a méi am Land wären, well mer deenen net nach wollten Tester an Examen zoumudden. Och einfach, ganz einfach aus Realitéitsgrënn, well mer wëssen, wéi d'Realitéit dobaussen ass, well mer wëssen, datt et heiansdo schwéier ass, wann s de 50, 60 Joer hues, dech nach engem Test ze stellen, dech nach esou ënner Beweis missen ze stellen. Well et schwiereg ass fir verschidde Leit, déi schonn heiansdo - net ëmmer, mä heiansdo - net vill an d'Schoul gaange sinn, well déi net gär Tester maachen. Wa mer déi an déi Obligatioun erandrécken, wou dann hir Familljen, hir Kanner, déi heiansdo grouss sinn, hinnen nokucken, a se sech och genéieren, wa se dat net géife packen, dat si Situatiounen, déi mer net wollten.

An dofir hu mer gesot: „Well déi Leit awer hiert Liewen hei wëllen zu Lëtzebuerg aschreiwen, kommt, mir ginn deenen eng Chance! A kommt, mir loossen déi dach an déi Gemeinschaft erakommen, wa se décidéieren, datt se dat wëllen! A wa se décidéieren, hir Zukunft an eisem Land anzeschreiwen an déi Joren, déi kommen, mat eis zesummen ze verbréngen, kommt, mer ginn hinnen déi Chance!"

Ech stelle fest, an dofir sinn ech ganz frou, datt eis Haaptpropositioune sech och an dësem Text erëmfannen. An dofir kënne mer och deen Text matdroen.

Mir haten eng Rei Diskussiounen an der Zwëschenzäit och mam Justizminister, an ech kommen duerno nach op déi Diskussiounen zréck, iwwer eng Rei Ausriichtunge vum Text, wat mer als eng Rei Detailproblemer oder -froen haut kënnen ugesinn, mä déi awer wichteg sinn. An ech kommen dorop zréck, well mer bei enger Rei Punkten, déi proposéiert gi sinn, och Nee gesot hunn.

Heiansdo liesen ech dann an den Zeitungen: „Et ass wéinst der CSV, datt mer net konnte méi wäit goen." Ech well zwar och e puer Explikatioune ginn, firwat mer mat e puer Punkten net konnten d'accord sinn. An ech wëll déi net am Parteipoliteschen, net an der Polemik maachen, mä ech wëll einfach d'Explikatioune ginn, firwat eng Rei Saache fir eis schwiereg waren.

Et war proposéiert ginn, e Principe du droit du sol ze maachen, wou ee kéint mat zwielef Méint Séjour wärend deenen 18 Joer schonn d'Lëtzebuerger Nationalitéit, wann een dann 18 Joer hätt, kréien. Ech kann dat verstoen. An ech mengen, datt och an der Realitéit an deene ville Fäll, déi sech presentéieren, déi dote Klausel net vill Ënnerscheed géif maachen, datt net vill Leit géifen drënnerfalen.

Ech soen awer: Fir eis war et wichteg, datt den Droit du sol deem géif entspriechen, datt mer u sech kéinte soen, datt mat 18 Joer déi Kanner, déi jonk Leit dann, déi dovunner profitéieren, och déi Integratioun gemaach hätten iwwert d'Lëtzebuerger Schoulen, iwwert d'Veräiner, iwwer wat och ëmmer, an datt déi Präsenz zumindest wärend fënnef Joer, déi se zu Lëtzebuerg gewiescht sinn, eng Noutwendegkeet wär, fir eis ze garantéieren, datt och déi Integratioun wärend där doter Zäit Realitéit gi wär. Dofir hu mer ganz einfach op déi fënnef Joer gehalen, well dat de Prinzip vun deem, wat mer am Droit du sol wollten, och zur Realitéit gi gelooss hätt.

Mir hunn och eng Diskussioun iwwert d'Condition-linguistiquë gehat. Ech wëll och do kloer soen: Mir haten zweemol an der Proposition de loi, déi mer gemaach hunn, den Niveau A2 an enger éischter Etapp virgeschloen. Den Här Biltgen sengerzäit hat eng Kompensatioun zwëschen dem Niveau A2 an dem Niveau B1 virgeschloen. Déi aner Propositioun, déi sengerzäit vun der Regierung komm ass, dat war, déi zwou Saachen zesummen ze maachen. Déi Solutioun, déi aktuell zréckbehalen ass, fannen ech am Nachhinein, wann ech dat alles kucken, eng richteg gutt Léisung, well se am Fong den Niveau, dee mer haten - Niveau A2 fir d'Schwätzen, Niveau B1 fir d'Nolauschteren - hält als Niveau, mä well se awer an der Realitéit vun deem, wat gefrot gëtt, getest gëtt, a wéi mer et ukucken, eppes Wesentleches changéiert. Dat heescht, datt den Test A2, wann s de dee gepackt hues, deen eenzegen ass, deen am Fong gekuckt gëtt.

An als een, dee fréier Sproochen enseignéiert huet, ass dat fir mech eng Normalitéit an eng Realitéit. Well wann s de um Niveau A2 schwätze kanns, dann ass et eng absolutt Normalitéit, datt däi Verständnis vun der Sprooch och dem Niveau B1 entsprécht. An dofir soe mer hannendrun: „Mä da loosse mer déi Realitéit, déi Sproocherealitéit och akzeptéieren a loosse mer d'Saachen net méi schwiereg maachen, wéi se scho fir verschidde Leit sinn!" Well eis Sprooch ass eis jo alleguer wichteg, mä si soll awer keng Barrière ginn. An d'Lëtzebuerger Sprooch soll Integratiouns-, Kommunikatiounssprooch sinn a soll am Fong eng Bréck sinn, datt mer mateneen eens ginn, an net de Contraire.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Mir waren och mat anere Punkten net d'accord, wéi datt virgeschloe ginn ass, datt mat aacht Joer scho kéint eng Akzessioun zur Lëtzebuerger Nationalitéit kommen, ouni en Test ze maachen. Zwar mat

enger ganzer Rei Coursen; ech hunn de Prinzip vun der Iddi och verstanen, mä mir waren domat net d'accord, ganz einfach, well mer dann net méi gesinn hunn, wien dann nach no fënnef Joer en Test géif maachen, wann s de no aacht Joer kee bräichs ze maachen.

A mir waren och net der Meenung, datt ee kéint fir Fonctionnairen, sollt fir Fonctionnairë spezifesch Konditioune schafen, well mer net gesinn, firwat e Fonctionnaire an dësem Fall hei sollt privilegéiert gi par rapport zu Leit, déi an der Privatwirtschaft schaffen. A mir waren och net d'accord, datt ee mat 75 Joer scho kéint éischter Lëtzebuerger ginn, wéi wann ee méi jonk wär, well mer do den Ënnerscheed net richteg agesinn hunn. A wat fir eis wichteg war, war déi Klausel vun 20 Joer Präsenz, an net den Alter.

Ech wollt dat explizéieren, net aus polemeschen, politesche Grënn, mä fir eis Positioune kloerzemaachen. Ech wëll awer hannendrusoen, datt déi Diskussiounen, déi mer mat der Regierung, an dësem Fall mam Justizminister gefouert hunn, extrem positiv Diskussioune waren. Net nëmmen, well se zu engem Resultat gefouert hunn, mä och, well se emol iwwerhaapt stattfonnt hunn, an och well, mengen ech, jiddweree sech bewosst war, wéi wichteg et wär, datt mer dës Diskussiounen op eng fair Aart a Weis géife féieren, mat der Zilsetzung, gemeinsam eng Léisung ze fannen.

Ech soe gär hannendrun: Géif d'Regierung - an ech komme jo net laanscht eng kleng Kritik - och an aneren Dossieren eis heiansdo mat u Bord huelen, da kéimen esou Diskussioune vläicht méi heefeg zum Virschäin an da kéinte mer och ganz anescht mateneen diskutéieren.

Op jidde Fall an dësem Dossier sinn ech dankbar, si mir dankbar fir déi doten Diskussioun, dankbar dofir nom Referendum, wou och jiddweree gespiert huet, datt mer eis et net nach eng Kéier kéinten erlaben, an dësem Land eng Diskussioun iwwert d'Auslänner, d'Präsenz vun Auslänner an d'Nationalitéit ze féieren, an datt et wichteg wär, datt esou vill wéi méiglech Parteien an enger korrekter Diskussioun e gemeinsame Projet géife fannen, well dat hei ee vun de sensibelsten Dossieren ass, well de Konsens an esou engem Dossier och dofir wesentlech ass.

An ech wëll just soen, datt déi konstruktiv Mataarbecht, déi eis Partei gewisen huet… Wann ech kucken, datt an aneren Dossieren, mir hunn dat och nogekuckt, d'Oppositioun (veuillez lire: déi fréier Oppositioun) géint d'Nationalitéitsgesetz gestëmmt huet, da wëll ech just soen, datt mer hei wierklech probéiert hunn, deem Souci hei gerecht ze ginn.

Et ass also wichteg gewiescht, hei e Konsens ze fannen. Mä eppes aneres ass an där heiter Thematik a mengen Aen och ëmmer wichteg. Dat ass, datt ee sech garantéiert (veuillez lire: datt ee sécherstellt) an esou Froe wéi där heiter, datt d'Akzeptanz vun deem, wat ee mécht, bei de Leit dobaussen och do ass.

D'Nationalitéitsgesetz ass vill geännert ginn an deene leschten 30, 40 Joer: 1968, 1975, 1986, 2001, 2008 an elo nach eng Kéier 2017. Et ass vill geännert ginn, well och dat Konzept vum Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg eppes ass, wat an der Zäit anescht gespiert gëtt, wat evoluéiert, a well et dofir net anormal ass, datt een heiansdo kuckt, ob een nach an der Mëtt vun der Gesellschaft läit.

An ech wëll net higoen, fir elo Riede vun deenen engen an deenen anere vun 2001 oder 2008 oder wéini och ëmmer hei virzeliesen, well souwuel bei der CSV wéi an anere Parteie fënnt een Aussoen - 1985, 2001, 2008 -, déi op anere Prinzipie berouen.

An ech soen och an dësem Sujet, datt et heiansdo och esou ass, datt ee ganz gutt soll oppassen, datt een eben op d'Akzeptanz kann zielen, an datt heiansdo Saachen, déi zu enger Zäit net méiglech waren, zéng Joer méi spéit als normal empfonnt ginn.

Ech ka mech erënneren, 2001, wéi mer iwwert d'duebel Nationalitéit scho geschwat hunn a wéi dat fir d'Éischt an der Diskussioun war, wat fir eng Diskussiounen an Däitschland sengerzäit waren a wat fir eng Diskussioun mer héchstwahrscheinlech, wa mer deen Text 2001 gemaach hätten, zu Lëtzebuerg kritt hätten, wann een dat mat der Briechstaang duerchgesat hätt. 2008 war d'Diskussioun eng ganz aner.

An ech soen datselwecht: Wa mir 2008 eng Diskussioun gehat hätten iwwer - déizäit hate mer se iwwert d'duebel Nationalitéit -, mä iwwert den Droit du sol dann, da wär d'Diskussioun iwwert den Droit du sol eng ganz aner gewiescht wéi déi, déi mer haut féieren, well haut och eng Akzeptanz vun dem Droit du sol do ass. An ech soen lech: A mengen Ae sinn déi heite sensibel Froen, déi ë eis Identitéit ginn, Froen, wou een als Politiker ëmmer muss kucken, datt een d'Gesellschaft hanner sech huet an déi Akzeptanz fënnt.

Eng Gesellschaft evoluéiert. D'Politik muss d'Gesellschaft begleeden. D'Politik muss heiansdo och d'Richtung uginn. D'Politik muss heiansdo och iwwerzeegen. D'Politik soll awer esou Reforme wéi dat heiten net mat der Briechstaang an net géint d'Gesellschaft duerchféieren. D'Politik soll dës Reforme maachen, wa se räif sinn a wa mer d'Leit kënnen op deem hei Wee mathuelen.

Ech soen et kloer, haut: Mir hätten dësen Text, sou wéi en hei läit, gäre gehat. Déi fréier Regierung huet e Projet de loi gemaach. Eis Fraktioun huet eng Proposition de loi gemaach. D'Regierung huet a ganz groussen Deeler déi wichteg Punkten, déi fir eis wichteg waren, iwwerholl, a mir fannen eis an dësem Text total erëm.

Den Denis Scuto beschreift a sengem Buch „La nationalité luxembourgeoise" e wéineg dat Hin an Hier, dat all Kéiers opkënnt, wann d'Nationalitéitsfro um Ordre du jour steet, dat Hin an Hier zwëschen op där enger Säit engem protektionisteschen, identitairen Débat an op där anerer Säit méi enger pragmatescher Approche, déi op d'Integratioun zou tendéiert.

Ech soen, datt dësen Text, esou wéi en haut ass, an der haiteger Zäit en Équiliber ass zwëschen deem engen an deem aneren, datt en d'Gesellschaft hanner sech huet an datt en Akzeptanz fënnt. An dofir stëmme mer dësen Text evidenterweis.

Nach e puer Aussoen, déi iwwert deen Text hei erausginn. Dës Diskussioun iwwert d'Integratioun wäert eis och nach an deenen nächste Jore begleeden, Froen iwwert d'Integratioun, Froen iwwert d'Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg. D'ailleurs huet déi Diskussioun eis an eiser ganzer Geschicht iwwert déi lescht 100, 150 Joer begleet: fir d'Éischt Lëtzebuerg als Land vun der Emigratioun a Brasilien, Argentinien an an d'Vereenegt Staten am 19. Jorhonnert, à partir vun 1890 awer vun der Immigratioun vun Däitschen, Italiener, Portugisen duerno.

An déi Fro vu Präsenz vun Auslänner war nach ëmmer eng Diskussioun hei zu Lëtzebuerg. 1910 hate mer scho 15,3% Netlëtzebuerger hei zu Lëtzebuerg liewen, wat fir déi Zäit en extrem héije Pourcentage war. A mir hunn et ëmmer iwwert déi Jore fäerdegbruecht, duerch eis Aart a Weis, wéi mer sinn, duerch och déi Politik, déi gemeinsam gemaach ginn ass, dat op eng Aart a Weis hinzekréien, wou jiddweree sech wuel an dësem Land ka spieren.

Wann ech elo d'Wuesstumszuele kucken - an ech fänken elo keng Diskussioun iwwer 1,2 Milliounen oder iwwer 800.000 Awunner hei un, mä trotzdeem, mir kréien e Wuesstum, ob et der elo 700.000 oder 800.000 sinn oder och méi -, da wäert déi Fro sech och nach an Zukunft a vläicht nach méi accentuéiert stellen, well dee Wuesstum maache mer jo net iwwert d'Natalitéit, dee Wuesstum wäert jo an deenen nächste Joren zu engem ganz groussen Deel iwwert d'Immigratioun kommen. An da musse mer eis och nach iwwert dësen Text eraus, dee mer hoffentlech haut gutt maachen an deen dann och gutt do ass, awer eng Rei Froe stellen: Wéi kréie mer déi Gesellschaft zesummen? Wéi behale mer se zesummen an deem Wuesstum, wat an deenen nächste Jore wäert kommen?

An dann, soen ech, sinn esou Saache wéi déi Campagne, déi d'Regierung elo mécht, fir sech anzeschreiwe fir d'Gemengewahlen, oder déi Plans communaux d'integration, déi gemaach gi sinn - an ech hätt am léifsten, si géifen an alle Gemenge gemaach ginn -, oder d'Iwwerleeungen iwwert d'Plaz vun de Commissionconsultativë vun den Auslänner, hir Missiounen, hir Zesummesetzung, oder d'Iwwerleeung iwwert de Conseil national des étrangers, iwwer seng Zesummesetzung, iwwer seng Missiounen, da sinn dat och nach Punkten a Sujeten, déi eis an den nächste Jore wäerte begleeden, wa mer musse kucken, datt mer garantéieren, datt dat Zesummewuessen, dat Zesummenhale vun der Gesellschaft och bei deem Wuesstum, dee mer an deenen nächste Jore kennen, och nach stabill bleift.

Dofir ass dëst Gesetz fir eis eng Noutwendegkeet. Mir wëllen, datt esou vill wéi méiglech Leit och sollen a wëllen dovunner profitéieren. Mir wëllen, datt esou vill wéi méiglech haiteg Netlëtzebuerger Lëtzebuerger ginn, déi Décisioun huelen, eis Sprooch schwätzen, eis Geschicht kennen. An eis Identitéit soll d'Leit invitéieren, dozouzestoussen, matzemaachen. Eis Nationalitéit soll op si fir déi Leit, déi wëlle mat eis zesummen d'Zukunft vun dësem Land an deenen nächste Joren opbauen.

Dofir stëmme mer dësen Text, a mir stëmmen dësen Text mat Iwwerzeegung. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Wiseler. An nächste Riedner ass den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Artikel 15 vun der Déclaration universelle des droits de l'homme vun 1948 seet: «Tout individu a droit à une nationalité.» Weider seet en: «Nul ne peut être arbitrairement privé de sa nationalité, ni du droit de changer de nationalité.»

D'Nationalitéit ass eng wichteg Dimensioun souwuel vun der individueller wéi och vun der kollektiver Identitéit, eng Identitéit, déi ni figéiert ass, déi sech ëmmer weider konstruéiert. An d'Nationalitéit, dat sinn och net nëmme Rechter, dat ass och net nëmmen d'Protektioun, mä d'Nationalitéit, déi ass och u Flichte gebonnen.

Traditionell hu mer international zwou Aart a Weisen, fir déi Nationalitéit weiderzeginn, den Droit du sol - ius soli - oder den Droit du sang - ius sanguinis, also engersäits iwwert de Gebuertsuert oder anerersäits iwwert d'Famill.

Mir fannen och an eiser Geschicht béides erëm, a virun allem awer och, ech kommen herno drop zréck, och eng Entwécklung, vu wat fir engem vun deenen zwee Elementer do eist Nationalitéiterecht geprääagt gëtt.

E wichtegt Element däerf een och net aus den Ae verléieren, dat ass, dass nieft den Nationalitéiten och viru 25 Joer eng nei Notioun geschafe ginn ass, déi derbäikënnt. Dat ass déi, déi gëllt fir d'Länner vun der Europäescher Unioun: Et ass déi vun der Citoyenneté européenne. D'Traitéë vu Maastricht a vun Amsterdam hunn d'Grondlag fir eng europäesch Citoyennetéit geliwwert. Si hunn awer och gläichzäiteg de Memberstaten d'Responsabilitéit gelooss, fir selwer an eleng iwwert den Droit de la nationalité bei sech ze bestëmmen. Et sinn also zwou Notiounen, déi verschidde sinn, déi een awer muss ëmmer erëm niewentenee gesinn. An haut gëtt och schonn d'Citoyenneté européenne, déi mer alleguerte kennen an déi mer, mengen ech, och net wëlle mëssen, eng Rei vu Rechter, déi fréier eleng gekoppelt waren un d'Nationalitéit. Do ass also och international eng ganz staark Entwécklung.

E weidere Constat, deen ee ka maachen, ass, dass traditionell - an den Denis Scuto huet dat effektiv och a sengem Wierk ronderëm d'Lëtzebuerger Nationalitéit an déi Debatten, déi stattfonnt hunn, kloer opgewisen - d'Nationalitéitsfro ni eng konsensuell Fro war. Ni! Et war ëmmer eng Fro, wou sech déi politesch Geeschter gescheet hunn, och e Sujet, deen also och gespléckt huet, deen hei an der Chamber beim Vott gespléckt huet. Ech ka mech, mengen ech, net erënneren, dass jee eng eestëmmeg Décisioun an deem Domän hei geholl gi wär. Och haut gesäit et esou aus, och wa mer eng breet Majoritéit kréien, mir kréie wahrscheinlech keng Eestëmmegkeet zu deem doten Text.

Et ass duerfir, mengen ech, desto méi ze begréissen, dass dës Koalitioun gemeinsam décidéiert huet, hei de Konsens ze siche mat der Oppositioun, sofern dat nëmme méiglech war. An de Justizminister huet deen Optrag mat groussem Engagement an, ech mengen, och mat engem gewëssene Succès ausgefouert.

Dat war fréier net esou. Ech ka mech erënneren, et war nëmmen eng ganz kuerz Zäit, fënnef Joer, wou ech an der Oppositioun hei war, do huet déi deemoleg Regierung, et war eng vun CSV an DP mat engem CSV-Premier- a Justizminister, dee Konsens net gesicht mat der Oppositioun. An et huet eng Ofstëmmung do stattfonnt, déi genau no de Linne vu Regierungsmajoritéit a Regierungsoppositioun verlaf ass. Also dat, wat haut hei den CSV-Spriecher als eng absolutt Noutwendegkeet duerstellt fir déi Nationalitéitsfro, dat huet zumindest 2001 net gegollt, well do hunn déi Gespréicher a klenger Ronn, fir op Detailpunkte sech op Kompromisser ze eenegen, muss ech soen, leider net stattfonnt.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Bodry, et war awer och kee Referendum virdrun, deen e wéineg d'Atmosphär geännert huet. An ech hu gesot: Dofir war et wichteg, datt mer hei zu engem Konsens fonnt hunn.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech mengen, dass et ëmmer wichteg ass,…

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech sinn domat d'accord, mä hei war et besonnesch wichteg…

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …an der Nationalitéit, ob Referendum oder net, dat ass meng fest Iwwerzeegung, dass…

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech wëll net mat lech polemiséieren. Ech wëll haut net mat lech polemiséieren.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech wëll just hei, wann Der erlaabt, meng fest Iwwerzeegung, wann ech d'Riednerpult schonn zur Verfügung hunn, hei dann och ausdrécken. Meng fest Iwwerzeegung ass déi, dass d'Nationalitéitsfro sécherlech keng Matière ass, wou een Eestëmmegkeet kann erzilen, wou een awer e breede Konsensus soll erreechen a kucken, zumindest eng Verfassungsmajoritéit bei engem zu Lëtzebuerg net Verfassungsthema ze kréien. Dat ass hei vun dëser Koalitioun gewollt gewiescht. D'Oppositioun huet matgemaach, well et muss ee jo den Accord vu béide Säiten hunn, fir op deen dote Wee ze goen.

Dat ass natierlech och einfach gemaach ginn doduerjer, dass net laang virdrun an der Hektik vun där Referendumscampagne d'CSV mat enger Proposition de loi komm ass, enger Proposition de loi, déi méi wäit gaangen ass am Sënn vun der Fortschrëttlechkeet, am Sënn vun der Ouverture, wat d'Konditiounen ugeet, fir Lëtzebuerger ze ginn, wéi se dat nach nëmmen zwee Joer virdrun, mat eis zesummen an der Koalitioun deemools, bereet war ze maachen an engem Projet de loi.

Dat huet selbstverständlech gehollef. Do waren Ouverturen ewell dran, déi d'CSV, wéi se an der Regierung war, de Courage net hat ze maachen. An ech soen: Ee Gléck, dass mer deen Text hate vun der Proposition de loi, fir mat der CSV ze verhandelen. Soss, mengen ech, wäre mer vläicht op eenzelne Punkten net esou wäit komm, wéi mer hei schlussendlech komm sinn. Et huet…

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech mengen, do iert Der lech vläicht.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …eis och gehollef, an der CSV, mengen ech, gehollef, fir hei e Konsensus op deem dote Punkt ze kréien.

Et ass elo déi véiert Kéier, wou ech selwer d'Geleeënheet hunn, bei esou Debatten derbäi ze sinn: d'Gesetz vun 1986, d'Gesetz vun 2001, d'Gesetz vun 2008 an elo d'Gesetz vun 2017. An all déi Etappe virdru ware wichteg. All déi Etappen hunn ënnert dem Strëch eng positiv Entwécklung vun eisem Nationalitéiterecht mat sech bruecht, och wann et vläicht net esou schnell an esou wäit gaangen ass, wéi mir eis et ëmmer an der Vergaangenheet virgestallt hunn. Et bleift awer, dass déi Entwécklungen u sech awer alleguerten, an ech kommen drop zréck, an déi richteg Richtung gaange sinn.

2017 si mer haut virun enger virleefeg leschter Etapp - et wäert net déi allerlescht sinn - vun dem Ëmformen, vun dem Upasse vun eiser Gesetzgebung, wat d'Nationalitéit ugeet, un déi gesellschaftlech, un déi sozial Realitéit. Dat ass et näämlech. Deen Text hei wäert esou wäit e weidert Liewen hunn, wéi en nach passt an déi Gesellschaft, déi sech wäert entwéckelen an deenen nächste Joren. A wann do gréisser Changementer kommen, da musse mer selbstverständlech och, egal wien d'Responsabilitéit huet, dann dozou iwwergoen an d'Nationalitéiterecht erëm eng Kéier ëmformen.

(Interruption)

Wichteg ass, an eis Geschicht selwer weist et, et brauch een nëmmen an d'30er Joren zréckzegoen, do gesäit een et och, dass, deemno wéi d'Konjunktur ass, net nëmmen déi wirtschaftlech - déi spillt sécherlech och hei mat -, mä och déi politesch, dass dat och en direkten Impakt op deen heite Sujet huet, dee vun den Definitiounen, vun de Konditiounen, fir Lëtzebuerger ze ginn. Déi ginn da méi restriktiv, wéi et an Zäiten ass, wou et wirtschaftlech gutt geet, wou een u sech och mat Oppenheet eigentlech un esou Froen erugeet, wéi dat haut glécklecherweis nach ëmmer hei zu Lëtzebuerg de Fall ass.

Wann een also déi Evolutioun vun deene leschte gutt 30 Joer analyséiert vum Gesetz vun 1986 bis haut, da gesäit een, dass tendenziell d'Méiglechkeeten eropgesat si ginn, méi opgemaach si ginn, fir Lëtzebuerger ze ginn. Wat net ausschléisst, dass och ëmmer an där doter Grondtendenz och eenzel Méiglechkeete méi restriktiv definéiert sinn. Loosse mer einfach d'Beispill vun der Sprooch nennen!

Et kënnt engem haut vläicht e bësse speziell vir, mä bis 2001, soulaang ass dat jo nach net hier, war d'Beherrsche vun der Lëtzebuerger Sprooch kee Kritär, fir Lëtzebuerger ze ginn. Wat haut vu ville Leit - net onbedéngt vu mir - bal als eenzege Kritär betruecht gëtt, fir ze beweisen, dass een e gudde Lëtzebuerger ka ginn, wann een déi Lëtzebuerger Sprooch beherrscht, dat war bis 2001 kee Kritär! Et ass duergaangen, wann een eng vun deenen dräi Sproochen, déi hei an eisem Land och offiziell verankert sinn, beherrscht huet. Dat huet fundamental changéiert 2001. An dat ass bäibehale ginn an der Reform vun 2008 an et gëtt och bäibehalen an dëser Reform vun 2017.

Do hu sech och sécherlech d'Sichtweise vun de Parteie geännert, well ech ka mech net erënneren, dass sech an de 70er Joren esou hefteg Diskussioune ronderëm de Kritär vun der Lëtze-

buerger Sprooch bei der Nationalitéit gestallt hätten. Dat ass e Phenomeen, dee méi spéit komm ass, deen awer och net méi, fir de Moment, ewechzedenken ass an deen ee muss, mengen ech, als Realitéit akzeptéieren.

Nach muss ee kucken, wéi een dann u sech derfir suergt, dass een dee Kritär respektéiert, op wat fir engem Niveau dass een d'Ufuerderungen usidelt. An do ass jo och an dësem Text eng Neierung dran an deem Sënn vun deem méi prezisen Niveau, deen an der leschter Reform fir d'Éischt virgesi ginn ass.

2001, do ass et jo eigentlech duergaangen, wann ee konnt Grondkenntnisser noweisen, wat sech an der Praxis beschränkt huet op e Gespréich, wat den Untragsteller am Büro vun der Populatioun oder vum État civil an der Gemeng hat, an de Beamten huet da cochéiert, ob déi Persoun déi Grondkenntnisser hat oder net. Dat war d'Applikatioun vum Gesetz vun 2001. An 2008 ass dat méi staark fixéiert ginn, och mat Tester, mat gewëssenen Niveaux de connaissances, déi mussen erreecht ginn. An et ass jo an deem dote Punkt, wou mer och eng liicht Modifikatioun an deem heiten Text virhuelen opgrond vun där praktescher Erfahrung, déi gemaach ginn ass, wat d'Uwendung vun dem aktuelle Gesetz ugeet.

Den neie Reformtext, dat ass fir eis immens wichteg, bleift an eisen Aen d'Spigelbild vun engem Land, dat eigentlech houfreg ass, wa vill Leit seng Nationalitéit wëllen, engem Land, dat houfreg ass, dass et vill Lëtzebuerger gëtt, dat net wëllt hunn, dass dat en exklusive Club gëtt, wou ee muss en deiere Präis bezuelen, fir iwwerhaapt eranzekommen. Also insgesamt och e Land, wat weider op ass no alle Säiten, wat sech net ofschott, net anigelt, mä wat och op ass fir zousätzlech Immigratioun a wat op ass fir Integratioun. Dat ass an eisen Aen e ganz wichtege Punkt. An dat spigelt sech an deem heiten Text vun der Reform erëm.

Grouss Etappen hu mer beschratt iwwert déi lescht 30 Joer, wéi zum Beispill déi, wat eis haut selbstverständlech schéngt, wat awer virun nach net allze laanger Zäit iwwer e Gesetz eréischt agefouert ginn ass, dass Mann a Fra gläich sinn oder Mamm a Papp gläich sinn, wat d'Transmissioun vun der Nationalitéit ugeet. Virdru war et esou, dass eleng de Mann, obwuel eigentlech d'Paternitéit jo am fragwürdegsten ass, do déi Nationalitéit weiderginn huet an d'Mamm dat net gemaach huet. Dat war e wichtege Meilesteen, mengen ech, fir e modernt Nationalitéitegesetz.

Dann hu mer natierlech d'Aféierung - déi hefteg hei diskutéiert an och bekämpft ginn ass - vun enger duebeler oder souguer vun enger Plurinationalitéit, sofern selbstverständlech dat och an deenen anere Länner esou akzeptéiert gëtt, well soss komme mer do a relativ schwiereg juristesch Situatiounen eran. Et huet laang gebraucht. Mä mir haten eigentlech schonn 2001 eng politesch Majoritéit hei am Parlament. Mä et war der CSV sengerzäit ze fréi. Et ass emol décidéiert ginn: „Da maache mer eng Etüd." An et ass eréischt bei der Reform drop, 2008, wou dunn och d'CSV bereet war, déi dote wichteg Neierung matzedroen, déi jo wierklech e Push ginn huet eigentlech an eist ganzt Nationalitéiterecht. Besser spéit wéi ni!

An d'Verkierzen an d'Verbëllege vun de Prozeduren, gratis Prozeduren, dat hate mer laang net! Doniewent awer och virun allem awer déi Verkierzung vun den Naturalisatiounsprozeduren. Sou hunn nach eng Partie Leit hei an der Chamber déi fantastesch Erfahrung gemaach vun der Naturaliséierung duerch d'Chamber. Deemools war et jo net de Minister, deen d'Décisioun geholl huet, mä et war d'Chamber, de Législateur, deen déi Décisioune geholl huet. A mir waren hei regelméisseg konfrontéiert mat Dossieren déi zwee, dräi, véier, bis zu néng Joer al waren, ier hei d'Chamber doriwwer ofgestëmmt huet. Dat ass eriwwer. An engem vun de viregte Reformen ass den Délai vun aacht Méint virgesi ginn. Dat ass och richteg esou.

Et ass also wichteg, dass mer iwwert déi lescht Joren och ewechkomm si vu jorelaange Prozeduren hin op schnell Prozeduren oder relativ schnell Prozeduren, awer och méi bëlleg Prozedure wéi dat fréier de Fall war, wou relativ héich Taxen, besonnesch bei den Naturalisatiounen, hu misse bezuelt ginn.

En anere Kritär, eng aner Etapp war wéi gesot d'Moosse vun de Lëtzebuergeschkenntnisser, de Sproochekenntnisser als Gesetzeskritär, wéi och… (veuillez lire: wéi och d'Buedemrecht). An do hu mer den éischte grousse Schratt bei der leschter Reform gemaach. Dat war emol deemools net am Regierungsprojet virgesinn, mä iwwer en Amendement vun der juristescher Kommissioun ass deemools e wichtegt Element vu Buedemrecht, bal erstmaleg - mir hate bis elo ganz wéineg Elementer an eisem Nationalitéiterecht dran -, an d'Gesetz iwwerholl ginn, wou gesot ginn ass, dass déi Kanner, déi hei gebuer sinn, wou schonn een Elterendeel hei gebuer war, automatesch géife Lëtzebuerger ginn, dass déi aus der drëtter Generatioun dann automatesch Lëtzebuerger géife ginn.

Dat ass eigentlech en Amendement gewiescht, deen an den Aarbechte vun der juristescher Kommissioun entstanen ass a bei deem, wann ech mech richteg entsënnen, d'Madamm Err an den Här Huss sengerzäit do federführend waren, fir deen dote Punkt eranzekréien. Den Här Braz huet vläicht och eppes dermat ze dinn. Ech weess op jidde Fall, ech hunn e misse verteidegen an der Kommissioun, well d'Madamm Err dee Moment net an der Kommissioun war; sou wäit gi meng Erënnerungen un deen dote Punkt zréck. Mä et ass awer esou, dass et wichteg war, dass mer dat Element vu Buedemrecht erakritt hunn.

Et gesäit een also, dass déi Reformen do eppes bruecht hunn. An dat gesäit een och ganz kloer un den Zuelen, besonnesch, wann ee kuckt, wat fir en Impakt déi lescht Reform, déi vun 2008, deemools ënnert der CSV/LSAP-Regierung, hat. Déi huet derzou gefouert, an et ass scho virdru vum Här Wiseler ugedeit ginn, dass d'Zuel vun deene Leit - besonnesch duerch den Effet och vun der Méiglechkeet vun enger duebeler oder mehrfacher Nationalitéit -, déi bereet waren, d'Lëtzebuerger Nationalitéit unzehuelen, eropgaangen ass, well se doduerch net hu missen hir éischt Nationalitéit, déi se haten, opginn. Dat huet dozou gefouert, dass vill méi Leit deen dote Schratt gemaach hunn.

Och wann elo déi Zuelen erëm tendenziell liicht erofgi selbstverständlech - oder éischter deen éischte Stock vun Demanden, déi erakomm sinn -, bleift et awer, dass also iwwert déi lescht puer Joer ronn, kann ee soen, eng 5.000 volontaire Acquisitioune vun der Nationalitéit am Schnëtt ze verzeechne waren. Mir louchen do an der Vergaangenheet tëschent 1.000 a 1.500. Dat ass also praktesch eng Vervéierfachung vun den Zuelen. Och wann ee mierkt, dass rezenterweis d'Zuel vun deene Leit, déi iwwert de Recouvrement Lëtzebuerger ginn, sech staark no uewe beweegt huet, wärend déi, déi dat iwwert déi…, also Résidentë praktesch, déi déi Demande maachen, wärend déi Tendenz sech éischter liicht no ënne beweegt huet, mä wann een iwwert den Daum dat wëllt peilen, gesäit een, dass zënter dem Gesetz vun 2008, also vun 2009 bis 2016 eng iwwer 35.000 Leit - iwwer 35.000 Leit! - eng volontaire Acquisitioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit gemaach hunn. Dat ass e Phenomeen, wéi mer en esou an eiser Geschicht hei zu Lëtzebuerg nach net kannt hunn. Et ass e positive Phenomeen, géif ech mengen.

Dës Reform stäerkt déi doten Tendenzen. Si schwächt se net of. Dës Reform wäert awer och net dozou féieren, dass eis Nationalitéit, wat eenzel Leit fäerten, géif an iergendenger Form ausverkaaft ginn, dass ee kéint vun haut op muer einfach iergendwellech Liene mat Lëtzebuerg opweisen a Lëtzebuerger ginn. Dat war net de Fall, dat wäert och mat dër Reform hei net de Fall sinn.

Mir begréissen deen dote Schratt, well e grousszügegt Nationalitéitegesetz besonnesch wichteg ass an engem Land, mengen ech, wou mer an engem gewëssene Mooss en demografeschen Defizit hunn an och an iergendenger Form en demokrateschen Defizit hunn, wou mer haut eng 47% vun eiser Bevëlkerung hunn, déi Netlëtzebuerger sinn. Bei der leschter Reform, mengen ech, waren et der nach 41.

Et gesäit een also, wéi dat trotz der Reform, trotz dem Succès, déi se hat, duerch dee Phenomeen vu ganz staarkem Zouwuess an Immigratioun, besonnesch vun Aarbechtskräften, hei op Lëtzebuerg sech entwéckelt huet an déi Leit natierlech och, déi Netlëtzebuerger, och aus Deeler vun dem demokratesche Prozess ausgeschloss bleiwen. Et ass also eng Noutwendegkeet demografesch an och aus demokrateschen Iwwerzeegungen, fir op dër doter Linn ze bleiwen.

An dem LSAP-Wahlprogramm vun 2013 hate mer eng Reform vum Nationalitéitegesetz gefrot. Deemools louch vir e Gesetzesprojet vun der viregter CSV/LSAP-Regierung, dee mer och interfraktionell diskutéiert hunn, dee, mengen ech, eng gutt Grondlag war, well en och opgebaut huet op déi Evaluéierung, déi gemaach ginn ass am Hierscht 2012 iwwert déi praktesch Emsetzung vum Gesetz vun 2008 a wou eng ganz Rëtsch vun deene Punkten, déi elo an dësem Regierungsprojet dra sinn, och schonn deemools erwäänt gi sinn, wou och schonn deemools Pisten opgewise gi sinn, a wat fir eng Richtung déi Reform kéint goen. Och deemools war schonn de Wëllen do, sech nach e bësse méi opzemaachen op eenzelne Punkten an net d'Diere méi zouzemaachen.

Zum Beispill ware mer eis eens, fir d'Residenzdauer vu siwen op fënnef Joer erofzesetzen, nodeem mer eis e puer Joer virdrun zerstridden hunn: Déi eng wollten zéng Joer, mir wollte fënnef Joer. Do ass dann dee Compromis à la luxembourgeoise mat siwe Joer fonnt ginn, woubäi och déi fënnef an zéng Joer net wëssenschaftlech Fundamenter hunn. Mä mir si frou, dass mer also erëm op de fënnef Joer sinn. An dat ass déi geréngsten Zuel eigentlech, mir hate se schonn eng Kéier, dat ass déi geréngste Residenzklausel, déi mer an eiser Geschicht haten. Et ass emol vu 15 Joer an der Vergaangenheet bis op fënnef Joer gaangen. Sou war am Fong déi Forschett vun de Residenzklauselen, déi gegollt hunn, fir kënnen d'Lëtzebuerger Nationalitéit iwwert d'Naturalisatioun unzefroen.

Mir hätten allerdéngs an eisem Wahlprogramm gäre gehat, dass sollt eigentlech déi dote Regelung an zwee Punkten nach verbessert ginn. Do konnte mer eis näämlech virdrun net mat der CSV eens setzen. Dat war op dem Niveau vun der Kenntnis vum Lëtzebuergeschen, wou mer aus sozialen Iwwerleeungen der Meenung waren, dass et wichteg wär, do eng gewëssen Oplackerung vun de Kritären ze maachen, fir och dër spezifescher Situatioun vun eenzelne Leit Rechnung ze droen, déi vläicht selwer ni richteg Schoule matgemaach hunn, wou elo verlaangt gëtt, déi sollten da Lëtzebuergeschcoursë maachen. Si hunn dat an der Vergaangenheet ni kannt an hirem viregte Liewen. An déi Leit riskéieren natierlech mat deem dote Selektiounskritär ewechzefalen. Do ware mer der Meenung, dass eppes misst geschéien. Dat ass zum Deel geschitt iwwert dee Kompensatiounsmechanismus, deen duebelen, deen elo an deem heite gemeinsamen Text, deen d'Regierung erabruecht huet, da virgesinn ass.

A mir waren och der Meenung, dass sollt nach en zousätzlecht Element vu Buedemrecht erakommen. A genau dat ass hei jo och mat deem heiten Text geschitt, wou elo och déi Leit aus der zweeter Generatioun, dat heescht, déi hei gebuer sinn a vun deenen een Elterendeel da mindestens ee Joer och hei war, dass déi och kéinten an de Genoss komme vun enger automatescher Attributioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit. Dat ass e wichtege Punkt. Hei spillt also weder d'Fro vun der Naturalisatioun nach vun der Optioun. Dat ass eng automatesch Attributioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit.

An déi dote Bestëmmung vun deem verstäerkte Buedemrecht, wat mer hei aféieren, wäert och derzou féieren, dass mat der Mise en vigueur vun deem heite Gesetz op ee Schlag all déi Leit, déi 18 Joer hunn an déi d'Konditioune vun der Naissance hei erfëllen, Lëtzebuerger wäerte ginn.

Dat waren allerdéngs och Fäll, déi och haut schonn eng Demande gemaach hunn, fir Lëtzebuerger ze ginn. Dat brauche se an Zukunft net méi. Si wäerten automatesch Lëtzebuerger ginn. Si kéinten et jo dann nach éischter ginn, ab zwielef Joer, wa se nach gewëssen aner Konditiounen dann erfëllen.

Ech mengen, d'Madamm Rapporteur, d'Viviane Loschetter, huet dat ganz gutt duergestallt. Ech wëll hir och ausdrécklech Merci soen, net nëmme fir hire Rapport hei, mä virun allem och fir déi gutt Aarbecht, déi ënner hirer Leedung an der Kommissioun och op deem heite Punkt gemaach ginn ass.

D'Regierung huet profitéiert, fir nach eng Rei Neierungen hei anzeféieren, déi iwwert dat erausginn, wat sengerzäit an deem ale Projet Biltgen vun Ufank 2013 war. An dat ass och gutt esou. A villes, mengen ech, vun deem ass schlussendlech och an der Endfaassung hei stoe bliwwen.

Wichteg ass, ech hunn et scho gesot, dass, mat Ausnam vun der ADR, mat engem klenge Bémol, mengen ech, bei eise Kolleege vun déi Lénk, all Fraktiounen hei hannert deem heiten Text stinn. Dat ass - jo, dat kann ee soen! - e klenge Succès fir dës Regierung, a besonnesch och fir de Justizminister.

Ech mengen, et ass awer och e Succès fir d'Lëtzebuerger Demokratie, déi eigentlech bewisen huet… An enger Zäit, a mir komme jo scho méi no op d'Wahlterminer zou, wou ee gesäit an eenzelnen aneren Dossieren, dass awer d'Tendenz do ass, fir vläicht net onbedéngt als Éischt de Konsens ze sichen, mä als Éischt vläicht seng Eegestännegkeet ze betounen, fannen ech, dass dat heiten eng remarkabel Ausnam ass an dër Aart a Weis, wéi mer un esou kriddeleg Dossieren a sensibel Dossieren eruginn. Ech mengen, dass dat och wichteg ass. An déi Rou, mengen ech och, wéi och dobaussen iwwert déi dote Fro momentan diskutéiert gëtt - an ech denken net, dass dat wäert elo schlagaarteg änneren -, ass d'Resultat och vun dër konsensueller Démarche, déi op politeschem Plang hei gesicht a fonnt ginn ass, an dat muss een nach eng Kéier hei ausdrécklech ervirsträichen.

Dës Reform hält all positiven Acquis aus der Vergaangenheet: gratis Prozedur, schnell Prozedur, kee Réckgrëff méi op e legislatiivt Verfahren, mehrfach Nationalitéit, Rechtssécherheet beim Honorabilitéitskritär.

Dat war eng Diskussioun, déi mer an der Vergaangenheet ëmmer erëm haten: Léisst ee sech do en Appréciatiounsspillraum, wou keng kloer Kritären do wären, oder setzt een iwwert d'Condamnatiounen objektiv Kritären? Ech sinn immens frou, nach ëmmer frou, wou ech ëmmer hefteg matdiskutéiert hunn an net ëmmer notamment mam Här Biltgen op enger Linn louch, dee sech do wollt e bësse méi Flexibilitéit zouuerdnen. Ech war der Meenung, dass een do sollt wierklech sachlech, objektiv Kritären hunn, an dëse Regierungsprojet huet zwar en zweete Kritär mat erabruecht, et bleift awer e sachleche Kritär, deen, wat d'Condamnatiounen ugeet, hei zréckbehale ginn ass. An dat ass, mengen ech, och gutt esou.

Ech sinn och frou, dass mer net erakomm sinn an eng onsääglech Diskussioun, déi haut a Frankräich nach ëmmer hir Wonne schléit, iwwert d'Déchéance de la nationalité. Et ass net de Fall, zumindest bei deene verstännege Kräften, déi deen heite Projet droen. Hei ass et esou, dass een nëmme seng Nationalitéit ka verléieren, wann ee mat falschen Argumenter virgaangen ass, wann ee falsch Dokumenter virgeluecht huet, wann een also praktesch eng Fraude gemaach huet. An deem Sënn natierlech kann een erëm eng Kéier seng Nationalitéit verléieren. Beim aneren Deel bleift et, dass déi Leit, déi par naissance Lëtzebuerger ginn, an déi Leit, déi duerch e volontairen Akt Lëtzebuerger ginn, gläichgestallt bleiwen. Mir hu keng zwee verschidde Regimmer. Et gëtt net Lëtzebuerger éischter Klass, et gëtt net Lëtzebuerger zweeter Klass. Et gëtt nëmme Lëtzebuerger. An do mussen also déiselwecht Regele fir all déi Leit gëllen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, egal iwwer wat fir e Wee dass se déi Lëtzebuerger Nationalitéit kritt hunn.

Richteg ass, mengen ech, och, dass no enger gewëssener Diskussioun gemeinsam décidéiert ginn ass, fir déi aktuell Regele vum Recouvrement vun der Lëtzebuerger Nationalitéit, deen also besonnesch, mä net nëmmen, fir all déi gëllt, déi e Virfahren haten, deen op den 1. Januar 1900 d'Lëtzebuerger Nationalitéit hat, wou déi also konnten dann dat geltend maachen, fir da selwer erëm Lëtzebuerger ze ginn, fir déi Recouvrementsméiglechkeet (veuillez lire: bäizebehalen), wou mer vläicht iwwerrascht waren an iwwerrascht sinn iwwert dee Succès, deen dat plëtzlech hat, besonnesch bei eise belschen Noperen, wou Dausende vu Belschen an deene leschte Jore Réckgrëff gemaach hunn, fir och kënnen déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, ouni dass do iergendwellech Sproochekritären an en iergendwelleche Kritär vun engem Lien zu Lëtzebuerg géife bestoen.

Komescherweis ass dat bei den Debatte vun 2008 guer net kritiséiert ginn, och (veuillez lire: och net) bei de farouchë Géigner vu soss iergendwellechen Oplackerungen. Op eemol, wann eppes iwwert den Droit du sang - a wann iwwer dräi oder véier Generatiounen - eriwwergeet, dann ass et eng gutt Saach. Par contre si mer ganz, ganz kriddeleg, wann et eisen Noper betrëfft, deen niewent eis wunnt an deen net vu Gebuert aus Lëtzebuerger ass an dee wëllt Lëtzebuerger ginn. Do si mer amgaang dann oft, iwwerdriwwe Barrièrë wëllen opzebauen. Dat ass fir mech e ganz interessante Phenomeen.

Also richteg ass et, ech kommen drop zréck, dass eigentlech déi Bestëmmung, déi eng Dauer hat vun zéng Joer, dass mer et bei deenen zéng Joer Dauer loossen, dass Enn 2018 déi Méiglechkeet vum Recouvrement och dann ausgeschloss gëtt.

Ech hunn et gesot: Bei der allgemenger Residenzklausel si mer eis eens, déi op fënnef Joer erofzesetzen. D'Optioun gëtt erëm agefouert, wou och dann net méi de Minister als Éischte responsabel ass. En huet natierlech nach eng Kontrollfonctioun, mä u sech ass et dann d'Gemeng iwwert de Büro vum État civil, vum Officier de l'état civil, deen do eng Responsabilitéit huet ze kucken, ob d'Konditiounen, wéi d'Gesetz se virschreift, och respektéiert ginn. Dat doten ass also eng ganz liicht an einfach Prozedur. Do stinn natierlech och Recoursméiglechkeeten op, wann do eppes erauskënnt, eng Décisioun erauskënnt, déi dem Antragsteller net geneem ass.

De Ius soli, hunn ech gesot, gëtt verstäerkt hei mat erageholl. An no an no hu mer praktesch eng Gläichberechtegung an eisem Nationalitéiterecht vun dem Bluttrecht, traditionell, an och dem Buedemrecht, wat doniewent derbäikënnt. An ech fannen dat eigentlech och nëm-

men eng ganz normal Entwécklung, well eis Gesellschaft sech och an engem äänleche Sënn entwéckelt huet. An hei ass et wichteg, mengen ech, dass d'Gesetz do nozitt an dass d'Gesetz déi Realitéit vun deem Zesummeliewen hei vu villen Nationalitéiten, vu ville Leit vu verschiddenen Originnen och berücksichtegt an dass do also och d'Wichtegkeet vun deem Zesummeliewen - zesummen opwuessen, zesumme schaffen - méi staark betount gëtt als Kritär, fir eng Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, wéi eigentlech just eng Bluttsverwandschaft dat ka maachen.

De Kompensatiounssystem bei der Bewäertung vun der Lëtzebuerger Sprooch ass an der Rei. Mir hätten eis och kënne virstellen, dass een do souwuel beim Verstoe wéi beim Schwätzen op den Niveau A2 gaange wär. Mä ech mengen, déi Léisung, déi hei fonnt ginn ass, déi ka souguer an eenzelne Fäll méi favorabel si wéi déi A2-Léisung, déi iwwregens och den Här Wiseler a senger Proposition de loi virgesinn hat.

Wat mer och positiv fannen, dat ass de Bürgerkundecours, dat heescht «Vivre ensemble au Luxembourg», wou d'Stonnenzuel eropgesat gëtt, wou mer elo bei 24 Stonne sinn, mat Modullen, déi awer obligatoresch sinn. Och dat, mengen ech, ass eng gutt Saach, dass een do och derfir suergt, dass e gewëssenen Knowhow do ass doriwwer, wéi Lëtzebuerg fonctionnéiert. An ech mengen, dat ass och esou eppes, dat kéint ville Leit guttdoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'LSAP-Fraktioun ass zefridden, dass et méiglech war, de grousszügegen an de fortschrëttleche Charakter vun dëser Reform, sou wéi e vun der Regierung a vun der Koalitioun ugeduecht ginn ass, och no Concertatioun mat der Oppositioun bis zum Schluss, bis op haut bäizebehalen.

Mir begréissen och ausdrécklech - et geet e bëssen ënner -, dass mer déi dräi Konventiounen, déi zum Zil hunn, fir d'Fäll vu Statelosegkeet anzedämmen, och endlech, géif ech soen, ratifizéieren, well wann Der kuckt, aus wat fir Joren dass déi Konventioune kommen, da gesitt Der, dass mer do eigentlech hei zu Lëtzebuerg net onbedéngt en Excès de zèle gemaach hunn, fir déi dote Konventiounen hei formal och an dat nationaalt Recht ze iwwerhuelen. Et ass eng gutt Saach.

Ech soen awer och ganz kloer, dass mer eis gewënscht hätten als LSAP, op deem engen oder anere Punkt nach e Stéckche méi wäit ze goen, wéi schlussendlech zréckbehale ginn ass. Mir si jo awer och hei an enger Kompromissfindung eigentlech dran a mir hätten eis virstelle kënnen, dass een d'Residenzklausel vu fënnef op dräi Joer erofgesat hätt, zumindest an de Fäll vun den Apatridë respektiv vun den unerkannte Flüchtlingen. Dat war awer net mat alle Parteien esou ze maachen.

Mir hätten eis och kënne virstellen, dass ee bei deene Leit, déi méi laang wéi 20 Joer hei wunnen, iwwerhaapt ganz op Sproochecoursë verzicht hätt. Elo musse se keen Test maachen, mussen awer nach an d'Sproochecoursë goen. Also, mir hätten eis och virstelle kënnen, dass een den Niveau eenheetlech bei A2 festgeluecht hätt. Mä fir de Rescht, mengen ech, deckt sech dat, wat am Regierungstext steet, wat e breede Konsensus fënnt, mat eise Virstellungen, wat e modernt Nationalitéiterecht fir Lëtzebuerg ugeet.

Wichteg ass et an eisen Aen also, dat Ganzt am A ze behalen. A mir si frou, dass also besonnesch och all déi Virschléi, déi op enger praktescher Erfahrung opbauen, konnten an deen heiten Text matagebonne ginn, wat eigentlech herno och eng reibungslos Applikatioun vun deem heiten Text wäert méiglech maachen.

Fir eis ass et och wichteg, an dat wëll ech betounen, dass elo och vun der Regierungssäit alles ënnerholl gëtt, fir derfir ze suergen, deen heiten Text, deen e komplexen Text ass - mat deem mer vläicht bei der éischter Lektür net nëmmen am Franséischen, mä och, wa mer e géifen op Lëtzebuergesch esou iwwersetzen, wéi e formuléiert ass, Schwieregkeeten hätten, fir all Detailer ze verstoen -, an enger einfacher Form ze kommunizéieren, an enger einfacher Form derfir ze suergen, dass déi Bedéngungen, déi Prozeduren, fir Lëtzebuerger ze ginn, dass jiddwereen, deen Interesse un där Matière huet, dat do kann novollzéien an och verstoen, wat déi wesentlech Elementer ugeet.

Dat ass, mengen ech, eng Erausfuerderung un d'Regierung, un d'Politik, un d'Verwaltung, derfir ze suergen, dass also déi heiten nei Regelen, well et sinn zum Deel nei Regele par rapport zu deem, wat mer haut zënter 2008 kennen, dass déi och bekannt gemaach ginn, fir dass eigentlech déi Opportunitéiten, déi deen heiten Text gëtt, och zousätzlech Opportunitéiten, déi deen heiten Text gëtt, fir Lëtzebuerger ze ginn, dass eng méiglechst grouss Zuel dovunner och ka Gebrauch maachen. Dorëms geet et eis.

Duerfir wäerte mer deen heiten Text, Här President, selbstverständlech als LSAP-Fraktioun och stëmmen, wéi mer eben dat Ratifikatiounsgesetz vun deene Konventiounen och wäerte stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Bodry. An d'Wuert huet elo d'Madamm Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst et bestëmmt: Dat éischt Labyrinth vun der Weltgeschicht ass op Kreta vum Baumeeschter Dädalus gebaut ginn a war geduecht, fir de wëlle Mënschestéier Minotaurus ewechzespären. Zu de leschte Labyrinther vun der Weltgeschicht gehéieren d'Nationalitéitsgesetzer, déi vun de Gesetzgeber gebaut gi sinn an iwwerall anescht ausgesinn. Dës Labyrinther si fir déi Auslänner gebaut ginn, déi d'Nationalitéit vun deem Land wëllen unhuelen, an deem se gäre liewen. Si bestinn net aus Maueren oder Hecken, mä aus Paragrafen, an deene vill Leit sech gäre veriren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och zu Lëtzebuerg war den Zougang zu der Nationalitéit nach ëmmer eng Zort Labyrinth, eng komplex Prozedur, déi regelméisseg geännert huet, mat ëmmer neie Virschrëften an ëmmer neie Regelen. Dat huet d'Verständnis vun deene Gesetzer natierlech net vereinfacht. Eleng am 20. Jorhonnert - et ass scho gesot ginn - ass eist Nationalitéitsgesetz fënnefmol an der Chamber modifizéiert ginn. Am 21. Jorhonnert, wat jo nach net al ass, sti mer haut scho bei der drëtter Reform vum Gesetz. Mir hoffen a mir sinn och zouversiichtlech, datt mam Projet de loi vun haut e Gesetz geschafe gëtt, wat méi laang Bestand wäert hunn an eng zolidd Basis schaaft fir d'Zukunft.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Déi vill Modifikatioune vum Gesetz liwweren awer och de Beweis, datt d'Notioun vun der Nationalitéit net stabel ass, an déi vun hirer Uneegnung och net. An der Debatt vun 2008 huet déi fréier Deputéiert Renée Wagener vun deene Grénge sech souguer gefrot, ob mir net gläich nach just en europäesche Pass wäerten hunn, mat op der Récksäit dem Hiweis, datt mer och Lëtzebuerger sinn.

Une voix.- Dat ass ni geschitt.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- An et ass bis elo nach ni geschitt.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat geschitt och net esou séier.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Am historeschen Deel vun hirem Rapport huet d'Kolleegin Viviane Loschetter déi ganz Evolutioun vun eisem Nationalitéitsgesetz an de leschte Joren, mä och an de leschte Jorhonnerten a Jorzéngte ganz gutt beschriwwen. An ech géif jiddwerengem recommandéieren, dee Rapport ze liesen. Unhand vum Denis Scuto sengen interessante Recherchë liwwert dee Rapport näämlech de Beweis, datt d'Reform vum Nationalitéitsgesetz ëmmer e wichtege Moment an der Geschicht vun eisem Land a vun eiser Gesellschaft war.

Et ass dee Moment, wou de Gesetzgeber op d'wirtschaftlech a sozial, mä och op d'diplomatesch an demografesch Entwécklunge reagéiert a sech un der politescher Ideologie orientéiert, déi zu deem Moment virherrscht, och wann d'Gesellschaft net ëmmer voll derhannert steet.

Et ass awer och dee Moment, wou gären Interessekonflikter an ideologesch Kämpf ausgedroe ginn a wou Themefelder an d'Spill kommen, déi eigentlech iwwert de renge Begrëff vun der Nationalitéit erausginn an awer am selwechten Otemzuch diskutéiert ginn. Ech denken u Begréffer wéi Integratioun, Assimilatioun, national Identitéit, kulturell Identitéit, sozial Kohäsioun an natierlech och un d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch als eent vun den zentraalsten Elementer vun den Diskussiounen. Dëst ëmmer um Hannergrond vun der staarker Immigratioun, déi eist Land jo schonn zanter der Mëtt vum 19. Jorhonnert staark charakteriséiert, mat staarke Fluktuatiounen awer och jee no wirtschaftlecher Situatioun an eisem Land, mä och an der Heemecht vun den Immigranten.

Och wann déi limitéiert Aarbechtsverträg den éischten Immigranten, virun allem deenen aus Italien, keng Garantie geliwwert hunn, datt se kéinten heibleiwen, esou ass d'Zuel vun den Auslänner an eisem Land awer permanent gewuess: vun 3% am Joer 1871 op 15% am Joer 1900, op 37% am Joer 2001, bis op deen haitegen Taux vun iwwer 46%. Woubäi ech net derlaanschtkommen, dem Max Frisch säi schéine Saz aus dem Joer 1965 ze zitéieren, wou hie gesot huet: „Wir riefen Arbeitskräfte und es kamen Menschen", e Saz, dee fir Däitschland geduecht war a sech op déi türkesch Awanderung bezunn huet, mä deen net manner fir Lëtzebuerg zielt.

D'Mënschen, Dir Dammen an Dir Hären, déi op Lëtzebuerg koumen, fir ze schaffen, hu sech wuel bei eis gefillt, hunn hir Plaz an eisem Land fonnt an haten et verdéngt, wierdeg vum Stat behandelt ze ginn. Ënner anerem doduerch, datt se d'Recht kritt hunn, Lëtzebuerger ze ginn.

Déi verschidden Nationalitéitsgesetzer, déi am Laf vun der Zäit geschafe gi sinn, hunn dëst Zil och zum Deel erreecht an hunn effektiv derzou gefouert, datt eng Rei Auslänner Lëtzebuerger gi sinn. Eppes hunn eis Gesetzer awer net fäerdegbruecht: Vill ze vill laang hu se et net fäerdegbruecht, den Zougang zu der Nationalitéit esou ze gestalten, datt eng grouss Majoritéit an net just eng kleng Minoritéit dovu konnt oder wollt profitéieren. Eréischt mam Gesetz vun 2008, wat jo den 1. Januar 2009 a Kraaft getrueden ass, ass déi duebel Nationalitéit agefouert ginn, woumat Lëtzebuerg bewisen huet, datt et seng Integratiounsefforte wëllt verstäerken, fir d'Zuel vun den Abiergerunge massiv ze erhéijen.

Op den éischte Bléck war d'Resultat vun deem Gesetz och bemierkenswäert. D'Abiergerunge si massiv geklommen, an zwar vun 1.200 am Joer 2008, dat war mam Gesetz vu virdrun, op eng jäerlech Moyenne vun iwwer 4.300 Abiergerungen an de Joren duerno. Den Alex Bodry huet vu 5.000 geschwat. Ech denken, d'Moyenne läit iergendwou an der Mëtt.

An awer och huet dëst Gesetz vun 2008 nach ëmmer keng zefriddestellend Äntwert geliwwert op déi fundamental Fro, wéi mir d'Zesummeliewen an eisem Land méi demokratesch kënnen organiséieren. Déi iwwer 4.300 Abiergerungen am Joer, déi nom Akraafttriede vum Gesetz vun 2008 ze verzeechne waren, si wierklech héich, mä si stinn net a Relatioun zu der reeller Zuel vun den Auslänner, déi zwar an eisem Land liewen, mä vun der politescher Participatioun ausgeschloss sinn. Et ass scho gesot ginn, mä et kann een et net oft genuch widderhuelen: D'Realitéit vun eisem Land ass déi, datt 53,5% vun den Awunner d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn; 46,7% hu se net, trotz dem Gesetz vun der duebeler Nationalitéit.

Am Joer 2004 waren 62,5% vun den Awunner wahlberechtegt. Eelef Joer duerno, am Joer 2015, waren et der nach just 54,9. Dat heescht, datt iwwer 45% vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, hir politesch Vertrieder net wielen, mat steigender Tendenz.

Derbäi kënnt, datt vun deenen, déi net Lëtzebuerger sinn, der eng ganz Rei derbäi sinn, déi zu Lëtzebuerg gebuer sinn, vu Gebuert oder vu Klengem un an eisem Land liewen eben, eis kulturell Identitéit deelen, um gesellschaftleche Liewen deelhuelen, zu Lëtzebuerg an d'Schoul gaange sinn oder zu Lëtzebuerg schaffen, déi Lëtzebuerg souzesoen am Häerz droen. Mä si hunn de Pass vun hiren Elteren.

Net ze vergiessen, datt sech all Joer 11.000 bis 12.000 zousätzlech Leit an eisem Land nidderloossen, och mat steigender Tendenz, ganz einfach well eis Wirtschaft méi Perspektive bitt wéi déi vun hirem Heemechtsland. Derbäi kommen awer och nei Erausfuerderungen. Déi eng si scho bekannt: Si hu mat der Asylpolitik ze dinn, déi iwwer 2.000 Asylbewerber am Joer an eist Land bréngt.

Eng aner Erausfuerderung, déi nach net genannt ginn ass, déi awer doudsécher op eis zoukënnt, ass de Phenomeen vun den Ëmwelt- a Klimaflüchtlingen. Dat si Mënschen, déi hir Heemecht musse verloosse wéinst den nefasten Auswierkunge vum Klimawandel an hire Regiounen. Et léisst sech an deene Regioune ganz einfach net méi liewen. Déi international Organisatioun vun der Immigratioun geet dervun aus, datt d'Zuel vun deene Flüchtlinge bis zum Joer 2050 weltwäit bei 200 Millioune Mënsche wäert leien.

All dës Facteure féieren derzou, datt d'Migratioun an Zukunft nach zouhëlt an datt mir eis mussen dermat auserneesetzen, wat dat fir eis Demokratie wäert bedeiten. Wann een den Zuele vum Statec gleewe kann, dann erreecht Lëtzebuerg spéitstens an de Joren 2020-2030 de Punkt, wou méi Auslänner an eisem Land liewe wéi Lëtzebuerger, a spéitstens da wäert eng Minoritéit iwwer eng Majoritéit an eisem Land décidéieren, wann näischt geschitt. Dat ass schonn exceptionnel par rapport zu anere Länner, wou déi auslännesch Bevëlkerung net iwwer 10% bis 20% erauskënnt.

E Wuert och zu der Aarbechtswelt, déi och net onrelevant ass, eng aner Zuel, fir déi ganz aussergewéinlech Realitéit vun eisem Land ze ënnersträichen: Dräi Véierels vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg a Positioune mat Verantwortung sinn, hu kee Lëtzebuerger Pass. A ville Beräicher gi Spezialisten aus dem Ausland rekrutéiert; eng Zort Kosmopolitten, déi iwwer laang Joren hei wunnen a sech hei aliewen. Dat huet an der Haaptsaach mat hirer Qualitikatioun ze dinn, déi mir zu Lëtzebuerg net an ausräichendem Mooss fannen. De Problem ass bekannt.

Derbäi kënnt awer och, datt déi meescht Aarbechtsplazen, déi zu Lëtzebuerg geschafe ginn, vu Leit geschafe ginn, déi kee Lëtzebuerger Pass hunn. Ronn 75%, also zwee Drëttel, vun de Créateurs d'entreprise, dat heescht vun deene Leit, déi sech selbststänneg maachen an Aarbechtsplaze schafen, hu kee Lëtzebuerger Pass, droen awer derzou bäi, an dat net ze knapps, datt eise Sozialsystem iwwerlieft. Dat ass déi ganz Lëtzebuerger Realitéit an Zuelen ausgedréckt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëser Realitéit kucke mir mat dësem Projet de loi an d'Aen a schafen e Gesetz, wat den Zougang zu der Nationalitéit vereinfacht respektiv a gewëssene Fäll souguer automatiséiert, Stéchwuert: „droit du sol de la première génération", wat erlaabt, datt een op Wonsch mat zwielef Joer oder automatesch mat 18 Joer Lëtzebuerger gëtt, wann ee fënnef Joer zu Lëtzebuerg gelieft huet.

Dobäi ass eppes eis ganz wichteg, an dat wëll ech och elo betounen: Dës Vereinfachung vun de Bestëmmungen ass net geduecht, fir den Auslänner eng Faveur oder e Kaddo ze maachen, well se vill fir eist Land geleescht hunn. Si ass geduecht, fir méi demokratesch Zoustänn an eisem Land ze schafen. Schonn zanter 2004 gëtt an eisem Land vun Demokratiedefizit geschwat a vun der Suerg, datt eist Land an zwee gedeelt wäert ginn. Op där enger Säit stinn déi, déi wiele ginn a gewielt kënne ginn, an op där anerer Säit stinn déi, déi zwar hei liewen a schaffen, mä déi keng politesch Rechter hunn.

Mam Projet de loi soll dëse Clivage verhënnert ginn. Aus dem „Examensgesetz" vun 2008, wéi et deemools genannt ginn ass, maache mir haut en Ouverturesgesetz, e Gesetz vun Oppenheet, vu Solidaritéit a vu Vertrauen. E Gesetz, wat d'Bunn fräi mécht fir nei Lëtzebuerger, wéi de Max Lemmer sech de Mueren am „Lëtzebuerger Wort" ausgedréckt huet. Domat maache mir d'Dier op, fir méi Awunner um politesche Liewen deelhuelen ze loossen, natierlech ënnert der Konditioun, datt déi Awunner, déi Auslänner sinn, déi Dier och wëlle passéieren a Lëtzebuerger wëlle ginn. Dëse Prinzip ass beim Referendum tranchéiert ginn an e gëtt och net méi a Fro gestallt, och net vun eis.

Här President, ech ginn elo net am Detail op all Bestëmmung an. D'Virriedner hunn dat scho gemaach, virun allem d'Madamm Loschetter als Rapportrice, mä och de Kolleeg Alex Bodry, dee ganz vill Blécker op déi juristesch Volete gehäit huet. An duerfir och him e grousse Merci.

Ech wéilt awer och nach verschidden Ambitiounen a Verdéngschter vun dësem Gesetz ervirhiewen, déi eis als Gréng besonnesch wichteg schéngen.

Déi éischt grouss Ambitioun vun dësem Projet de loi ass déi, méi Gerechtegkeet an de ganze System eranzebréngen, méi Gerechtegkeet, mä och méi Mënschlechkeet doduerch, datt d'Biografie vum eenzelne Mënsch, seng Liewenssituatioun a seng individuell Kompetenzen an Zukunft méi respektéiert ginn.

Dir wësst, vu wat ech schwätzen. Et geet ëm d'Ufuerderungen, déi um Niveau vun der Lëtzebuerger Sprooch un d'Bewerber gestallt ginn. Dës Ufuerderungen zéie sech zanter Jore wéi e roude Fuedem duerch déi ganz Diskussioune ronderëm d'Nationalitéit a suergen ëmmer op en Neits fir hëtzeg Diskussiounen a Reaktiounen.

Dir Dammen an Dir Hären, gewëss, d'Sprooch ass a bleift e wesentlecht Element vun eiser Nationalitéit a vun der Integratioun. Si ass e grousst a wichtegt Kapital, wat mir vun eise Virfahre geierft hunn a wat mir mussen erhalen. Aus deem Grond si mer frou, datt nach ni esou vill Leit Lëtzebuergesch geschwat hu wéi haut. Et sinn der 400.000. Dat sinn der 100.000 méi wéi nach virun 30 Joer, also e Véierels méi.

A mir sinn och frou, datt d'Sproochegesetz vun 1984 d'Lëtzebuerger Sprooch zur Nationalsprooch erhuewen huet an hir domat dee Stellewäert ginn huet, dee se verdéngt. A mir si frou, an dat kann ech och als Gemengepolitikerin bezeien, datt d'Lëtzebuergeschcoursen en Zoulaf hu wéi ni virdrun. Et fënnt een emol net méi genuch Leit, fir se ze halen, esou grouss ass d'Demande.

En anert grousst a wichtegt Kapital, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat mir och vun eise Virfahre geierft hunn, ass awer och eis Méisproochegkeet, eise Multilinguisme, ugefaange bei

der franséischer an der däitscher Sprooch, déi zu den offizielle Sprooche vum Land gehéieren a ganz fréi an eise Schoulen enseignéiert ginn. Derbäi kommen nieft deem ëmmer méi verbreeten Englesch vill aner Sproochen, déi an eisem Land geschwat ginn an eis Gesellschaft zu enger multikultureller, oppener an toleranter Gesellschaft maachen, op déi mer kënnen houfreg sinn. Och dee Volet huet eng laang Traditioun zu Lëtzebuerg a soll an der Diskussioun iwwert d'Sprooch an iwwert d'Ufuerderungen un d'Sprooch net vergiess ginn.

Natierlech, et kann een ëmmer verlaangen, datt eng Persoun, déi Lëtzebuerger wëllt ginn, och Lëtzebuergesch schwätze muss. Dat ass guer net schwéier. Manner einfach ass et awer, sech ëm déi aner ze bekëmmeren, ëm all déi Leit, déi net Lëtzebuerger kënne ginn, well se déi festgeluechte Sproochhürd aus deem engen oder aus deem anere Grond net kënnen iwwerwannen. Net all Auslänner, deen zu Lëtzebuerg wunnt oder heihi wunne wëllt kommen, entsprécht der stereotyper Virstellung, d'Léiere vun eiser Sprooch wier just eng Saach vu Fläiss oder vu guddem Wëllen.

Doudsécher ginn et vill Leit, op déi dee Klischee zoutrëfft, mä dee Klischee blent och villes aus. Erfahrungsgeméiss ginn et och Leit, déi eis Sprooch gäre géife léieren, mä et aus deem engen oder anere Grond net fäerdegbréngen, ëmsou méi wann dës Sprooch a puncto Grammaire, Opbau a Betounung wäit vun hirer Mammesprooch ewech läit, an ëmsou méi wann déi Leit sech an engem Aarbechtsëmfeld bewegen, wou se de ganzen Dag kee Wuert Lëtzebuergesch héieren an am Alldag kaum d'Geleeënheet kréien, e puer Wierder Lëtzebuergesch mat anere Leit ze schwätzen, ausser et sief mat sech selwer, wat keng aner Leit sinn.

Esou Leit hunn ech kennegeléiert, wéi ech selwer Lëtzebuergeschcoursë ginn hunn. Dat ware Leit, déi am Santéswiese geschafft hunn. An ech konnt erliewen, wéi schwéier et fir déi eng war a wéi einfach fir déi aner, déi Sprooch ze léieren. Um gudde Wëllen huet et ni gefeelt.

Dowéinst si mer frou, datt d'Exigenzen am Sproochberäich zréckgeschrauft ginn an datt Kompensatiounsmoossnamen agefouert ginn. Dobäi stellt sech eng weider Fro, déi eis als Gréng ganz wichteg ass: Wéi gesäit et aus mat deene Persounen, déi e kierperlechen oder e geeschtlechen Defizit hunn, oder ganz einfach mat deene Leit, déi ni liesen a schreiwe geléiert hunn? Den Taux vun den Analphabeten ass an eisem Land méi grouss, wéi déi meescht vun eis mengen.

Solle mir déi Leit wéinst hirem Defizit vun der Nationalitéit ausschléissen, just well se net capabel sinn, eis Sprooch ze léieren? Ganz sécher net. Aus all deene Grënn ass et fir eis net nëmmen elitär, mä och diskriminatoresch, d'Thema vun der Integratioun eenzeg an eleng un héich Sproochkenntnisser ze bannen an all aner Méiglechkeeten an der Fro vun der Integratioun auszeblenden.

Dëse Projet de loi, an doriwwer si mer frou, dréit deem Rechnung a geet mat de sproochlechen Exigenze méi mënschlech ëm wéi d'Gesetz vun 2008. Mam Aménagement raisonnable a mat deenen eenzelne Kompensatiounsmechanismen, déi ech scho genannt hunn, gëtt endlech eng legal Basis geschafen, fir Leit mat ganz verschiddene Besoinen a ganz verschiddene Biografien och verschiddenaarteg kënnen ze behandelen a se net all iwwer ee Leescht ze zéien.

Mir sinn iwwerzeegt, datt an dësem System jiddweree seng Plaz wäert fannen, dee seng Plaz dora sicht. Um Institut national des langues ass et natierlech dann och, Erfahrungen ze sammelen an d'Notioun vum Aménagement raisonnable effikass an d'Praxis ëmzesetzen an ze begleeden.

Ech kommen zu engem zweete Volet an zu enger zweeter grousser Ambitioun vun dësem Gesetz, déi an der Stäerkung, mä och am Schutz vun der sozialer Kohäsioun an eisem Land läit. Dee Problem ass an der Debatt vun 2008 vun enger ganzer Rei vun Deputéierten opgeworf ginn, a mat Recht. Wann d'Halschent vun enger Gesellschaft vu fundamentale politesche Rechter a Flichten ausgeschloss ass, ass d'Gefor ganz grouss, datt déi Gesellschaft fréier oder spéider an zwee Stécker zerbrécht.

Éischtens begréisse mir dowéinst, datt dëse Projet de loi d'Ambitioun huet, d'Leit, déi an eisem Land liewen, méi no beieneen ze bréngen, an zweetens, datt de Cours «Vivre ensemble» erweidert gëtt. Dat stellt déi Leit virun hir Verantwortung. Et ass awer och eng wichteg Offer. D'Integratioun an d'Kohäsioun sinn näämlech keen eesäitegen, mä en zweesäitege Prozess, dee vu béide Säite muss ausgoen.

Et ass eng duebel Exigenz, net nëmmen d'Auslänner virun hir Verantwortung ze stellen, mä och eis selwer. Wéi gi mir mat hinnen ëm a wéi eng Offer schafe mer? Well nëmmen zesumme mat eisen auslännesche Matbierger brénge mer et fäerdeg, déi gesellschaftlech an demokratesch Wäerter an eisem Land ze stäerken an ze verhënneren, datt geféierlech Tendenze sech an eisem Land breetmaachen.

Ech verweisen op verschidden Artikelen, déi elo an der Press ze liese waren, wou ee scho mierkt, datt et trotzdeem net esou evident ass. Déi Haasstiraden op Facebook ginn ze denken; Tendenzen, déi den italieneschen Historiker an Auteur Enzo Traverso als postfaschistesch bezeechent, well se drop aus sinn, Begréffer wéi Nationalismus, Friemenhaass, Rassismus a Protektionismus an e ganz demokratesche Kader ze setzen an och mat demokratesche Wierder ze beleeën an op déi Manéier nei opliewen ze loossen. Wat dat heescht, gesi mer momentan an den USA, mä och a Frankräich.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Geschicht huet eis geléiert, datt Lëtzebuerg esou Tendenzen net néideg huet. A mir si frou, datt se sech zu Lëtzebuerg trotz verschiddene schlechten, haassgefëllten Aussoen nach a Grenzen halen. Ëmsou méi frou si mir, datt dëse Projet de loi net nëmme vun de Majoritéitsparteien heibanne gedroe gëtt, mä och vun der CSV a vun déi Lénk, dat Ganzt als Resultat vun engem fruchtbaren Zesummeschaffen.

Dat Ganzt ass e Konsens, mat deem mir gutt kënne liewen, och wa mer vläicht nach gär verschidde Wënsch realiséiert gesinn hätten. Dat ass e wichtegt Symbol vun Zesummenaarbecht an der Fro vun der Integratioun an et ass e wichtegt Zeeche vu Solidaritéit mat all Netlëtzebuerger, deen an eisem Land lieft a Lëtzebuerger wëllt ginn.

Natierlech, elo kënnt déi zweet Phas, déi nächst Phas, déi vun der Ëmsetzung, där ech ganz vill Erfolleg wënschen, an der Hoffnung, datt eist Land méi demokratesch gëtt.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun net nëmmen zum Nationalitéitegesetz, mä och zum Gesetz vun der Apatridie. E Gesetz, wat manner Leit betrëfft, mä vu grousser Wichtegkeet ass, well et derzou féiere kann, datt kee Mënsch méi statelos wäert sinn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci der Madamm Lorsché. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).-* Merci, Madamm Presidentin. Mir alleguerte freeën eis oder feieren, wann e Lëtzebuerger Artist oder e Wëssenschaftler en internationale renomméierte Präis gewënnt, wann e Lëtzebuerger Sportler dobaussen an der Welt eng Victoire feiert oder wann eng vun eisen Nationaléquippen en internationale Match gewënnt. Mir sinn houfreg, wann an der grousser Welt iwwer eist klengt Lëtzebuerg geschwat gëtt, iwwer eis Leit, iwwer eis Kultur, eis Produiten, déi eis vun deenen aneren differenzéieren.

Dat ass kee spezifesch lëtzebuergesche Reflex, well iwwerall op der Welt si Mënschen houfreg op hir Nationalitéit, op hiert Land, well d'Nationalitéit, dat ass eppes, wat matenee verbënnt, a seet och eppes Wichteges iwwer een aus. Et ass e Stéck vun engem sengen eegene Wuerzelen. Et ass och e Stéck an enger Biografie vun engem Mënsch.

Bon, mir sinn houfreg op eis Nationalitéit, wéi alleguerten déi aner an deenen anere Länner och. Mir sinn houfreg op Lëtzebuerg, well et eis Heemecht ass, well mer eis hei iergendwéi wuelfillen. Mir hunn hei eis Famill, eis Frënn, well mer hei schaffen a liewen.

Madamm Presidentin, wann een iwwer Nationalitéit schwätzt, schwätzt een d'Gefiller mat un. A mat deene kann een och spillen, am Gudde wéi am Schlechten. Duerfir ass dat Thema och e sensibelt Thema fir d'Politik an duerfir begréissen ech et, datt mer et fäerdegbruecht hu bei eisen Diskussiounen an Aarbechte fir en neit Nationalitéitegesetz, e ganz grousse Konsens ze fannen, wou d'Koalitiounsparteien zesumme mat der CSV an och mat deene Lénken en Text geschriwwen hunn, fir eis Dispositiounen, eist Nationalitéitegesetz ze moderniséieren an och un d'Realitéite vun haut unzepassen.

Esou eng Ännerung vun engem Nationalitéitegesetz situéiert sech natierlech ëmmer och an engem historesche Kontext respektiv an engem aktuelle Kontext.

Wat ass deen? Bon, de Moment hu mer eng Situatioun, wou déi meescht vun eisen Awunner am Land nach zu Lëtzebuerg gebuer sinn an och lëtzebuergesch Elteren hunn. Mir hunn also eng Situatioun, wou am Moment och nach eng Majoritéit vun den Awunner déi d'lëtzebuergesch Nationalitéit huet. Wa mer awer d'Entwécklung vun der Demografie hei am Land an deene leschten zéng Joer, jo, an deene leschte fënnef Joer kucken, gesi mer, datt awer mëttlerweil do eng ganz staark Tendenz amgaang ass. Mëttlerweil hu mer scho wäit iwwer 40% vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, déi net d'Lëtzebuerger Nationalitéit besëtzen.

Firwat wunnen déi Leit hei? Ben, och si schaffen a liewen hei. Si hunn och Famill a Frënn hei zu Lëtzebuerg. Si fille sech wahrscheinlech och wuel hei zu Lëtzebuerg. A fir déi meescht vun deenen ass Lëtzebuerg och zur Heemecht ginn. An och si feiere mat, wann eis Équippen iergendwou am Ausland gewannen.

Bon, eng ganz Partie ënner hinnen hunn och ni eng aner Heemecht kannt. Si sinn hei gebuer, si sinn hei an d'Schoul gaangen a si sinn ebe just net Lëtzebuerger, well hir Elteren eng aner Nationalitéit hunn. An ech mengen, dat ass ënner anerem e wichtege Punkt an deem neie Gesetz, dat mer elo kréien, datt et erlaabt, Lëtzebuerger ze ginn, och ouni Lëtzebuerger Elteren ze hunn. An ech mengen, do hu mer jo dann hei an dësem Gesetz eng ganz Rei Dispositiounen ënner anerem och, fir den Droit du sol an eisem neie Gesetz, iwwert dat mer haut diskutéieren, ze stäerken.

Une voix.- Très bien!

M. Eugène Berger *(DP).-* Madamm Presidentin, an engem Land, wou bal d'Halschent vun der Populatioun aus sougenannten Auslänner besteet, huet ee keng aner Wiel, wéi op d'Integratioun ze setzen, nach vill méi wéi dat an anere Länner de Fall ass. Duerfir musse mer och all Efforte maachen, fir e kohärenten a gerechte System ze schafen, deen déi Leit encadréiert, déi Lëtzebuerg als nei Heemecht gewielt hunn, fir hinnen ze hëllefen, sech dann och hei ze integréieren.

Mir kennen och alleguerten déi Felder, wou een den Hiewel muss usetzen, fir datt eng beschtméiglech Integratioun méiglech gemaach gëtt: Dat ass an der Schoul, dat ass op der Aarbecht, dat ass an de Veräiner, dat sinn all déi Initiativen, fir eis Sprooch ze léieren, an nach villes méi. An den Zougang zur Lëtzebuerger Nationalitéit ass och nëmmen eng - een! - Element, awer net en exklusiivt Element vun dëser Integratioun.

Duerfir si mer eis och eens, datt een eréischt Lëtzebuerger ka ginn, wann een eng Rei Efforte gemaach huet an och Preuvë liwwert, datt ee sech hei zu Lëtzebuerg agelieft huet an datt ee sech och hei zu Lëtzebuerg integréiert huet. An duerfir gesäit ee jo och: Mat dësem Nationalitéitegesetz gëtt de Pass net bradéiert. D'Identifikatioun an d'Integratioun bleiwen och an Zukunft wichteg Viraussetzungen hei an dësem Gesetz, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit kënnen unzehuelen.

Bon, ech wäert elo net all déi eenzel Mesuren illustréieren. Ech wëll och soen, d'Rapportrice huet dat jo in extenso gemaach. Ech wëll hir och hei Merci soen a se félicitéiere fir hiren ausféierleche souwuel schréftleche wéi mënschlechen..., wéi mëndleche Bericht.

(Hilarité)

Derhannert stécht natierlech och ëmmer e Mënsch.

Ech ginn also net op all déi eenzel Dispositiounen an. Ech wäert der awer e puer, an eisen Ae wichteger kommentéieren. Déi éischt wichteg Mesure ass manner eng Ännerung, mä ech géif soen, éischter eng Réckbesënnung op d'Legislatioun, wéi mer se scho virun 2008 hei am Land kannt haten. An Zukunft also mat deem neie Gesetz soll d'Naturalisatioun erëm no fënnef Joer an net wéi de Moment no siwe Joer méiglech sinn. Mir begréissen dat ausdrécklech. Mir kommen also op d'Regelung zréck, wéi se an dësem Haus och schonn 2001 votéiert gouf, deemools ënnert dem deemolege Justizminister Luc Frieden. An deemools war de Rapporteur, ech hat dat nogekuckt, och de Laurent Mosar, dee jo och nach haut Member vun eiser Chamber ass.

Deemools war jiddwereen der Meenung, datt d'Erofsetze vun zéng op fënnef Joer eng vernünfteg Léisung wier. A wann een dann d'Riede vun deemools noliese geet, da fënnt een och lauter gutt Ursaachen, Argumenter, firwat d'Residenzdauer deemools op fënnef Joer erofgesat ginn ass. Ech widderhuelen déi Argumenter net nach eng Kéier alleguerten, mä duerfir war et eigentlech och - dat kann een och noliesen, déi Argumenter -, duerfir war et net esou verständlech oder net esou einfach novollzéibar, firwat mer et 2008 op siwe Joer eropgesat haten.

Mä bon, egal wéi, ech oder mir si frou, datt mer haut e breede politesche Konsens an dësem Haus fonnt hunn, datt mer erëm op d'Situatioun vun 2001, also fënnef Joer Residenzdauer, zréckkommen. A mat fënnef Joer Residenzdauer als Kritär wäerte mir net zu deene strengsten, och net zu deene largesten oder am mannste strenge Länner gehéieren an Europa, mä mir gehéieren do am internationale Verglach zu engem gudde Mëttelfeld.

Wat fir vill Leit, virun allem bei deene Jonken, awer och wichteg ass - dat ass en zweete Punkt, dee mer begréissen -, dat ass de Fait, datt an Zukunft d'Durée de résidence kann ënnerbrach ginn, generell. Mam 2008er Gesetz huet dat heiansdo zu komesche Situatioune gefouert.

Fir lech dat nëmmen un engem Beispill ze weisen, een Zeenario ze nennen: D'Kand vun enger auslännescher Koppel, deenen hiert Kand zu Lëtzebuerg gebuer war, wat säi ganze Parcours scolaire hei zu Lëtzebuerg gemaach hat, dat perfekt Lëtzebuergesch geschwat huet, ni eng aner Heemecht wéi Lëtzebuerg kannt huet, war fir e puer Méint, een, zwee Joer vläicht, net zu Lëtzebuerg, am Ausland ugemellt, zum Beispill wann d'Elteren aus berufflech Grënn een, zwee Joer am Ausland waren.

A stellt lech elo vir, wat da geschitt ënnert deem ale Gesetz, wann dann d'Kand zum Beispill 15 Joer huet an da geet d'Famill een, zwee Joer an d'Ausland an et kënnt mat 17 Joer zréck. No där aktueller Legislatioun, déi nach de Moment a Kraaft ass, krut dat Kand mat 18 Joer net direkt d'Méiglechkeet fir den Accès zur Lëtzebuerger Nationalitéit, obwuel et ebe 16, 17 Joer hannereneen hei gewunnt hat, hei an d'Schoul gaangen ass a perfekt integréiert war. Dat Kand huet da musse bis zum 25. Gebuertsdag oder Liewensjoer waarden, fir dann iwwerhaapt kënne seng Demande ze maachen.

Dat ware wierklech Situatiounen, där et der vläicht net Honnerten an Honnerte gi sinn, mä där Situatioune sinn et der eng Rei ginn. An dat war wierklech onglécklech. An ech mengen, mat deem neie Projet de loi kënnen esou Jonker eigentlech elo dann eventuell direkt respektiv, wa se awer och emol eng Zäit am Ausland waren - ausser deem leschte Joer virun 18 Joer -, direkt mat 18 Joer hei hir Nationalitéit ufroen.

Ech mengen, eng zweet wichteg Ännerung, déi mer och kënnen droe bei der Naturalisatioun, ass déi vum Sproochekritär, wat jo och vill am Virfeld diskutéiert ginn ass. An ech mengen, dat ass eppes, wat een hei feststellt - et sinn der jo och, déi dat vläicht au départ nach wollten e bësse méi oplabberen a vläicht an eng aner Richtung goen -, mä et stellt een einfach fest, datt bei dësem Projet de loi d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Ufuerderung un eis Sprooch net bradéiert ginn.

Et bleift eigentlech praktesch alles beim Alen, wat de gefuerderten Niveau bei der Lëtzebuerger Sprooch ubelaangt, also en A2 beim Schwätzen, e B1 beim Verstoen. Ech mengen, et ergëtt och Sënn, datt een dat esou léist. Et ass jo eng Erkenntnis, datt d'Schwätze vun enger Sprooch méi schwéier ass wéi einfach nëmmen d'Nolauschteren, et verstoen. D'Verstoe kënnt virum Schwätzen. An duerfir ass et jo och kloer, datt den Akzent um Schwätzen ass, datt een do also muss eng Genügend hunn an der Expression orale.

Nei ass, datt een eng Kompersatiounsméiglechkeet huet zwëschen dem Schwätzen an dem Verstoen. Et ass awer och esou geregelt, datt dat och wierklech vun der Saach hier e Sënn ergëtt, well den Niveau vum Verstoe bei B1 läit. Dat ass also méi en héijen Niveau. Et muss een also, ech soen emol, an enger Spart méi en héijen Niveau hunn, fir da mat deem méi héijen Niveau kënnen déi aner vläicht kleng Schwächt ze kompenséieren. Et ka jo awer och eventuell emol sinn, wann een an esou engem Examen ass, datt een emol e bëssen opgereegt ass an esou weider, an datt dat also dann hei och méiglech ass.

Also, déi Sproochregelung, déi bradéiert net d'Ufuerderung un eis Sprooch. A mir kënnen domadder, esou wéi se elo am Gesetz geschriwwen ass, ganz gutt liewen. Mir kënnen déi och esou droen.

Mir sinn eis och bewosst, datt natierlech net jiddwereen déi nämlecht Capacitéiten, déi nämlecht Liichtegkeeten huet, fir eng Sprooch ze léieren. Dat huet verschidden Ursaachen. Ech mengen, déi eng sinn, wéi een esou schéi seet, méi douéiert. Dat kann och dovunner ofhänken, wat fir eng Mammesprooch een huet. Een, deen Däitsch oder Hollännesch als Mammesprooch huet, huet et awer vläicht méi einfach, Lëtzebuergesch ze léieren, wéi elo vläicht, ech soen emol, een, deen iergendwou aus Asien kënnt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et gëtt awer och nach aner Elementer, firwat een et heiansdo net esou einfach huet, fir

d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren. Dat ass einfach, wann een zum Beispill voll am Beruffsliewe steet, den Zäitopwand. Et huet ee Famill doheem an et ass also dann net esou evident, fir sech nach owes dohinnerzesetzen an a Sproochecoursen ze goen.

An do muss een einfach och hei oppassen, datt een do net Ongerechtegkeete schaaft, datt een net eleng exklusiv nëmmen d'Lëtzebuerger Sprooch iwwer Owescoursë soll ubidden. Ech mengen, de Bauaarbechter, dat ass ëmmer dat klassescht Beispill, deen de ganzen Dag um Chantier schafft, owes midd heemkënnt, fir deen ass et natierlech net evident, datt en dann nach duerno do mat vill Motivatioun an Owescoursë geet.

An ech mengen, duerfir ass et och wichteg, duerfir si mir fundamental dervun iwwerzeegt, datt d'Fërdere vun der lëtzebuergescher Sprooch sech net nëmmen op Owescoursen oder och eventuell nach Coursen op der Aarbecht beschränkt. Ech mengen, d'Fërdere vun der lëtzebuergescher Sprooch dierf een och net nëmmen eleng am Kontext vum Ufroe vun der Nationalitéit gesinn. D'Lëtzebuerger Sprooch, dat ass eis Integratiounssprooch Nummer 1. Wann een also hei am Land lieft a schafft, ass et wichteg, datt een d'Lëtzebuerger Sprooch fërdert, fir datt och jiddweree motivéiert ass, se ze léieren, ob ee Lëtzebuerger wëllt ginn oder net.

An ech mengen, d'Regierung huet jo och eng ganz Partie Mesuren ugekënnegt respektiv schonn an d'Wee geleet, déi de Stellewäert vum Lëtzebuergesche stäerke wäerten. Ech mengen, ee vun deene groussen Impakter wäert natierlech sécherlech déi multilingual Kannerbetreiung sinn. Hei gëtt vill vum Franséische geschwat, obwuel hei eigentlech de Sënn awer och nach en aneren ass.

Dat ass, datt eigentlech hei déi Lëtzebuerger Sprooch am Fokus, am Mëttelpunkt soll stoen, well bis elo gëtt et awer eng ganz Rei privat Crèchen, wou just Franséisch geschwat gëtt. Mir fannen dat net gutt, well grad eben am jonken Alter d'Kanner op sinn, fir Sproochen ze léieren, andeems se dat am Alldag héieren, schwätzen, sangen an esou weider. An ab der nächster Rentrée ass dat also e wichtegt Element, datt nëmmen nach Crèchë staatlech ënnerstëtzt ginn, wou och eng lëtzebuergesch Kannerbetreiung ugebuede gëtt.

Ech mengen, och an anere Sparte vun der Schoul wäert deemnächst Neies ugebuede ginn. D'Lycéeë wäerten Optiounscoursen ubidden. Dat gëllt och fir privat Schoulen. Ech denken do zum Beispill un d'Europaschoul, un d'École Française. Ech mengen, dann och wat d'Schreiwe vun eiser Sprooch ubelaangt, huet den Éducatiounsministère virun e puer Wochen d'Campagne „schreiwen.lu" lancéiert, déi jo och e grousse Succès ass.

Mir stinn och als Demokratesch Partei zu der Verankerung vum Lëtzebuergeschen als Sprooch vun eisem Land an eiser neier Verfassung. An d'DP begréisst och d'Initiativ vun der Regierung, d'Lëtzebuerger Sprooch op EU-Niveau unzëerkennen. Ech mengen, et sinn der, déi soen, dat hätt just eng symbolesch Valeur. Ech mengen awer trotzdeem, och domadder setzt een awer en Zeechen, fir d'Wichtegkeet vun eiser Sprooch fir eist Land ze ënnersträichen.

Et ass jo och elo esou, ech hunn hei elo Saachen opgezielt, déi schonn annoncéiert oder an d'Wee geleet si ginn, mä och, ech soen elo net, an den nächsten Deeg, mä dat ass awer annoncéiert - an den nächste Wochen ass och vläicht ze laang -, mä op alle Fall ganz geschwë wäerten den Éducatiounsministère an de Kulturministère en Aktiounsplang mat weidere Mesurë fir d'Fërdere vun der lëtzebuergescher Sprooch presentéieren.

Bon, Här President, zréck bei déi nei Dispositiounen am Nationalitéitegesetz. Eng drëtt Innovatioun bei der Naturalisatioun besteet doranner, datt eng Prisongsstrof ouni Sursis vun op d'mannst zwee Joer e Motif de refus fir d'Naturalisatioun ka sinn. Och domadder hu mir kee Problem, domadder kënne mer d'accord sinn, well ech mengen, et ass och am Interessi vun der Integritéit vun eisem Gesetz, datt een, dee sech hei, fir et emol esou ze soen, „de Batti stellt", zumindest fir eng gewëssen Zäit keen Accès zu eiser Nationalitéit respektiv hire Virdeeler soll kréien.

Ech kommen dann op eng „nei al" Prozedur, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, näämlech eng Méiglechkeet, déi 1968 agefouert ginn ass an 2008 erëm ofgeschaaft gi war. Ech mengen, datt déi wichtegst Innovatioun d'Aféieren ass vun engem Droit du sol de première génération. Ech hat virdru schonn dovunner geschwat a gesot, datt dat e wichtege Punkt wier. An ech mengen, hei ass awer, géif ech soen, e Paradigmewiessel, dee mer hei uviséieren, well jo awer dann an Zukunft jiddwereen, deen hei zu Lëtzebuerg gebuer ass, och Zougang zur Lëtzebuerger Nationalitéit huet, onofhängeg vun der Nationalitéit vun den Elteren.

Bon, den éischte Moment kéint een do un d'Gefor vun, wat een esou nennt, dem „Geburtentourismus" denken, also datt Koppele just géifen op Lëtzebuerg kommen, fir datt dann hiert Kand hei op d'Welt kéim an dann Urecht hätt op d'Lëtzebuerger Nationalitéit an eventuell Avantagë kéint kréien. Ech mengen, datt jo awer déi Gefor, wann et se gëtt, hei duerch en duebelen Openthaltskritär aus der Welt geschaaft ass. Ech mengen, éischtens spillt den Droit du sol de première génération just fir Kanner, deenen hir Eltere schonn ee Joer, zwielef Méint hei am Land ware virun der Gebuert. An dann ass jo och nach de Kritär vun der Residenzdauer vu mindestens fënnef Joer do, déi ee muss hei gewiescht sinn. An et kann een et och eréischt fréistens ab dem 12. Liewensjoer froen, respektiv d'Eltere kënnen et da froen.

Et kann een also och hei feststellen, datt beim Droit du sol keng Kaddoe gemaach ginn. Mä et ass awer trotzdeem eng Ouverture, fir méi Gerechtegkeet hei ze schafen. An dëse Prinzip vun der Gerechtegkeet, mengen ech, deen zitt sech och duerch de ganze Projet de loi.

Just eng Remarque zur Nationalitéit iwwert de Mariage, wou och de Sproochekritär am Lëtzebuergesche virgesinn ass: och hei also kloer de Wëlle vum Législateur, fir datt dat Lëtzebuergescht net bradéiert gëtt. Et geet net duer, datt ee Franséisch oder Däitsch ka schwätzen oder verstoen. Och hei muss een also beweisen, déiselwecht Kritären, Sproochekritären erfëllen an de och suivéiert hunn.

Da spillt jo och nach ausserdeem den Délai vun dräi Joer, wa bestuete Koppelen net zu Lëtzebuerg wunnen. Ech mengen, déi zwee Kritäre sinn och ganz sënnvoll, fir och hei ze verhënneren, datt do eventuell Abuse bei Mariagë kéinten opkommen, sou wéi dat jo an der Vergaangenheet emol déi eng oder aner Kéier de Fall war.

Bon, soss op déi aner Optiounsméiglechkeete wollt ech elo net weider agoen, Här President. Och d'accord kënne mer sinn, datt de Recouvrement vun der Nationalitéit, deen am Gesetz vun 2008 virgesi war, den 31. Dezember 2018 wäert oflafen. Ech mengen, bei allem Respekt fir d'Nofahre vu fréiere Lëtzebuerger kann et jo awer verwonnerlech sinn oder kann een et verwonnerlech fannen, datt Leit d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, obwuel se iwwerhaapt guer kee Lien méi eigentlech mat Lëtzebuerg hunn, déi och vläicht an Amerika wunnen, a Südamerika, op Plaze wäit ewech. Virdrun hat ee vun de Virriedner hei vun der Belsch geschwat. Neen, do ginn et och eng Rei Leit, déi ganz wäit ewech wunnen, déi dat ugefrot hunn, déi awer keng Famill méi hei hunn, och net Lëtzebuergesch schwätzen, also eigentlech keen direkte Lien hunn. Et ass also gutt an eisen Aen, datt dat awer elo dann 2018 wäert auslafen.

Här President, d'Nationalitéit ass e groussen a wichtegen Deel vun eiser Souveränitéit. Et kann een et mat grousser Zouversiicht feststellen: Eis Souveränitéit gëtt mat dësem Gesetz net geschwächt, mä éischter gestäerkt. Den Zougang zur Lëtzebuerger Nationalitéit gëtt an Zukunft an eisen Ae méi gerecht, mä en ass och weiderhin un eng Rei wichteg Konditioune gebonnen. Den Zougang zur Lëtzebuerger Nationalitéit steet duerfir net am Ufank vun engem Prozess, mä ass éischter den Ofschloss vun enger gelongener Integratioun.

Schlussendlech soll dëst Gesetz och een Element ginn, fir dem Risiko vun engem demokrateschen Defizit an eiser Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg virzebeugen, datt mer net an déi Situatioun kommen, datt eng Kéier eng Minoritéit vun der Gesellschaft iwwer eng Majoritéit am Land géif décidéieren. Bon, ob dëst Gesetz dësem Défi wäert gerecht ginn an duerfir déi richteg Äntwert ass, dat wäert eis dann d'Zukunft beweisen oder weisen.

Mir mussen eis awer bewosst sinn, datt d'Diskussioune fir méi politesch Participatioun haut net ofgeschloss si mat dësem Gesetz. Mir dierfen duerfir net ophalen, fir weider Efforten ze maachen am Beräich vun der Integratioun, och iwwert d'Sprooch.

Zum Schluss, Här President, bleift mir dann nach just, fir den Accord vu menger Fraktioun hei zu dësem Projet anzebréngen, an och zu dem Projet 6974, op deen ech net weider aginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Berger. Als Nächsten huet d'Wuert den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Den Alex Bodry huet mat Recht drop higewisen, datt d'Nationalitéitsdebatte seelen eestëmmeg iwwert d'Bün geet. Dat wäert och haut net de Fall sinn. En huet och mat Recht drop higewisen, datt et positiv war, an dozou sti mer absolutt als ADR, datt de Justizminister e Konsens gesicht huet. Leider sinn déi Beméiungen net aboutéiert. Et ass schifgaangen. Mir konnte kee Konsens fannen.

Ech hunn haut hei en net einfache Stand, well ech, huelen ech emol un, ouni wëlle virzegräifen, wat déi Lénk elo gläich soen, als eenzege Riedner géint dëst Gesetz wäert schwätzen.

Dëst Gesetz ass wahrscheinlech ee vun deene wichtegsten Texter, déi an dëser Legislaturperiod zur Debatt stinn. Net well mer hei am Land, wéi esou oft behaapt gëtt, en Demokratiedefizit hätten! A scho guer net, well Mënschen ouni Lëtzebuerger Pass, ouni Lëtzebuerger Nationalitéit hei am Land keng Rechter hätten!

Viviane Loschetter, Alex Bodry, si hunn all drop higewisen, wéi vill Auslänner hei am Land liewen. Jo! An déi Leit liewe gären hei a mir liewe gäre mat hinnen zesummen a si brénge sech an, si gi bei Ministeren, si bréngen hir Avisen duerch hir Chambre-de-commercen, duerch hir Interessevertriedungen, anerer duerch hir Gewerkschaften. Si hunn hei eppes matzeschwätzen. Si hunn déiselwecht Rechter a Flichte wéi d'Lëtzebuerger. An dat ass gutt esou, datt hei am Land all Mënsch, egal wat fir ee Pass en huet, déiselwecht Rechter a Flichten huet. Ausser e puer wéinegen! An, wann ech mech net iren, déi eenzeg Rechter a Flichten, déi ee méi huet als Lëtzebuerger, sinn déi, dës Chamber däerfen ze wielen, an dës Chamber gewielt ze ginn an a verschiddene Positiounen als Beamten an de Statsdéngscht ze trieden. A fir eis Nationaléquippen ze spillen am Sport - dozu kommen ech méi spéit.

Genau dës Fro, déi vum Droit de vote fir Netlëtzebuerger, ass duerch e populäre Vott décidéiert ginn. Datt Auslänner dat Wahlrecht net solle kréien, hunn de 7. Juni 2015 78,02% vun de Wieler zum Ausdrock bruecht. Dat ass e Fakt! An dee Fakt gëtt hei einfach konsequent niéiert.

Den Avis vum Conseil d'État seet, dëse Projet wier wichteg, afin «de renforcer la cohésion au sein de la communauté nationale».

Ma Dir maacht ganz genau de Contraire! Well vill Leit sech hei ganz genau iwwerdubbert fillen an hire Wëllen a Fro gestallt gesinn. Hei gi Grief opgerappt, déi net néideg waren! E Mënsch, deen e Lëtzebuerger Pass huet, ass nach laang kee Lëtzebuerger!

D'Akzeptanz, Här Wiseler, am Vollek ass net déi, déi Dir mengt, zu dësem Projet!

Dës Regierung ass mat engem risegrousse Verspriechen ugetrueden. Si sot, an et steet op der alleréischter Säit vun der Regierungserklärung: «(…) le Gouvernement s'engage à renforcer la démocratie (…). Il facilitera la concrétisation d'initiatives populaires (veuillez lire: citoyennes).» Bravo! Dat heiten ass ganz genau de Contraire!

De Wëlle vum Lëtzebuerger Vollek, deen de 7. Juni 2015 zum Ausdrock komm ass, gëtt hei net respektéiert, e gëtt violéiert!

Der Regierung hir Logik ass: „Wann Auslänner net däerfe wiele goen, da maache mer se eben zu Lëtzebuerger." A fir dës Violatioun vum Wëlle vum Lëtzebuerger Vollek ze rechtfertegen, schreift d'Rapportrice op der Säit 11 vun hirem 102 Säite laange Rapport, «la volonté du peuple exprimée lors du référendum» wier dëse Projet an «un large consensus au niveau de tous les partis et sensibilités».

Ze behaapten, dëse Projet géif d'„volonté du peuple", de Vollekswëlle reflétéieren, dee sech de 7. Juni ausgedréckt huet, dat muss ee schonn als - am „Newspeak" - „alternative fact" oder „fake fact" bezeechnen. Et ass wouer, d'CSV ass aus Grënn, op déi ech méi spéit wäert zréckkommen, déi awer schwéier nozevollzéie sinn, ageknéckt an huet sech dem Reigerungspabeier ugeschloss. Mir als ADR net!

A mir sinn net als Eenzeg géint dëse Projet. An ech schwätzen och net méi vum Vollek. Ech schwätze vum Avis vun der Commission consultative communale vun der Stad Esch, déi gesot huet an hirem Avis «met en garde devant un abaissement trop poussé des conditions linguistiques». Ech schwätze vum Avis vun der Chamber vun de Fonctionnairen, déi seet: «Elle estime en effet que la maîtrise de la langue luxembourgeoise devrait être maintenue comme principale condition d'accès à la nationalité luxembourgeoise.»

Mir begréissen ausdrécklech, datt ADR-Propositiounen, notamment déi vun den Zaldoten, déi kënne méi liicht Lëtzebuerger ginn, zréckbehale gi sinn. Villes an dësem Text hätte mer kënne schlécken, wéi dat bei engem Konsens üüblech ass, mä net d'Erofsetze vun de Sproochkenntnisser! Mir kéinte liewe mam Droit du sol, dee mer fir e falschen Usaz halen. Mir kéinte liewe mat dem Erofsetze vun der Residenzklausel vu siwen op fënnef Joer, dat ass guer kee Problem. Mä mir kënnen net liewe mam Erofsetze vun de Sproochkenntnisser!

Schonn elo waren déi Ufuerderungen extrem niddreg a méi niddreg wéi an egal wat fir engem anere Land vun der Welt. Hei zu Lëtzebuerg muss een A2 hunn, fir ze schwätzen, B1 fir d'Verstoe vun der Sprooch. Ech wëll hei einfach emol - net lech, well Dir kennt dat, mä de Leit dobaussen - och soen, wat dat heescht:

A2, dat ass en Utilisateur élémentaire, a B1 ass en Utilisateur indépendant. A2, dat heescht, wéi een déi Sprooch muss schwätzen, ass „die Fähigkeit, mit unkomplizierten Informatiounen umzugehen, und der Beginn der Fähigkeit, sich in vertrauten Kontexten auszudrücken". An de B1, dat, wat ee muss hu beim Verstoen haut, ass „die Fähigkeit, sich auf begrenzte Weise in vertrauten Situationen auszudrücken".

Dat ass ganz wäit ewech vun enger perfekter Beherrschung vun der Sprooch. Déi fuerdere mir och net! Mir sinn net der Meenung, datt ee muss kënnen „De Renert" auswenneg zitéieren oder datt Dir musst kënnen en Text op Lëtzebuergesch schreiwen. Guer net! Mä et soll ee sech kënnen normal a Lëtzebuerger Sprooch mat engem aneren ënnerhalen an enger normaler Alldagssituatioun. Dat ass fir eis de minimalen Niveau, deen ee muss hunn.

An dësem Text gëtt dëse minimalen Niveau, dësen extrem niddregen Niveau nach eng Kéier erofgesat, well an Zukunft geet et duer, wann een A2, dat heescht ganz, ganz wéineg schwätzt, da brauch ee guer net méi ze verstoen. Da gëtt dat kompenséiert.

Et ass dann de Combel, d'„Umkehrung aller Werte", datt mer soen: Leit, déi dann extrem laang hei wunnen a guer kee Lëtzebuergesch kënnen, déi kréien dann eis Nationalitéit quasiment geschenkt. Dat ass fir eis och eng Frechheet fir all déi, déi den Effort maachen, fir eis Sprooch ze léieren.

Et gëtt dat a kengem anere Land! Wann Der kuckt, wat an Däitschland, wat an Éisträich, wat an England, wat a Südafrika üüblech ass: Et muss een d'Sprooch schwätze kënnen. De B1 ass deen allerallerniddregsten Niveau, deen Der an deenen Texter fannt. An Éisträich zum Beispill brauch ee B2, fir d'Nationalitéit ze kréien.

Wärend de Konsensgespréicher an obwuel mer, wéi mer elo grad gesot hunn, aneren Dispositiounen, besonnesch dem Droit du sol, och ganz kritesch entgéintstinn, sote mer, mir wiere mat allem d'accord a mir hätten haut dat Gesetz gestëmmt, wann d'Ufuerderung un d'Sprooch op B1 op béiden Niveauen - schwätzen a verstoen - gesat gi wier, an zwar an engem fairen Test! Et ass wouer, datt den Test net ëmmer fair ass! Et ass wouer, datt ee muss dat Verstoe schréftlech ausdrécken, wat schwéier verständlech ass. Et geet net drëm, Leit ze pisaken; et geet net drëm, Leit vun der Nationalitéit ewechzehalen! Mä et geet drëm, datt se ganz normal Lëtzebuergesch schwätzen a verstoe kënnen!

Wéi soll e Mënsch sech hei integréieren, wéi soll en en Droit de vote kréien duerch seng Nationalitéit, wéi soll e kënne Fonctionnaire ginn, wann en eis Sprooch net schwätzt? Nach eemol: Dat ass a kengem anere Land méiglech!

An et ass net, well mir besonnesch vill Auslänner hunn, datt mir solle manner Gewiicht op eis Sprooch leeën. Am Contraire. Natierlech ginn hei vill Sproochen am Land geschwat, an dat ass gutt esou. Notamment sollt Englesch zum Beispill eng offiziell Sprooch ginn, well ganz vill Leit hei am Land sinn engleschsproocheg. Mä de Lëtzebuerger hir Sprooch, an ech mengen, dat ass e Konsens heibannen, ass Lëtzebuergesch! A grad duerfir musse mir derfir suergen, datt eis Sprooch als eenzeg Integratiounssprooch geléiert gëtt.

Mir als ADR hunn ëmmer gesot, datt fir eis d'Nationalitéit um Enn vun enger gelongener Integratioun steet. Et ass net e Mëttel zur Integratioun, mä den Ofschloss vun deem Prozess.

An ech wëll lech un engem konkrete Beispill dat dote festmaachen. Ech war kierzlech mat engem jonke Mann iessen, dee sech wëllt an eiser Partei engagéieren. An hie sot mir ganz stolz, datt en elo deemnächst…

(Brouhaha)

…datt en elo deemnächst säi Lëtzebuerger Pass kritt. An e sot: „Dat ass super, well da kann ech fir eis Nationaléquipe géint de Cap-Vert spillen." Du sot ech: „Majo, ass dat net e bësse komesch, dass de géint d'Équipe aus dengem Heemechtsland spills?" A wësst Der, wat e mer geäntwert huet? E sot: „Ech fannen dat ganz

gutt, well ech si jo méi Lëtzebuerger." An et ass dat Gefill, et ass dat Gefill, Lëtzebuerger wëllen ze sinn, wat zielt!

Natierlech kënne mer Gefiller net moossen. Dat ass jo ganz kloer. Mä mir kënne Sproochkenntnisser moossen an testen, an zwar seriö testen, an net, datt intervenéiert gëtt, wéi dat haut oft de Fall ass, bei Schoulen, déi musse Certificaten ausstellen, obwuel eigentlech déi Leit den Test net bestanen hunn. Dat ass dat, wat u sech - a wann Der géift verstoen, wat d'Leit dobausse wëllen, da wéisst Der dat -, et ass dat, wat zum Ausdrock komm ass am Referendum. Mir wëllen net ënner eis bleiwen. Et ass net retrograd an et ass net postfaschistesch. Et ass alles net dat.

Mir wëllen einfach, datt de Lëtzebuerger hir Sprooch Lëtzebuergesch bleift. A wann haut, ech huelen emol un, 57 vu 60 Deputéierten dëse Wielerwëllen - jo! - violéieren an d'Statsbiergerschaft opmaache fir Leit, déi eis Sprooch emol net kënne schwätzen, dann ass dat, et deet mer leed, eng Frechheet par rapport zu de Wieler.

(Interruptions)

Jo, „mon Dieu!" Mir verstinn d'Gambia-Parteie mat hirem Lénksableger, well si hunn et ugekënnegt an hirem Regierungsprogramm, déi Kéier op der Säit 6. Gesitt Der, mir liesen esou Saachen! Schonn deemools hu se geschriwwen, si wiere fir en «abaissement du niveau des connaissances linguistiques». Mir wëssen, datt de Regierungsparteien hir Vue op eis Nationalitéit, eis Souveränitéit an eis Sprooch net grad héich ugesidelt ass, datt se deem net ganz waarmhäerzeg géintiwwerstinn.

A wa mer ganz éierlech sinn, musse mer soen: Och schonn am Referendum waren eis Frënn vun der CSV, fir emol net méi ze soen,...

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Noper! Noper!

M. Roy Reding *(ADR)*.- ...„wootlech": Amplaz vun engem kloren an däitlechen „Dräimol Neen", war hire Slogan: „Gitt gutt informéiert an d'Wahlkabinn!"

Firwat mécht dës Partei, déi dat éischt Affer war vun der Gambia hirem „Renouveau démocratique" - tëscht 26 Gänseféisercher - dat dote mat?! Dëst Gesetz kéint och mat 34 géint 26 gestëmmt ginn.

Firwat geet d'CSV hei op Konsenskurs mat Gambia? D'Regierung, do sinn ech iwwerzeegt, hätt sech net getraut, dësen Text esou duerchzezéien, wann d'CSV net d'accord gewiescht wier. An op menger Sich no der Ursaach, firwat datt dat kéint esou sinn...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech wëll lech just drun erënneren, datt virun de Wahle schonn e Gesetzestext dolouch an no de Wahlen eng Proposition de loi vun der CSV gemaach ginn ass mat ganz kloren an däitleche Propositiounen!

M. Roy Reding *(ADR)*.- Op menger Sich, firwat datt dat kéint esou sinn, sinn ech op e Pabeier gestouss, dee veröffentlecht ginn ass dëse 4. Februar am „Lëtzebuerger Wort", an dee liwwert en Ufank vun Erklärung.

Hei erkläert déi zukünfteg Führung vun der CSV, déi berüümt „Dräikinneksgrupp", de Lieser, „die diffuse Angst vor kulturellem Identitätsverlust" wier e Resultat - Här Wilmes! - vum „unzureichend vorbereiteten und verfrühten Referendum". Do kann ech just soen: „Aha, also bedauert dës zukünfteg Führungsriege vun der CSV den Ausgang vum Referendum." An och iwwert d'Sprooch gëtt sech lëschteg gemaach an deemselwechten Artikel, mat deem Wuertspill „Sprachenvielfalt oder -einfalt?". Jo, eefälteg sinn déi Leit an Ären Aen, déi un eiser Identitéit, un eiser Souveränitéit festhalen.

Gott sei Dank kënnen dës eefälteg Leit liesen, wat den CSV-Thinktank vu sech gëtt, an zwar: „Wirklich relevant ist somit weniger, in welcher Sprache wir uns verständigen, sondern worüber und worauf wir uns verständigen können." Eis Sprooch ass also an hiren Aen total irrelevant. Merci fir dee Message, deen och mir domm Leit verstinn!

An datt mir domm sinn, kréie mer dann och nach gläich bestätegt: „Dass sich hinter der aktuellen Identitäts- und Sprachendebatte vor allem das soziale und regionale Bildungsgefälle in Luxemburg verbirgt, müsste uns allen zu denken geben."

Merci, Här Wilmes, deen dote Message ass ganz kloer ukomm!

(Interruption par M. Serge Wilmes)

Erlaabt mer elo nach e puer Wuert zu deenen Amendementer, déi mer abréngen. Dat sinn der ganz genau aacht. Si sinn allen aacht schonn an der Kommissioun ofgewise ginn. Si ginn och hei ofgewisen, mä mir presentéiere se. Déi ginn natierlech elo iwwert déi reng Sproochefro eraus.

Deen éischten ass iwwert den Ius soli, wou mir verlaangen, datt dat vu fënnef op zwielef Joer eropgeet, déi awer net onbedéngt musse konsekutiv sinn. Mä virun allem soe mer, datt d'Konditioun eng Kennschaft vun eiser Sprooch ass oder ebe siwe Joer an enger Lëtzebuerger Schoul - net an enger Schoul zu Lëtzebuerg, well et gëtt jo och vill net lëtzebuergesch Schoulen hei am Land.

Zweetens, de Cours «Vivre ensemble», do geet et net duer, datt een do ass an do sëtzt, mä do soll och en Test gemaach ginn an et soll och duerno eng Charta ënnerschriwwe ginn. An et soll eng ëffentlech Zeremonie ginn, wou een d'Nationalitéit unhëlt, fir datt d'Leit wëssen, datt e Pass net eppes ass wéi d'Memberschaft an engem Club. Et ass vill méi wéi dat!

Am drëtten Amendement insistéiere mer op de Maintien vum A2, B1, deen ech virdrun erkläert hunn. Nach léiwer hätte mer allerdéngs B1 a béidem. Mä mir hunn hei eng Kompromëssformel scho gewielt.

Dee véierten Amendement ass wéi den Amendement 2, mä op aner Artikele bezunn.

Dee fënneften ass d'Optioun vum Mineur, wou mer och drop insistéieren, datt en d'Schoul hei zu Lëtzebuerg soll gemaach hunn an op Lëtzebuergesch soll gemaach hunn.

(Interruption)

Dann ass eise siwenten Amendement deen iwwert déi Leit, déi méi wéi 20 Joer hei wunnen an awer nach ëmmer kee Lëtzebuergesch kënnen. Do si mer absolutt net dermat d'accord. Et soll een net dat och nach belounen, dee mangelnden Integratiounswëllen.

An den aachten Amendement ass iwwert d'Déchéance de la nationalité, deen am Text virgesinn ass an dee mer gutt fannen, dee mer hei op verschiddene Punkten erweideren.

Dir verstitt also, datt mer als ADR dësen Text selbstverständlech net matstëmmen. Ech soen lech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Kann ech d'Amendementen nach mat den Ënnerschrëfte kréien? Oder hutt Der déi schonn eraginn?

M. Roy Reding *(ADR)*.- Hei sinn d'Originaler; wann ech gelift!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Voilà, well op menger Kopie si keng Ënnerschrëften drop. Merci.

Amendement 1

Amendement concernant l'article 6

Le °1 prend la teneur suivante:

°1 qu'elle ait eu sa résidence habituelle au Grand-Duché de Luxembourg et s'y trouve en séjour régulier pendant au moins 12 ans, dont au moins douze mois consécutifs précédant immédiatement le jour de sa majorité;

Il est ajouté le point °3:

*°3 d'avoir une connaissance de la langue luxembourgeoise, documentée par le certificat de réussite de l'examen d'*évaluation de la langue luxembourgeoise (les dispositions de l*'article 15 sont applicables) ou ayant accompli au moins sept années de sa scolarité dans le cadre de l'enseignement public luxembourgeois ou de l'enseignement privé appliquant les programmes d'enseignement public luxembourgeois, dont la langue véhiculaire est le luxembourgeois.*

Commentaire de l'amendement

Il y a lieu d'appliquer le principe du ius soli en première génération avec prudence. Par rapport au projet du Gouvernement, l'amendement propose de porter la clause de résidence de 5 ans à 12 ans, ce qui aura pour effet que cette personne a accompli en principe une grande partie de sa scolarité au Luxembourg. Pour des raisons de cohérence juridique, l'amendement reprend les conditions formulées pour l'article 27.

L'amendement supprime les conditions de «années consécutives» qui pourraient créer des «cas de rigueur» (par exemple, en cas de garde alternée si un des parents ne réside pas au Grand-Duché de Luxembourg).

Étant donné l'importance de la langue luxembourgeoise pour une intégration réussie, l'amendement prévoit une clause de connaissance de la langue.

(s.) Roy Reding, Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, David Wagner.

Amendement 2

Amendement concernant l'article 14

Le °3 prend la teneur suivante:

°3 d'avoir réussi l'examen sanctionnant le cours «Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg»; les dispositions de l*'article 16 sont applicables. Suite à la réussite de l'examen, le candidat signe une «Charte des droits et devoirs», dont le modèle et les modalités de la signature sont fixés par règlement grand-ducal.*

Commentaire de l'amendement

Par rapport au projet du Gouvernement, l'amendement exige la réussite de l'examen sanctionnant le cours «Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg», alors que le projet du Gouvernement se contente de la participation.

Les modalités du cours, définies à l'article 16, sont parfaitement respectables. La présence aux cours peut néanmoins être facultative, chaque candidat étant libre d'acquérir les connaissances nécessaires pour réussir l'épreuve par les moyens qui lui semblent appropriés.

Prenant modèle sur d'autres pays, les candidats à la naturalisation signent une «Charte des droits et devoirs». Cette signature pourrait prendre une forme solennelle, par exemple lors d'une cérémonie à l'hôtel de ville.

(s.) Roy Reding, Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, David Wagner.

Amendement 3

Amendement concernant l'article 15

Les deuxième et troisième paragraphes de (2) prennent la teneur suivante:

A réussi l'examen d'évaluation de la langue luxembourgeoise, le candidat qui a obtenu dans l'épreuve d'expression orale et dans l'épreuve de compréhension de l'oral une note égale ou supérieure à la moitié des points dans chacune des épreuves.

Commentaire de l'amendement

Par rapport au projet du Gouvernement, l'amendement rétablit l'obligation de satisfaire à la fois à l'épreuve d'expression orale (niveau A2) ET à l'épreuve de compréhension de l'oral (niveau B1), tels que les tests sont prévus dans la législation en cours.

Étant donné l'importance de la langue luxembourgeoise pour une intégration réussie, la seule réussite d'une épreuve au niveau A2 (qualifié de niveau débutant, de niveau de survie,...) est notablement insuffisante.

Extrait de l'exposé de motifs: «La finalité de la réforme du droit de la nationalité luxembourgeoise, proposée par le Gouvernement, est de favoriser l'intégration sociétale et politique des citoyens non luxembourgeois au Grand-Duché de Luxembourg ainsi que de renforcer la cohésion au sein de la communauté nationale.» Cette finalité ne peut en aucun cas être réalisée avec des connaissances de la langue au niveau A2.

(s.) Roy Reding, Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, David Wagner.

Amendement 4

Amendement concernant les articles 24, 25, 29, 30 et 31

Le °3 prend la teneur suivante:

°3 d'avoir réussi l'examen sanctionnant le cours «Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg»; les dispositions de l'article 16 sont applicables. Suite à la réussite de l'examen, le candidat signe une «Charte des droits et devoirs», dont le modèle et les modalités de la signature sont fixés par règlement grand-ducal.

Par rapport au projet du Gouvernement, l'amendement exige la réussite de l'examen sanctionnant le cours «Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg», alors que le projet du Gouvernement se contente de la participation.

Les modalités du cours, définies à l'article 16, sont parfaitement respectables. La présence aux cours peut néanmoins être facultative, chaque candidat étant libre d'acquérir les connaissances nécessaires pour réussir l'épreuve par les moyens qui lui semblent appropriés.

Prenant modèle sur d'autres pays, les candidats à la naturalisation signent une «Charte des droits et devoirs». Cette signature pourrait prendre une forme solennelle, par exemple lors d'une cérémonie à l'hôtel de ville.

(s.) Roy Reding, Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, David Wagner.

Amendement 5

Amendement concernant l'article 26

Il est ajouté le °3 qui prend la teneur suivante:

°3 qu'il a accompli au moins cinq années de sa scolarité dans le cadre de l'enseignement public luxembourgeois ou de l'enseignement privé appliquant les programmes d'enseignement public luxembourgeois, dont la langue véhiculaire est le luxembourgeois.

Le °2 devient le °3.

Commentaire de l'amendement

Pour répondre à la finalité de l'intégration, le mineur à partir de 12 ans ne peut bénéficier de l'option que s'il a accompli au moins une grande partie de sa scolarité dans l'enseignement public luxembourgeois.

(s.) Roy Reding, Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, David Wagner.

Amendement 6

Amendement 6 - concerne Art. 27

L'article 27 est complété comme suit (entre «les programmes de d'enseignement public luxembourgeois» et «à condition»):

dont la langue véhiculaire est le luxembourgeois;

Commentaire de l'amendement

Pour la cohérence avec les conditions de scolarité et de connaissance de la langue luxembourgeoise indiquées dans les autres articles et ceci afin de tenir compte d'écoles avec un régime de langue spécifique (exemple: École internationale de Differdange).

(s.) Roy Reding, Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, David Wagner.

Amendement 7

Amendement concernant l'article 28

L'article 28 est à supprimer.

Commentaire de l'amendement

Étant donné la finalité du projet de loi, il ne peut être renoncé à la connaissance de la langue luxembourgeoise définie dans l'article 14 °2 (amendé) et dans l'article 15, même après 20 années de résidence ou après une durée de résidence quelconque.

(s.) Roy Reding, Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, David Wagner.

Amendement 8

Amendement 8 - concerne Art. 62

L'article 62 est complété comme suit:

°3 s'il a été condamné à une peine de prison de 10 années ou plus pour des infractions figurant au Code pénal sous le Titre Ier - Des crimes et délits contre la sûreté de l'État - et sous le Titre Ibis - Des violations graves du droit international humanitaire.

Commentaire de l'amendement

Il convient de déchoir de la nationalité ceux qui ont obtenu la qualité de Luxembourgeois par naturalisation, option ou recouvrement et qui ont été condamnés pour des actes graves tels que le terrorisme, des crimes contre la sûreté de l'État, des attentats ou des complots contre le Grand-Duc ou le Gouvernement, mais encore pour génocide et crimes de guerre. Afin de limiter l'application de la déchéance aux cas les plus graves, la condamnation par le tribunal doit être une peine de prison de 10 années ou plus.

(s.) Roy Reding, Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, David Wagner.

Nächsten a leschte Riedner fir de Mëtten ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Dat bescht Mëttel géint d'Hysteriséierung ass Historiséierung. An duerfir wëll ech ufänken domadder, wat mir als Lénk bis elo nach ni gemaach hunn, näämlech der Rapportrice ze félicitéiere fir wierklech e ganz gudde schrëftleche Rapport: e Rapport, dee méi ass, wéi mer dacks Rapporten hei gewinnt sinn, näämlech e Copy-paste aus administrativen Texter, mä dee wierklech versicht huet, den historesche Flux an d'Evolutioun vum Nationalitéitegesetz oder den Nationalitéitegesetzer hei zu Lëtzebuerg ze maachen, an dat a Verbindung gesat mat der demografescher an ekonomescher Entwécklung vun eisem Land.

D'Nationalitéit ass ëmmer e ganz sensibelt Thema, well et eigentlech d'Mateneen an enger Gesellschaft mat definéiert. Et ass net deen eenzege Kritär, mä et ass awer eppes, wou jiddwer Mënsch eng Attitüd an och eng emotional Bindung dozou huet. An d'Nationalitéit ass ëmmer duebelschneideg. Et gëtt engersäits déi offiziell Dimensioun, d'Dimensioun vum Pass, vun engem materiellen Dokument, wat een huet, vun der Méiglechkeet, déi domadder verbonnen ass, fir wielen ze goen. An op där anerer Säit ass d'Nationalitéit och eppes ganz Emotionales, eppes ganz Perséinleches, jo deemno wéi scho bal Intimes, wat besonnesch déi Leit wëssen, déi aus Famillje kommen, déi aus der Immigratioun oder deelweis aus der Immigratioun stamen.

Kee Mënsch huet décidéiert, wou e gebuer ass, kee Mënsch, néierens. An duerfir ass d'Konzept vun der Natioun - an ech wéilt do vläicht e bësse méi wäit aushuele wéi d'Madamm Loschetter - d'Konzept vun der Natioun, wat

eis Regiounen hei ugeet, e relativ neit Konzept an der Geschicht an d'Nationalitéit och domadder e relativ neit Konzept. Zu Lëtzebuerg ass eng Natioun entstanen, an dat ass relativ kuriéis, ouni datt et virdrun e staarken ausgedréckten nationale Wëlle ginn ass. Mir sinn zum Deel en Zoufall vun der Geschicht, wou sech d'Natioun an alles dat, wat vun Emotiounen domadder verbonnen ass, eréischt duerno entwéckelt hunn.

Mir sinn eng Géigend tëschent dem germaneschen an dem romanesche Kulturkrees, eng Géigend, an där schonn ëmmer, viru Jorhonnerte schonn, eng grouss Mobilitéit bestanen huet tëschent de Leit. Ob ee vun Diddenuewen komm ass, vu Baaschtnech, vu Bitburg, vun Däitsch-Oth oder vu Lëtzebuerg, ëmmer sinn d'Leit hei zu Lëtzebuerg an an der Géigend Weeër gaangen. An iergendwa si Grenze gezu ginn an den historeschen Zoufall huet et gemaach, datt ee soit déi eng, soit déi aner Nationalitéit hat. Lëtzebuerg war en historescht Emigratiounsland am 19. Jorhonnert an ass en Immigratiounsland am 20. Jorhonnert ginn, an esou ass et och nach haut.

Alles dat mécht Lëtzebuerg aus: seng Kulturen, seng Villsproochegkeet, säi Bi- a Multilinguisme, an alles dat ass eppes, wann een iwwer Nationalitéit schwätzt, wat de Kontext setze muss, an deem mer dat analyséieren.

Et ass ee Saz gi vu mengem Virriedner, dee mech besonnesch schockéiert huet. Dee Saz, ech hu mer en opgeschriwwen, heescht: „E Mënsch, deen e Lëtzebuerger Pass huet, ass nach laang kee Lëtzebuerger."

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Wat heescht dat? Wéi eng Virstellung vum Lëtzebuergersinn stécht do hannendrun, wann et net eng ass, déi op quasi der Verierwung vun engem Potenzial berout?

D'Démarche, déi de Minister an dësem Fall gesicht huet, näämlech déi, mat alle Parteie sech un en Dësch ze setzen, Proposen ze maachen, Proposen ze entwéckelen, huet och eis Zoustëmmung fonnt, a mir hunn och un deenen Diskussiounen deelgeholl.

Ech wäert lech awer och net verheemlechen, datt mir mat deem éischten Entworf, dem Avant-projet de loi vum Nationalitéitegesetz, wesentlech méi averstane ware wéi mat deem Projet, deen elo virläit, well mer mengen, datt leider duerch d'Aktioun vun der CSV eenzel punktuell Verwässerunge komm sinn an eng strukturell. Mir hunn eng strukturell Chance verpasst, op déi ech nach agoe wäert.

Dat, wat awer wesentlech ass un dësem Text, dat ass den Droit du sol vun der zweeter Generatioun, deen agefouert gëtt, also datt Kanner, déi hei gebuer sinn an deenen hir Elteren och schonn e Joer hei gelieft hunn, a wa se virun hirem 18. Gebuertsdag fënnef Joer hei och gewunnt hunn, datt déi dann automatesch duerch d'Gesetz Lëtzebuerger sinn.

D'Philosophie vum Droit du sol ass erstaunlecherweis vill méi no bei engem Konzept vun der Nationalitéit, well et ass d'Natio, d'Gebuert, déi definéiert, zu wéi enger Gemeinschaft ee gehéiert, an d'Plaz wou ee gebuer ass, am Géigesaz zum Droit du sang, deen ausschliisslech verierft gëtt.

An hannert deene Virstellunge vum Droit du sang stiechen ëmmer d'Virstellunge vu Rengheet, vun enger Verierwung, vun engem Vollekskierper, vun enger Unitéit - déi et an der Geschicht ni ginn ass! -, an déi am 20. Jorhonnert zu deene grujelechste Verwerfunge gefouert hunn, zu deenen déi westlech Zivilisatioun bis elo fäeg war.

Déi zweet grouss Verbesserung ass d'Vereinfachung vun de Bedingunge fir déi Leit, déi wëlle Lëtzebuerger ginn, déi hei liewen, déi décidéiert hunn, hei hire Liewensmëttelpunkt ze setzen. An dat ass, datt engersäits d'Residenzklausel vu siwen op fënnef Joer konsekutiv erofgesat ginn ass, an d'Lëtzebuerger Sprooch, datt den Niveau net erofgesat ginn ass - wouriwwer een duerchaus diskutéiere kéint, woubäi mir och aner Virstellungen haten an hunn -, mä datt den Ëmgank mat der Sprooch ajustéiert gëtt, datt Saache kompenséierbar sinn an datt een dovunner ausgeet, datt, wann ee Lëtzebuergesch um Niveau A2 schwätze kann, da kann een et och verstoen.

Et sinn Elementer, wou ee vill méi flexibel mam Lëtzebuergeschen a vill méi produktiv mam Lëtzebuergeschen ëmgeet, och aus deenen Erfahrunge vun den Échecken aus deene leschte Jore vu Leit, déi déi Sproochentester gemaach hunn an deelweis dat eent Element gepackt hunn, dat anert Element eventuell net gepackt hunn, mä wou d'Volontéit do ass - d'Volontéit do ass! -, fir Member vun eiser Gesellschaft ze ginn an dat mat engem Pass ze justifizéieren.

A grad do menge mer, datt et - wéi vu Verschiddene gefuerdert - falsch ass, d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg, déi eng multilingual ass, eng bilingual de facto ass, fir déi iwwert d'Nationalitéit an den Zougank zur Nationalitéit exklusiv wëllen ze léisen.

Mir mengen, datt d'Sprooch, déi lëtzebuergesch, a besonnesch déi lëtzebuergesch Sprooch net dozou benotzt soll ginn, fir auszeschléissen. Well dee grousse Virdeel an där ganzer Sproochendebatt, déi mer hunn, vum Lëtzebuergeschen ass, datt et eng Sprooch ass, déi d'Potenzial huet, Brécken ze bauen. Doduerch datt d'Sprooch selwer eigentlech an hirem Vocabulaire scho bilingual ass, kënne mer ebe justement als Lëtzebuerger déi Oppenheet demonstréieren tëschent deenen zwee Kulturkreesser. An duerfir däerf dat net en Ausschlosskritär sinn!

Duerfir si mer ganz traureg doriwwer, datt déi ursprünglech Fassung vum Avant-projet de loi, wou et geheescht huet, datt d'Leit, déi aacht Joer hei am Land sinn an déi 100 Stonnen - 100 Stonnen! - a Coursë ginn, awer keen Exame maache mussen - dat ass dat Entscheedend -, duerch den Afloss vun der CSV ofgeschwächt ginn ass respektiv iwwerhaapt ganz erausgeholl ginn ass.

Well wat hätt dat bedeit? Ech mengen, datt dat näämlech eng Dier opgemaach hätt. Leit, déi 100 Stonne Coursen hunn an huelen am Lëtzebuergeschen, deene kann ee villes virgeheien, mä net, datt se net wëlle Lëtzebuergesch léieren!

Une voix.- Très bien!

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Et géif eng Dier opmaache fir Leit, déi Léierschwieregkeeten hunn, Leit, déi Examensproblemer hunn, also fir éischter sozial schwaach Leit, fir och en Accès zu dëser dach anscheinend esou helleger Gemeinschaft kënnen ze kréien.

An et hätt Weeër gewisen, wéi ee kann d'Lëtzebuergescht als Sprooch valoriséieren a gläichzäiteg et net benotzen als Examensinstrument, fir Leit auszeschléissen. Leider ass déi historesch Chance verpasst ginn! An ech mengen, Här Wiseler, datt och vläicht Dir an Zukunft deem notrauere wäert, datt Der mengt, dat wier e Succès gewiescht, fir dat do ewechzehuelen. Ech mengen, datt eigentlech d'Lëtzebuerger Communautéit an d'Lëtzebuerger Sprooch doduerch geschwächt gi sinn.

Mir si ganz duerfir, an dat hu mer och dem Minister an eisen Entrevuë gesot, datt verstäerkt Civiques-Coursen agefouert gi mat engem historeschen Deel, mat engem biergerrechtlechen Deel a mat engem institutionellen Deel. Mä elo scho muss een awer soen, datt et Leit gëtt, Lëtzebuerger, déi an déi Coursë virwëtze gaange sinn - wou et am Ament just dräi Coursë sinn à zwou Stonnen -, déi virwëtze gaange sinn an déi gesot hunn: „Mä do sinn ech immens vill gewuer ginn iwwer mäi Land."

An dat Erstaunlecht dobäi ass, datt een déi Bürgerkunde jo eigentlech misst als normal virausgesat gesinn. Mir ënnerstëtzen dat och, datt se agefouert gëtt. Mir denke just, datt et méi systematesch misst gemaach ginn och op aneren Niveauen, och um Niveau vun der Lëtzebuerger Schoul.

En drëtte Volet vu wesentleche Verbesserunge sinn déi administrativ Vereinfachung, d'Erëmaféiere vun der Optioun. Ech ginn op déi eenzel Elementer net an: d'Bestietnis, d'Beruffszaldoten, Leit, déi hir Scolaritéit zu Lëtzebuerg gemaach hunn an net zulescht och d'Apatriden, deenen d'Méiglechkeet zur Optioun opgehale gëtt.

Mir halen och endlech op, dat anachronistescht Bluttrecht weider als Kritär ze huelen, fir Lëtzebuerger ze ginn, dat heescht, wann een 1900 iergendeen an der Famill hat, dee Lëtzebuerger war, datt een dann, och wann ee schonn 100 Joer laang näischt méi mam Land ze dinn hat, och nach kann d'Lëtzebuerger Nationalitéit froen. Well dat ass d'Logik vum Bluttrecht, vun der Verierwung vun der Nationalitéit. Glécklecherweis leeft dat Enn 2018 aus!

Här President, mir mengen, datt dat hei e Fortschrëtt ass. Mir menge leider, datt och eng Chance verpasst ginn ass, wat d'Sprooch ugeet a wat den Ëmgank an d'Verständnis vum Ëmgank mat der Sprooch betrëfft. Mir mengen awer och, datt, wéi an anere Beräicher, natierlech Sputt no uewe bleift an datt dat heiten en Ufank ass och vun engem neien, vläicht méi développéierte Verständnis vun deem, wéi eis Gesellschaft zesummegesat ass.

Ech si frou, datt mer, bis op de Vertrieder vun der ADR, bis elo net d'Gefill hei an der Chamber haten, datt e Kulturkampf ausgedroe géif ginn. E Kulturkampf, dee kengem eppes brëngt, dee just Grief opmécht amplaz eng Gesellschaft zesummenzeféieren. Wann eng Gesellschaft wéi déi lëtzebuergesch esou ass, datt 50% oder 53% nach e Lëtzebuerger Pass hunn a 47% net, da muss dës Gesellschaft sech Froe stellen, wéi se den inneren Zesummenhalt nach ka gewärleeschten. An d'Reaktioune vun der Droite, vun der extrême Droite, déi eigentlech just seet: „Mä et ass egal, da si mer eben iergendwann eng Kéier nach just 20% oder 15%", déi fannen hir ideologesch Partner a Länner wéi Katar oder Saudi-Arabien, wou et och just eng absolutt Minoritéit ass, déi d'Soen huet an net eng demokratesch Gesellschaft!

An ech kommen och net derlaanscht - et ass ugeschwat ginn -, op deen Avis vun der Escher Integratiounskommissioun anzegoen. Wéi ech e gelies hunn, hunn ech geduecht, mir misst elo den Äppelchen aus der Pännche sprangen! Well ech selwer gewielte Gemengerot vun der Stad Esch war, weess ech, datt en net d'Meenung vum Gemengerot representéiert an och net d'Meenung vum Schäfferot.

En ass a sengem Inhalt falsch, esou falsch, wéi en nëmme ka sinn, well e seet näämlech: „mettre en garde" virun all weider Ouverture vum Droit du sol, ier net weider Integratiounsinitiative geholl sinn.

Mä den Droit du sol ass grad deen, deen d'Integratioun definéiert. Wann e Mënsch hei gebuer ass, hei opgewuess ass, mä dann ass en integréiert! An dat ass eng vun deene Saachen, déi mir bei all deenen Avise bis elo am schwéiersten oder am schlëmmsten opgestouss sinn, well ech selwer als Escher - an ech weess, datt eng aner Deputéiert och hei vun Esch ass -, well mer just mat enormem Kappréselen deen Avis gesinn hunn an och wëssen, datt en net d'Meenung vum Escher Gemengerot representéiert.

Une voix.- En ass vun der Kommissioun...

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Här President... Oh, vun der Kommissioun! Wësst Der, deen Avis, deen ass redigéiert gi vun engem, deen ze vill „House of cards" gekuckt huet a gemengt huet, den Opportunismus vun engem Francis Underwood misst d'allgemeng Regel sinn, just datt en, mengen ech, d'Intelligenz vun deem spilleresche Personnage Francis Underwood net huet.

(Brouhaha)

Här President, ech mengen, datt den eigentleche Fortschrëtt hei deen ass, datt zu dësem historeschen Zäitpunkt, wou an Europa déi Identitairen iwwerall un Terrain gewannen, mir hei e Gesetz adoptéiere mat enger ganz, ganz grousser Majoritéit, dat eis Gesellschaft oppen hält, dat se schützt, schützt virun deenen Aflëss, déi mengen, datt just d'Minoritéiten nach dierften hei d'Soen hunn.

A mir ënnerstëtzen och duerfir dat Gesetz a mer deelen d'Virstellung vun enger inklusiver Gesellschaft, vun enger Gesellschaft vum sozialen Zesummenhalt. Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Baum, deem ech awer ganz léif géif un d'Häerz leeën, fir net op där Tribün hei op Leit ze schéissen, déi net hei sinn.

Dat gesot, géif ech d'Wuert un de Justizminister ginn.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Merci als Alleréischt un d'Rapportrice - an och un déi aner Membere vun der Commission juridique - fir hiren, wéi ech och fannen, ganz gudde mëndlechen a schréftleche Rapport.

An och Merci un all déi, déi sech haut un der Debatt bedeelegt hunn, awer och an deene leschte bal 18 Méint, wou mer eis méi wéi eemol gesinn hu mat der Vertriedung vun deene Parteien, déi an der Chamber vertruede sinn, a wou mer ganz sachlech a konstruktiv Gespréicher haten, och wa mer eis net op all de Punkten ëmmer konnten eens maachen a wa jiddweree sech e bëssen och huet misse bewegen an och wann haut eng Partei an hir dräi Deputéiert den Text net wäerte matstëmmen, obwuel se, wéi dat virdru gesot ginn ass, mat ganz villen Dispositioune vum Text eigentlech awer averstane sinn. An ech mengen, dat ass och e Resultat vun deene Gespréicher.

Dee Konsens ass och net nei: 2008 war et net anescht. Et ass virdru gesot ginn, d'Eestëmmegkeet wier rar, awer ganz breet Majoritéiten hate mer schonn, fir d'lescht 2008, wou dat aktuellt Gesetz gestëmmt ginn ass. Deemools hunn och ausser den ADR-Vertrieder all déi aner, och déi aus der Oppositioun, zu deenen ech deemools gehéiert hunn, den Text matgedroen, och wann ech a meng Partei deemools net mat allem averstane waren, well eis eng Rei Saachen deemools am Text gefeelt hunn. Trotzdeem ware mer deemools bal all der Meenung, dass et wichteg wier an engem Land, wou d'Migratioun esou e staarke Phenomeen ass, op där doter Fro no Méiglechkeet Weeër ze sichen, fir sech op en Text kënnen ze verstännegen.

Dat war deemools och op der Fro vun der sougenannter duebeler Nationalitéit, déi den ADR deemools contestéiert huet. Dat war hiren Haaptpunkt deemools. Mat deem hu se mëttlerweil hire Fridde gemaach. Ech ginn dann d'Hoffnung net op, dass Der lech an Ärer weiderer Entwécklung och un dësen Text wäert méi no kënnen erubewegen.

(Interruption par M. Roy Reding)

Ech hunn, Här President, elo hei keng Grondsazried preparéiert. Mir hunn ze vill oft an der Vergaangenheet schonn doriwwer kënne schwätzen. An alles, wat pertinent ass, ass och vu menge Virriedner dozou gesot ginn.

Ech wëll dofir just op e puer eenzel Punkten agoen, fir ze ënnersträichen, dass ech der Meenung sinn, dass deen Text, dee mer haut stëmmen, ee wäert sinn, deen d'sozial Kohäsioun zu Lëtzebuerg wäert hëllefe verstäerken. An dat ass wichteg! Et ass wichteg an engem Land, wou d'Immigratioun am Verglach mat praktesch all de Länner op der Welt eenzegaarteg ass. An dat war nach ëmmer zum Notze vu Lëtzebuerg a vun all deene Leit, déi hei liewen.

D'Gesetz, mengen ech, wäert och par rapport zum besteeënde Gesetz méi Gerechtegkeet erabréngen, an deem Sënn, dass mer duerch Flexibilitéit op enger ganzer Rei vu Punkten et wäerten hikréien, dass d'Gesetz passend gëtt, méi wéi dat aktuellt, fir verschidde Biografien: souwuel fir den hollänneschen EU-Beamten, dee sech ëmmer beméit, dee keng Schwieregkeeten huet, dat aktuellt Gesetz iwwert d'Nationalitéit a seng Exigenzen ze erfëllen, wärend op där anerer Säit Leit, déi net laang an d'Schoul gaange sinn, déi net vill Examen an hirem Liewen hu misse bestoen, déi aus engem anere Sproochraum kommen, vill méi Schwieregkeeten hu mat eisem aktuelle Gesetz. Dat aktuellt Gesetz gëllt fir jiddwereen, ass awer net fir jiddwereen d'selwecht exigent an der Realitéit. An dat neit Gesetz, mengen ech, wäert op deem dote Punkt wesentlech méi gerecht gi wéi dat, wat mer haut hunn.

D'Integratioun, doriwwer ass och de Mëtteg scho geschwat ginn, fir déi eng ass et d'Kréinung vun engem Integratiounsprozess, fir anerer den Ufank. Ech mengen, dass weder dat eent nach dat anert richteg ass. D'Integratioun ass fir jiddwereen en eegene Prozess.

D'Integratioun ass och keng Einbahn, et ass net en eesäitegen Effort vun deem, deen oder dat op Lëtzebuerg kënnt an eng ganz Rei Passage-Exame quasi misst realiséieren, éier hien/hatt et zougestane kritt, dass et accordéiert wier. Integratioun ass och en Effort, deen déi maachen, déi schonn do sinn, deen déi maachen, déi virdru schonn do waren. Et ass am Zesummeschaffen, am Sech-openaner-Duerbewegen, wou d'Integratioun läit. Well keng Gesellschaft, déi Lëtzebuerger scho guer net, ass figéiert!

Lëtzebuerger ze sinn, dat fënnt een net an engem Buch aus dem 18. Jorhonnert erëm mat enger Definitioun. Lëtzebuerger ze sinn ännert lafend, wéi all Gesellschaft sech weiderentwéckelt, an dofir ass och all Integratiounsprozess ëmmer en Zesummespill an en Openaner-sech-Duerbewege vun all deenen, déi bei eis kommen, a vun deenen, déi schonn do sinn.

A jiddweree mécht dat a sengem Tempo, op seng Aart a Weis. A fir déi eng ass d'Abiergerung eppes, wat se esou fréi wéi méiglech ustriewen, no fënnef Joer, fir anerer ass et eppes, wat se ni wäerte maachen, an dat aus den ënnerschiddlechste Grënn.

Et gëtt Leit, déi soen: „Ech wëll dat net maachen, well ech hunn e ganz grousse Respekt virun deem Land, an deem ech esou laang hunn dierfe liewen, an ech mengen, ech wëll dee leschte Schratt do net maachen. Ech weess, wou ech hierkommen, an ech sinn deem Land hei zu groussem Dank verflicht, dass ech hei mäi Liewe konnt gestalten, mä dee leschte Schratt do wëll ech fir meng Kanner, mä fir mech selwer net."

Do kann een da vläicht doriwwer staunen, mä et gëtt déi ënnerschiddlechst Beweggrënn, firwat dass een d'Abiergerung um Enn vu sengem oder zu engem aneren Zäitpunkt vu sengem Integratiounswee mécht oder eben net mécht. An et gëtt och keng Obligatioun dofir!

Wa mer haut en neit Nationalitéitegesetz stëmmen, dann däerf een och dat soen: Et gëtt keng Verflichtung, fir de Lëtzebuerger Pass unzehuelen. Et kann een och zu Lëtzebuerg liewen a sech u ganz villem bedeelegen, sech un de kommunale politesche Wahle bedeelegen als Kandidat oder als Wielerin oder Wieler, oder bei den Europawahlen an och soss am associative Liewe ganz staark integréiert sinn, ouni mussen de Wee vun der Abiergerung

a vum Lëtzebuerger Pass ze goen. Dat ass eng Méiglechkeet, déi mer eis schafen.

An déi grouss Reform vun 2008, vun deem Gesetz, wat mer haut hunn, nieft der Aféierung vun der multipler Nationalitéit, vläicht esouguer déi gréisste Reform deemools, war de Fait, dass mer eriwwergaange si vun enger politescher Prozedur, déi duerch d'Chamber gaangen ass, ouni Recoursen an ouni Transparenz an ouni objektiv Kritären - an ech soen dat als ee vun deenen, déi an der Commission juridique souzen -, dass mer eriwwergaange sinn op eng strikt administrativ Prozedur.

Mir sinn also am Fong eriwwergaange vun engem Recht iwwert d'Nationalitéit deemools zu engem Recht op d'Nationalitéit. Een, dee wëllt Lëtzebuerger ginn an déi Kritären erfëllt, huet d'Recht drop. A kee kann em et refuséieren, soss kann en dat iwwert d'Geriicht akloen, kann da Lëtzebuerger ginn. Et gëtt also haut e Recht. An dat ass an deem neien Text och net geännert. D'Kritäre bleiwen alleguerte strikt objektiv Kritären: Keng Interpretatioun ass méi noutwendeg!

An den Alex Bodry huet virdrun zu Recht drop verwisen, dass dee Projet de loi vun der viregter Regierung - deen de François Biltgen nach déposéiert huet -, do hat den Här Biltgen am Ufank effektiv wëlles, beim Kritär vun der Honorabilitéit e gewëssene Spillraum erëm mat eranzebréngen. Ech war deemools och ganz staark opposéiert an hunn dem Här Biltgen dat och gesot, mat aneren zesummen. An de François Biltgen huet dann och an deem Projet de loi, deen en déposéiert huet, drop verzicht, well e gemierkt huet, dass dat eng Mesure wier, déi net konsensfäeg wier.

Och do war de Wëllen also bei der deemoleger Regierung a beim viregte Justizminister, fir sech op wesentleche Punkten am Konsens ze bewegen an net e Cavalier seul ze maachen.

E Wuert awer och, well ech mengen, dass dat wichteg ass, zu den Zuelen, fir dass mer alleguerte wëssen, wou mer haut eigentlech mat der Naturalisatioun dru sinn a mat der Wierkung vum besteeënde Gesetz.

Mir hu bis Enn 2008, bis also dat neit Gesetz a Kraaft getrueden ass, éischter ëm déi 1.000 Fäll ongeféier pro Joer gehat, déi duerch d'Chamber gaange sinn, emol liicht méi, emol liicht manner, mä et ware graff ëm déi 1.000 Fäll pro Joer.

Duerch dat neit Gesetz si mer am Joer 2010 scho bei ronn 4.300 Fäll gewiescht. Do waren der natierlech ganz vill, déi laang op déi duebel Nationalitéit gewaart hunn an du wierklech praktesch all beieneen, oder wéinstens en Deel dovun, déi nei Optioun do genotzt hunn. Déi Zuele sinn du réckleefeg gewiescht bis d'Joer 2014. An zënterhier hu se sech ongeféier stabiliséiert bei 3.100 Fäll vun Naturalisatioun pro Joer.

Deem géintiwwer ass awer de Recouvrement eppes, wat an enger ganz staarker Progressioun ass. Am Ufank, 2010, nëmmen 136 Fäll, 2015 2.211 Fäll a vun 2015 op 2016 ass et eng absolutt spektakulär Hausse: Do si mer vun 2.211 Fäll eropgaangen op 4.007 Fäll, also praktesch eng Verduebelung vun de Fäll vu Recouvrement!

A wann een déi zwee zesummenzielt, da si mer 2015 vun ongeféier 5.300 Abiergerungen, also Recouvrement an Naturalisatioun zesummen, gesprongen op 7.200 Fäll, wat praktesch eng Steigerung ass vun no bäi 40% bannent engem Joer eleng! De Gros dovun a fir d'éischte Kéier majoritairement opgrond vum Recouvrement an net méi vun der Naturalisatioun. Deen Trend muss een awer a Fro stellen an eenzel Virriedner hunn dat och virdru gemaach.

Vun deene 4.000 Leit, déi d'lescht Joer - 4.007 Leit, fir exakt ze sinn - de Recouvrement gewielt hunn, wunnen der am Ganzen 192 zu Lëtzebuerg. 3.800 si keng Lëtzebuerger Résidenten! Dat si Leit, déi oft an der noer Grenzregioun wunnen, schwéierpunktméisseg an der Belsch, awer och vill a Frankräich, e bësse manner an Däitschland, an awer och iwwert d'Welt verdeelt sinn. Manner wéi 5% sinn also Résidenten zu Lëtzebuerg. Dat ass eppes, wat een awer muss trotzdeem stutzeg maachen, wat de Sënn oder eventuell och Onsënn vun där doter Mesure ugeet.

D'lescht Joer si méi Leit iwwert de Recouvrement agebiergert ginn, déi an Amerika wunnen, wéi mer der haten, déi zu Lëtzebuerg wunnen. Mir hate bei 192 Fäll, déi Lëtzebuerger Résident waren iwwert de Recouvrement, 215 Fäll beim Recouvrement, déi an de Vereenegte State wunnen. Dat, mengen ech, misst engem wierklech ze denke ginn!

Dofir war et och fir mech keng Optioun, déi doten Dispositioun vum Gesetz weider ze verlängeren. Et hätt ee se och kënnen ofschafen an dësem Gesetz. Ech war net dofir, och aus Grënn vun der Rechtssécherheet. Mir hu mat deem aktuelle Gesetz zënter Jore gesot, dass dat Enn 2018 géif auslafen. Et elo iwwert den Ëmwee vun engem neie Gesetz ze stoppen, mengen ech, wier dee falsche Wee gewiescht. Do muss een och eng gewësse Rechtssécherheet bidden. Mä et war fir mech keng Optioun, dat do ze verlängeren. Ech mengen, dass et gutt ass, wann dat ophéiert.

Dat heescht awer dann, anescht ausgedréckt, wa mer also kucken, vun deene 7.300, wéi vill dass der do derbäi sinn, déi tatsächlech zu Lëtzebuerg wunnen, da komme mer op eng Zuel vun ëm déi 3.400 Leit.

An därselwechter Zäit sinn d'lescht Joer tëschent 11.000 an 12.000 Leit zousätzlech, an engem „solde migratoire net", zu Lëtzebuerg Résident ginn. Dat heescht, bei 12.000 zousätzlechen Awunner hu mer an därselwechter Zäit ongeféier 3.400 Abiergerunge gemaach. Dat ass ganz vill.

Lëtzebuerg ass europawäit am Verhältnis dat Land, wat déi meeschten Abiergerunge mécht. Dat ass iwwerall e marginale Phenomeen. Zu Lëtzebuerg ass et kee Massephenomeen, mä mir sinn europawäit an der Relatioun schonn haut eigentlech ganz gutt. Mä par rapport zu eiser Realitéit... Well mir däerfen eis net just mat deenen anere vergläichen, mir mussen eis mat eis selwer beschäftegen a kucken: Wat ass bei eis d'Realitéit? An déi ass ebe bei eis, dass mer 12.000 zousätzlech Awunner d'lescht Joer kritt hunn, ronn 2% vun der Populatioun! Dat ass aussergewéinlech vill, ass awer déi lescht puer Joer schonn esou gewiescht. An an därselwechter Zäit koumen ongeféier 3.400 Abiergerungen.

Dat heescht, anescht ausgedréckt, dass dee Pourcentage vu Leit, déi hei wunnen, déi kee Lëtzebuerger Pass hunn, weiderhi klëmmt. Elo si mer bei 47%. An dee wäert och duerch dat neit Nationalitéitegesetz, wann d'Dynamik vun der Ekonomie esou bleift wéi se ass, beschtefalls emol an engem Joer stabel bleiwen. Dass den Trend kéint réckleefeg ginn, dovunner ass a priori, mengen ech, mat de Fakte vun haut net auszegoen. Dat soen ech haut net fir d'Éischt. Dat hunn ech schonn op e puer Plaze gesot, mä dat soll een, mengen ech, fairerweis och hei dofir widderhuelen.

Dat neit Gesetz wäert awer eng ganz Rei grouss Neierunge bréngen an déi sinn och schonn zum Deel genannt ginn. Déi Éischt ass natierlech den Droit du sol an der éischter Generatioun - wat eigentlech net ganz richteg ass, mä kommt, mir bleiwe bei där Terminologie. Mir hunn en haut schonn am Gesetz bei der zweeter Generatioun, elo kënnt en och nach derbäi an der éischter Generatioun. Et ass mat Sécherheet déi eenzel Mesure, déi déi meescht Auswierkunge wäert hunn. Et ass déi Dispositioun, déi déi meescht Fäll vun Abiergerung wäert an Zukunft hei zu Lëtzebuerg generéieren, a si gëllt ab dem 1. Abrëll, wann d'Gesetz a Kraaft trëtt.

D'technesch Preparatiounen um Niveau vun de Gemenge lafen, hunn ech mer de Moien nach eng Kéier bestätege gelooss, ganz gutt, zesumme mam CTIE vum Stat, zesumme mam Syvicol, mam SIGI an och mat der Stad Lëtzebuerg. An nom Stand vun haut schéngt alles drop hinzedeiten, dass dat nom 1. Abrëll och um techneschen Niveau misst klappen. Ech paken Holz un an hoffen, dass et dobäi bleift. Dat ass mat Sécherheet déi Mesure, déi am meeschte bréngt.

Mä aner Mesurë sinn och wichteg, wéi déi, dass mer de Cours de mieux vivre ensemble stäerken, dass mer dat andeele ronderëm engersäits d'Grondrechter, e Modull vu sechs Stonnen, anerersäits eis kommunal a staatlech Institutiounen, dass een d'Land also versteet an déi Wäerter, déi et hei gëtt, versteet, déi Wäerter, déi mer deelen. Well dat ass jo och dat, wat e Land ausmécht, wat eng Gesellschaft ausmécht: Dat ass net eng Additioun vun administrativen Dokumenter, mä dat sinn déi Wäerter, déi een deelt, ronderëm déi ee sech fanne kann: Gesellschaftswäerter, Wäerter ronderëm d'Rechtsstaatlechkeet, dat, wat mer mussen héichhalen.

An den drëtte Modull ronderëm d'Lëtzebuerger Geschicht an awer och d'Geschicht vun der Integratioun vu Lëtzebuerg an der Europäescher Unioun, dat wëlle mer verstäerken. An ech mengen, dass dat och e ganz wichtege Punkt ass.

Zu der Sprooch, déi haut jo och vill am Mëttelpunkt stoung vun den eenzelnen Interventiounen, do wëll ech lech och, léif Kolleeginnen a Kolleegen, op een Ëmstand opmierksam maachen: Wann een d'Debatten haut an awer och an der Vergaangenheet e bësse suivéiert huet - déi awer och op deem dote Punkt ganz sachlech gefouert gi sinn, an ech mengen och, dass dat déi richteg Aart a Weis ass, fir dat ze diskutéieren -, da stelle mer fest, dass mer beim aktuelle Gesetz, wou mer zwou Exigenzen hunn, A2 am aktive Schwätzen a B1 am Verstoen, dass mer op deem éischte Kritär - wat soll ee schwätze kënnen? - vun déi Lénk bis ADR eigentlech e Konsens hunn. Keng Partei huet gemengt, dass dat, wat ee schwätze soll, anescht sollt goen.

Den ADR hat an enger méi spéider Phas vun deene Gespréicher gesot: „Mir kéinten eis eigentlech och virstellen, dass et zweemol B1 wier, mä wann et bei A2 bleift, domat kënne mer och liewen."

An dat ass jo dat Erstaunlecht bei der Debatt hei am Land: Mir si vun déi Lénk bis ADR all der Meenung, dass dat, wat ee schwätze soll, A2-Niveau ass. An da kréie mer eng Diskussioun iwwert de Stellewäert vun der Sprooch op deem zweete Kritär - et ass just do, wou mer eis net eens sinn - ronderëm de B1.

Dobäi si mir dat eenzegt Land an der Europäescher Unioun, wat bei der Abiergerung zwee Sproochekritäre virgesäit. All déi aner Länner hunn ee Sproochekritär, näämlech deen, wat ee soll schwätze kënnen. Mir sinn dat eenzegt wat en zweeten huet, well all déi aner Länner erausfonnt hunn, dass, wann een e bestëmmten Niveau schwätzt, da versteet een och en aneren Niveau, deen an der Regel méi héich ass. Dofir si mir déi Eenzeg, déi dat hunn.

(Interruption par M. Roy Reding)

Dach, Här Reding, dat ass esou. Dat ass e Fakt, dat hu mer recherchéiert. Mir sinn dat eenzegt Land an der Europäescher Unioun, dat zwee Sproochenniveaue verlaangt.

Mir hunn eis awer - obwuel et ënnerschiddlech Positioune gouf, d'CSV hat och zweemol A2 proposéiert - schlussendlech kënne fannen op engem Sproochenniveau, deen engersäits sécherstellt, dass deen haitegen Niveau, wéi mer en am Gesetz kennen, am Fong bestoe bleift. Mir ginn do net erof, et bleift bei A2 a bei B1.

Doduerch dass mer kënne kompenséieren, doduerch dass mer kënnen an den Examen den Aménagement raisonnable aféieren, komme mer zu där Flexibilitéit an der Applikatioun vun där Sproochenexigenz, déi et erlaabt, dass mer fir vill méi Leit e fairen an e gerechten Zougang zu der Abiergerung kënne kréien. An ech mengen, dass mer dat och esou richteg gemaach hunn.

Den Här Baum ass op déi Dispositioun agaangen, déi intermédiaire war, vun den aacht Joer an den 100 Stonnen. Dir wësst, dass ech perséinlech där Meenung och sinn. Ech muss awer soen, ech hat an all deene Gespréicher do e schwéiere Stand an dat huet e Grond: Well dee Virschlag do stoung a kengem Wahlprogramm, net vun de Gréngen, net vun de Lénken, net vun der CSV.

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

Et war eng perséinlech Iddi vu mir, déi ech do an d'Gespréich bruecht hunn, vun där ech nach ëmmer iwwerzeegt sinn, dass se hätt kënne ganz vill Positives brëngen. Mä wann natierlech keng Partei dat an hirem Wahlprogramm hat, dann huet een e schwéiere Stand an deenen Diskussiounen. Iwwregens huet och keng Asbl an hunn och anerer dat net gefuerdert, déi doten Dispositioun.

Dat war eng genuin nei Iddi, en neie Virschlag. An deen ass net op ganz vill Géigeléift gestouss, soudass ech à regret hu missen agesinn, dass ech déi Iddi do net kéint duerchsetzen, och wann ech nach ëmmer mengen, dass et eng gutt Iddi ass. Mä ofgesi vun deem dote Punkt, mengen ech, brauche mer keng Regreten ze hunn.

An der Sproocheregelung, déi mer elo hunn, ass dat, wat mer haut am Projet de loi stoen hunn, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eigentlech souguer méi favorabel wéi dat, wat am initiale Projet de loi vun der Regierung stoung. Do hunn also d'Konsensgespréicher dozou gefouert, dass mer eng méi favorabel Regelung haut hu wéi dat, wat virdrun drastoung. Wann een dat genee kuckt, da fënnt een dat och eraus, dass dat esou ass.

Här President, ech wëll zum Schluss kommen - a mech dann och u meng Riedezäit halen -, just fir nach eng Kéier all deene Merci ze soen, déi haut dësem Text wäerten zoustëmmen. D'Kolleege vun der ADR hu gesot, wéi eng Punkte si net kënne matdroen, obwuel si och mat där Sproocheregelung konnte liewen, A2 - B1, déi och nach ëmmer am Text steet. Ech mengen, do sinn dann aner Divergenzen, déi ech esou zur Kenntnis huelen.

Mä dësen Text ass op jiddwer Fall e ganz wichtegen Text. Eng vu sengen Ambitioune war dès le départ, dass mer et dann elo géife fäerdegbrëngen, fir eis als Land eng länger Zäit net méi musse mat der Nationalitéitefro ze beschäftegen. 2001 hu mer e Gesetz gestëmmt, 2008, fir d'Drëtt 2017. An dertëscht gouf et nach e Regierungs-Projet-de-loi, also eng véierte Kéier.

Ech hoffen, dass mer mat dësem breede Konsens a mat engem Text, deen en däitleche Fortschrëtt wäert brénge par rapport zum haitegen Text, eis dann an Zukunft elo eng länger Zäit net méi musse mat dëser Fro beschäftegen, wëssend, dass dat net fir d'Éiwegkeet ass, well d'Gesellschaft ännert sech. Den Alex Bodry huet dat développéiert, an ech deelen dat. D'Gesellschaft entwéckelt sech weider an da wäerten och dës Froen an Zukunft nach eng Kéier anescht beliicht ginn. Mä fir haut hunn ech eng grouss Satisfaktioun.

An, Här President, erlaabt mer ganz zum Schluss just ee perséinlecht Wuert, fir ze soen, an Dir wësst dat: Ech gehéieren zu deenen hei am Land, an et sinn der vill, déi net mam Lëtzebuerger Pass op d'Welt komm sinn, déi d'Sprooch, wéi de Pétitionnaire Lucien Welter gesot huet, net „mat der Mammemëllech" kritt hunn, mä éischter mat den Oueren dobaussen, an dee se huet musse léieren.

Dir hutt mer virun e puer Joer d'Vertraue ginn, de Justizminister kënnen hei zu Lëtzebuerg ze sinn. An et ass net ouni Emotioun, dass ech soe wëll, dass ech houfreg sinn, d'Chance kritt ze hunn, an dësem Land dierfen opzewuessen, wou et engem Immigrantekand erlaabt ass, d'Nationalitéit mat lech dierfen ze diskutéieren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Justizminister. Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun iwwert déi zwee Gesetzer.

Mir si saiséiert mat enger Serie vun aacht Amendementer, déi vun der ADR abruecht gi sinn, wou ech dervun ausginn, dass se motivéiert sinn. Ech wollt d'Fro stellen, ob dozou Wuertmeldunge sinn.

(Négation)

Ech mengen, si wäre schonn an der Kommissioun diskutéiert an och schonn eng éischte Kéier ofgestëmmt ginn. Mä dat ännert awer näischt dorun, dass jiddwereen d'Recht huet, déi Amendementen nach eng Kéier an ëffentlecher Sëtzung ze presentéieren an zur Ofstëmmung ze brëngen.

Ech géif da proposéieren, dass mer noeneen iwwert déi verschidden Amendementen ofstëmmen. Déi, déi mat den Amendementen d'accord sinn, stëmme mat Jo.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Dat gëtt eenzel gemaach. Et si jo verschidden Amendementen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Nee, ech explizéieren elo just, wéi een zu deenen eenzelnen ofzestëmmen huet. Also, déi, déi mat deene jeeweilegen Amendementen d'accord sinn, stëmme mat Jo, an déi, déi net mat den Amendementen d'accord sinn, stëmme mat Nee.

Amendement 1

Ech géif fir d'Éischt iwwert den Amendement 1 ofstëmme loossen, deen als Objet huet, de Punkt 1 vum Artikel 6 ofzeänneren an e Punkt 3 derbäizesetzen.

Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmmung fänkt elo un. Dann d'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

3-mol Jo, 57-mol Nee. Domat ass deen éischten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Amendement 2

Mir kënnen dann direkt zum zweeten Amendement iwwergoen, wou de Punkt 3 vum Artikel 14 ofgeännert soll ginn.

Vote sur l'amendement 2

An och hei ass elo d'Ofstëmmung lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Datselwecht Resultat: 3-mol Jo, 57-mol Nee. Domat ass den Amendement 2 ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gilles Baum), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Amendement 3

Mir kommen dann zum nächsten Amendement, deen am Artikel 15 (2) den zweeten an den drëtte Paragraf wëllt ofänneren.

Vote sur l'amendement 3

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

3-mol Jo, 57-mol Nee. Domat ass den drëtten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Amendement 4

Mir kommen zum véierten Amendement, deen d'Artikele 24, 25, 29, 30 an 31 betrëfft an do de Punkt 3 ofännere wëllt.

Vote sur l'amendement 4

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An ech kann de Vott elo ofschléissen.

3-mol Jo, 57-mol Nee. Domat ass den Amendement 4 ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Amendement 5

Mir kommen zum Amendement 5, deen de Punkt 3 vum Artikel 26 wëllt ofänneren.

Vote sur l'amendement 5

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. A mir sinn um Enn vun der Ofstëmmung ukomm.

3-mol Jo, 57-mol Nee. Domat ass den Amendement 5 ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Amendement 6

Mir géifen dann zum Amendement 6 iwwergoen, deen am Artikel 27 d'Wierder «dont la langue véhiculaire est le luxembourgeois;» wëllt bäisetzen.

Vote sur l'amendement 6

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

3-mol Jo, 57-mol Nee. Domat ass den Amendement 6 ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Amendement 7

Mir géifen dann zum Amendement 7 iwwergoen, deen als Objet huet, den Artikel 28 ze sträichen.

Vote sur l'amendement 7

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. A mir hunn alleguer ofgestëmmt.

3-mol Jo, 57-mol Nee. Domat ass och den Amendement 7 ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Amendement 8

A mir géifen dann zum aachten Amendement kommen, deen den Artikel 62 mat engem Punkt 3 wëllt ergänzen.

Vote sur l'amendement 8

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

3-mol Jo, 57-mol Nee. Domat ass och den Amendement 8 verworf. Dat heescht, mir bleiwe bei deem Text, wéi e vun der Kommissioun presentéiert ginn ass.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen,

Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir kënnen dann elo iwwert de gesamte Projet 6977 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6977 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Et ass also den Ensembel vum Projet iwwert d'Nationalitéit. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Do ass d'Resultat ëmgedréit: 57-mol Jo an 3-mol Nee. Domat ass de Projet 6977 iwwert d'Nationalitéit mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Octavie Modert), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gilles Baum), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6974 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6974 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An och hei hu mer elo alleguer ofgestëmmt.

An d'Resultat ass datselwecht wéi beim viregte Projet: 57-mol Jo… Ah nee, net 3-mol Nee, mä 3-mol Abstentioun. Domat ass och de Projet 6974 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Gëtt och hei d'Chamber de Go, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, deen zousätzlech Garantië wëllt bei der Procédure pénale schafen. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

4. 6758 - Projet de loi renforçant les garanties procédurales en matière pénale portant:

- transposition de la directive 2010/64/UE du 20 octobre 2010 relative au droit à l'interprétation et à la traduction dans le cadre des procédures pénales;

- transposition de la directive 2012/13/UE du 22 mai 2012 relative au droit à l'information dans le cadre des procédures pénales;

- transposition de la directive 2013/48/UE du 22 octobre 2013 relative au droit d'accès à un avocat dans le cadre des procédures pénales et des procédures relatives au mandat d'arrêt européen, au droit d'informer un tiers dès la privation de liberté et au droit des personnes privées de liberté de communiquer avec des tiers et avec les autorités consulaires;

- transposition de la directive 2012/29/UE du 25 octobre 2012 établissant des normes minimales concernant les droits, le soutien et la protection des victimes de la criminalité;

- changement de l'intitulé du Code d'instruction criminelle en «Code de procédure pénale»;

- modification:

- du Code de procédure pénale;

- du Code pénal;

- de la loi du 7 juillet 1971 portant en matière répressive et administrative, institution d'experts, de traducteurs et d'interprètes assermentés;

- de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

- de la loi modifiée du 20 juin 2001 sur l'extradition;

- de la loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne

Rapport de la Commission juridique

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi huet als Zil, d'Prozedursgarantien am Strofrecht ze verstäerken. Alles dréit sech ëm d'Rechter vun der Défense - vun der Verteidegung -, d'Rechter vun deenen, déi am Verdacht sti respektiv ugeklot sinn, eng Strofdot vollbruecht ze hunn, d'Rechter vun den Affer och. Et ass also e wichtege Projet, well en eigentlech den Nerv behandelt vun eise Strofprozesser a vun eiser Instruction pénale.

Formal gesi geet et hei haaptsächlech ëm d'Transpositioun vun insgesamt véier Direktiven, déi op d'Joren 2010, 2012 an 2013 zréckginn. Si ginn also an nationaalt, an d'Lëtzebuerger Recht mat deem heite Gesetz ëmgesat. D'Texter vun eiser Strofprozessuerdnung ginn ofgeännert a vervollstännegt, an dat an engem net onwesentleche Mooss.

Déi éischt siichtbar Konsequenz vun deem heite Gesetzesprojet wäert sinn, dass mer eis vun eisem ale Code d'instruction criminelle verabschiden, deen ëmgedeeft gëtt an den „Code de procédure pénale", well dat och éischter déi richteg Terme si par rapport zu deem kodifizéierten Text, well dee geet jo méi wäit wéi déi eigentlech Instruction criminelle.

Mä hannert där Titelännerung verstoppt sech nach vill Inhaltleches. Si ass also nëmmen d'Spëtz vum Äisbierg, wann ech dat kann esou soen. Fundamental Änderunge vun enger Rei vu Regele vun eise Strofrechtsprozeduren, all ouni Ausnam am Sënn vun enger moderner Justiz, bei där de Justiciabel zousätzlech Rechter zougestane kritt, fir och d'Rechter vun der Défense, d'Rechter vum Affer eropzesetzen, alles dat gëtt gestäerkt am Sënn vun engem faire Prozess. Et geet hei ëm eng fair Strofinstruktioun an e faire Strofprozess.

Duerfir hu bis elo eng Rei vu Regele gesuergt, déi mir hei zu Lëtzebuerg an eisem nationale Recht an eisem ale Code d'instruction criminelle stoen hunn, mä awer och Jurisprudenzen. Notamment Jurisprudenze vun dem Europäesche Geriichtshaff vun de Mënscherechter hunn derzou gefouert, dass déi besteeënd textuell Garantien, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, eigentlech och schonn elo ausgedeent si ginn an der Praxis, fir ebe sécherzestellen, dass déi Aart a Weis, wéi hei zu Lëtzebuerg penal Instruktioune verlafen, am Sënn si vun deene Rechter, déi garantéiert sinn, och duerch d'Europäesch Konventioun vun de Mënscherechter. An et ass déi Europäesch Konventioun vun de Mënscherechter an déi Jurisprudenz, déi sech drop grefféiert huet, déi och Grondlag war, de Point de départ war vun deenen europäeschen Direktiven, déi mer haut probéieren an eist Nationalrecht ëmzesetzen.

D'Recht op e faire Prozess, op eng fair Instruktioun beinhalt d'Recht op de Bäistand vun engem Affekot, an dat praktesch vun Ufank un, souguer scho bei enger Enquête préliminaire. De fräien Zougang zum Dossier, d'Recht op d'Traduktioun vun de wichtegste Pièce vun enger Instruktioun, d'Recht op d'Interpretatioun bei mëndlechen Unhéierunge vu Verdächtegen a vu Beschëllegten, e Statut vum Affer, dat zousätzlech Rechter zougesprach kritt, an en Astig iwwert deen heiten Text an déi sougenannt Justice réparatrice oder restaurative, alles dat ass innerhalb vun dësem Gesetzesprojet, deen also net wäert ouni gréisser praktesch Auswierkungen op den Oflaf vun eise Strofinstruktioune bleiwen.

E stäerkt d'Situatioun vun der Verteidegung, erméiglecht fair Enquêten a Strofprozesser, bréngt awer och de Risiko vu Prozedurkricher, vu Verlängerungen, vun Instruktiounsprozeduren an och de Risiko vun Annullatioune vun Deeler vun Instruktioune mat sech. Däers muss ee sech bewosst sinn. An den Ae vun der Kommissioun ass et awer esou, dass mer der Meenung sinn, dass een, fir déi grouss Prinzipien ze realiséieren, och déi dote méiglech Risike muss bereet sinn a Kaf ze huelen, well de Prinzip einfach dee richtegen ass: De Prinzip vun enger fairer Instruktioun a vun engem faire Strofprozess.

Käschtenneutral wäert deen heiten Text och net sinn. De Minister huet eis an der zoustänneger juristescher Kommissioun och matgedeelt, wéi mer eng éischte Kéier doriwwer diskutéiert hunn, dass d'Regierung dovunner ausgeet, dass de Budgetsimpakt eleng vun den Iwwersetzungskäschten, also Traduktioun wéi och Interpretatioun, mat aacht bis zéng Milliounen Euro kéint zu Buch schloen. Dat ass net näischt!

De Projet de loi ass den 23. Dezember 2014 vum Justizminister Braz deponéiert ginn. Den éischten Avis koum vum Statsrot den 2. Juni 2015. D'Regierung huet eng Rei vun Amendementen agereecht, fir deem Avis vum Statsrot Rechnung ze droen, fir awer och déi véiert Direktiv iwwert d'Rechter vun den Affer och nach mat iwwert deen heite Gesetzesprojet an d'Nationalrecht ze iwwerdroen. An d'juristesch Kommissioun huet sech eng éischte Kéier am Juni 2016 mat deem Projet befaasst, huet selwer zwee Amendementen eragereecht. Et goufen zwee Avis complémentaires vum Statsrot. A mäi Rapport ass de 25. Januar dëst Joer vun der Commission juridique ugeholl ginn.

Mir hunn, wéi mer eis Aarbechtsmethod an der Kommissioun definéiert hunn, dervun ofgesinn, fir hei en detailléierten Examen Artikel fir Artikel ze maachen, wat eng méiglech Optioun gewiescht wär. Mir hunn dovunner ofgesinn, well mer festgestallt hunn, dass de Regierungsprojet a senger ursprünglecher wéi och a senger amendéierter Form déi europäesch Direktive respektéiert, deelweis iwwert déi Direktive souguer an eenzelne Punkten erausgeet, wat d'Protektioun vun de Rechter vum Justiciabel ugeet, well déi Direktiv jo nëmme minimal Protektiounen a Strofprozesser an Instruktioune garantéiert. Dësen Text ass och zu 100% konform zum Text an zu der Jurisprudenz vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun an hire Geriichter.

Virun allem ass awer och deen heiten Text d'Resultat vun enger breeder Konzertatioun, déi am Virfeld gefouert ginn ass an déi och zum Deel vläicht erkläert, firwat déi Transpositioun vun deenen Texter hei mat engem gewëssene Retard geschitt: well déi Texter vun dem Projet hei d'Resultat si vun den Aarbechte vun engem Aarbechtsgrupp, deen agesat ginn ass ënnert der Féierung vum Justizministère, wou awer och de Parquet général, de Parquet vun Dikrech a vu Lëtzebuerg, wou de Cabinet d'instruction, d'Police judiciaire wéi och de Barreau vertratt waren.

Also all wichteg Akteuren, déi mat där doter Matière ze dinn hunn, hu mat un deem heiten Text geschafft, wou et drëm gaangen ass, méi en allgemengen Text vun der Direktiv och wierklech relativ detailléiert a prezis an eise Code d'instruction criminelle, an Zukunft genannt „Code de procédure pénale", ze integréieren.

Dat war keng einfach Aufgab, well d'Texter vun enger Direktiv sinn dat eent, a se dann anzefügen an der Kohärenz vun engem besteeënde Code hei zu Lëtzebuerg, dat ass eppes aneschters. A selbstverständlech bleiwen och nach ëmmer déi eng oder aner Punkten, wou Interpretatiounsspillraum besteet. Et war net méiglech - an déi aner Länner, déi et ëmgesat hunn, wéi d'Fransousen, hunn dat och net fäerdegbruecht -, fir all Interpretatiounsspillraum hei erauszekréien. Mä et ass wierklech probéiert ginn, esou prezis wéi méiglech déi eenzel prinzipiell Regelen hei an d'nationaalt Recht ze verankeren.

Ech hunn et schonn ugedeit: Dës Ëmsetzung an Nationalrecht war iwwerfälleg, well déi véier Direktiven hätte misse respektiv de 27. Oktober 2013, den 2. Juni 2014, de 16. November 2015 an de 27. November 2016 an eist Lëtzebuerger Recht ëmgesat ginn.

Well dat net geschitt ass, ass et awer bis elo esou gewiescht, dass déi Texter vun der Direktiv schonn deelweis Applikatioun fonnt hunn hei zu Lëtzebuerg, well et no der allgemeng gülteger Jurisprudenz op europäeschem Plang jo esou ass, dass, wann en Direktivtext prezis genuch ass, fir eng Application directe ze kréien - wann den Délai de transposition ëmgesat (veuillez lire: ofgelaf) ass -, da mussen eis Geriichter och deen Text vun der Direktiv applizéieren do, wou en ebe kloer genuch ass.

An dat ass net an alle Punkten de Fall gewiescht, mä awer op ville Punkten de Fall gewiescht, wat déi Direktiven hei ugeet, soudass also och schonn eis Geriichter an deene leschten zwee, dräi Joer d'Geleeënheet haten, fir déi Texter deelweis schonn ëmzesetzen an et och schonn zu Jurisprudenzen eigentlech opgrond vun deenen Direktiven net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och an anere Länner komm ass, déi och Schwieregkeeten haten, déi Texter an den Délaien an hiert nationaalt Recht ze iwwerhuelen.

Soudass een also net ka soen, dass doduerjer d'Rechter vun der Verteidegung, d'Rechter vun den Affer wierklech fundamental geschmälert gi wären, duerch dee Retard an der Transpositioun. Nach si mer eis eens, dass et ideal wär, wa mer all déi europäesch Texter, zemools wann et ëm Rechter vun eenzelne Leit geet, géifen an de virgeschriwwenen Délaien ëmsetzen.

A wann ee mierkt, dass een dat net fäerdegbréngt, da wären d'Länner vun der EU gutt beroden, fir aner Transpositiounsdélaien an d'Direktiven dann eranzesetzen, déi vläicht e bësse méi realistesch wäre wéi déi, déi schlussendlech festgehale gi sinn.

De Parquet général hat och Suerg, fir eben déi uniform Applikatioun vun deenen Direktivtexter elo schonn an deene leschte Joren ze respektéieren doduerjer, dass en eng Rei vun Instruktiounen erausginn huet, dass en eng Nott erausginn huet och un déi zoustänneg Instanzen, wou en erkläert huet, wat d'Haaptregele vun deenen Direktive sinn, notamment wat d'Interrogatoiren ugeet, wat d'Recht op Informatioun ugeet, dat deen eenzelne Bierger huet, deen entweder Affer ass respektiv eng Strofdot gemaach huet. An dat ass also och grosso modo an där leschter Zäit scho respektéiert ginn. Hei geet et drëm, dozou ze verflichten an dat prezis an eis Gesetzgebung ze integréieren.

An deem zweeten Deel vu mengem mëndleche Rapport wëll ech kuerz déi wichtegst nei Regelen ëmräissen. Fir de Rescht, mengen ech, verweisen ech op mäi schréftleche Rapport respektiv och op déi relativ exhaustiv Documentparlementairen, déi mer bei deem heite Projet de loi zur Verfügung hunn.

Ech wëll fir d'Éischt iwwert d'Victimme schwätzen, ier ech dann op déi nei prozedural Garantien aginn, déi fir verdächtegt oder ugeklot Délinquanten an Zukunft gëllen.

Wat d'Victimmen ugeet, do geet et ëm eng Direktiv vun 2012, déi mer hei ëmsetzen. Do geet et drëm, fir d'Rechter vun den Affer vu Strofdoten ze garantéieren. Si mussen iwwer